

INFO °02 19 BLAT

Den analytesche Bericht vun der Stad Déifferdeng

GEMENGEROTSSÄTZUNG
VUM 6. MÄERZ 2019

Résumé des séances

Séance du 15 mai 2019

Séance du 3 avril 2019

Séance du 5 mars 2019

Séance du 30 janvier 2019

Séance du 14 décembre 2018

Séance du 5 décembre 2018

Séance du 21 novembre 2018

Séance du 17 octobre 2018

Séance du 12 septembre 2018

Séance du 11 juillet 2018

Séance du 4 juin 2018

Séance du 25 avril 2018

Séance du 7 mars 2018

Séance du 22 janvier 2018

Séance du 10 janvier 2018

Séance du 5 janvier 2018

Séance du 13 décembre 2017

Séance du 20 novembre 2017

Conseil communal du 15 mai 2019

Conseillers présents

Robert Traversini (bourgeois, dS gréng), Tom Lüsling (1^{er} échelon, CSV), Georges Lüsling (échelon, dS gréng), Laura Progne (échelon, dS gréng), Robert Manger (échelon, CSV), Paul Amstutz (dS gréng), Guy Alenxich (LSAP), Fred Bertinelli (LSAP), Christiane Brusch-Rausch (dS gréng), Gary Dalmich (dS gréng), Serge Giffert (LSAP), Jerry Hartung (CSV), Priska Meisch (DP), Eray Müller (LSAP), Yvonne Riehm (dS gréng), AH Hürken (KPL), Christiana Sturt (DP), Pierre Schwarzen (dS gréng), Guy Timpels (CSV)

Ordre du jour

1. Communications du collège des bourgmestres et échevins.

▶ 11:09

2. Projets communaux

- a. Réaménagement sportif (part d'usage) et nouvelle qualification d'usage privative entre la RNSI à Nieder Korn et la Chiers (part communale) - plans et devis, article budgétaire 429/22131/16013 ;
- b. HIDE - Ecole internationale à Differdange, bâtiment primaire - plans, devis et liste de préinvestissement, article budgétaire 429/22131/16013 ;

▶ 11:16

3. Plan d'aménagement général et projets d'aménagement particuliers: modification ponctuelle d'un plan d'aménagement particulier au lieu dit «Machendahl» à Nieder Korn conformément aux dispositions de l'article 60bis de la loi modifiée du 9 juillet 2004, concernant l'aménagement communal et le développement urbain.

▶ 11:16

Infos & renseignements



Liens rapides

[Agenda](#)

[Annuaire](#)

[Contact citoyen](#)

[Demandes administratives](#)

[Formulaire administratif](#)

[Galerie photos](#)

[Informations](#)

L'AUDIO DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL EST DISPONIBLE SUR WWW.DIFFERDANGE.LU.

INFO BLAT^{02 19}

COMPTE-RENDU DU 6 MARS 2019

4-52

DÉMARCHES ADMINISTRATIVES

53-54

ÉDITEUR Administration communale de la Ville de Differdange, B.P. 12, L-4501 Differdange
Tél.: 58 77 1-11 | F. 58 77 1-1210 | www.differdange.lu | mail@differdange.lu

RÉALISATION Service média et communication

IMPRIMEUR Imprimerie Heintz, Pétange

TIRAGE 10 000 exemplaires

© **PHOTOS** Couverture: Rita Noël

INFOBLAT imprimé sur du papier 100 % recyclé
L'INFOBLAT est distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Differdange.

ÉDITION 02/2019, ISSN: 1561-7262, titre clé: Informationsblatt

F Ville de Differdange

SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU MERCREDI 6 MARS 2019

CONSEILLERS PRÉSENTS

Roberto Traversini, bourgmestre (déi gréng)
Tom Ulveling, 1^{er} échevin (CSV)
Georges Liesch, échevin (déi gréng)
Laura Pregno, échevine (déi gréng)
Robert Mangen, échevin (CSV)
Paulo Aguiar (déi gréng)
Guy Altmeisch (LSAP)
Gary Diderich (déi Lénk)
Serge Goffinet (LSAP)

Jerry Hartung (CSV)
François Meisch (DP)
Erny Muller (LSAP)
Yvonne Richartz-Nilles (déi gréng)
Ali Ruckert (KPL)
Christiane Saeul (DP)
Fränz Schwachtgen (déi gréng)
Guy Tempels (CSV)

Absents/excusés: Fred Bertinelli (LSAP), Christiane Brassel-Rausch (déi gréng)

ORDRE DU JOUR SÉANCE PUBLIQUE

1. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
2. Projet d'aménagement général et projets d'aménagement particuliers: projet d'aménagement particulier «Rue des Celtes» à Niederkorn – convention.
3. Projets communaux: travaux d'aménagement du bâtiment B du 1535° Creative Hub – plans et devis, article budgétaire 4/493/221311/16001.
4. Finances communales: comptes administratifs et de gestion des exercices 2016 et 2017.
5. Office social de Differdange: comptes des exercices 2016 et 2017.
6. Actes et conventions:
 - a. Vente de terrains labourables et boisés d'une contenance totale de 94,25 a aux lieudits «Tinnesgrundchen» et «Auf de Graeven» et «Auf dem Boemerchen» à Differdange;
 - b. Vente d'une maison unifamiliale avec garage, place et parties de terrains au lieudit «Balcon» et «Rue Principale» à Lasauvage;
 - c. Vente d'une maison unifamiliale avec jardin au lieudit «Avenue Charlotte» à Differdange;
 - d. Vente d'un terrain d'une superficie de 0,59 a au lieudit «Rue du Verger» à Niederkorn;
 - e. Contrat de bail pour l'exploitation de l'hôtel-restaurant Le Presbytère à Lasauvage;
 - f. Deux nouveaux contrats de bail et un 1^{er} avenant à un contrat de bail d'un espace dans le bâtiment du 1535° Creative Hub;
 - g. Contrat de bail d'un local commercial situé au no 14 rue Michel-Rodange à Differdange;
7. Règlements communaux:
 - a. Règlement de circulation – modifications;
 - b. Règlements temporaires de circulation.
8. Changements au sein des commissions consultatives.
9. Motion ayant pour objet la construction et la gérance d'une structure d'accueil pour animaux abandonnés dans la commune de Differdange.
10. Questions.

1. Communications

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

constate la bonne humeur des conseillers et espère que cela continuera pendant toute la séance. Il excuse M^{me} Christiane Brassel-Rausch, qui est absente.

(Interruption)

Roberto Traversini regrette que M. Bertinelli soit malade.

FRANÇOIS MEISCH (DP) introduit deux questions au collège échevinal.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) n'y voit pas d'inconvénient.

Il ajoute qu'une motion et des questions écrites ont été déposées. Il passe aux communications. Le collège échevinal a remis le PPF 2019 aux conseillers communaux.

M. Ulveling a deux communications à faire.

TOM ULVELING (CSV) explique qu'un flyer concernant la réunion d'information portant sur le HPMA sera distribué, car l'évènement n'a pas été communiqué dans le magazine. La réunion aura lieu lundi prochain à 19 h. Le directeur général du HPMA exposera sa vision du CHEM. Les flyers seront distribués jeudi.

Tom Ulveling informe ensuite les conseillers communaux du fait que le quatrième étage de l'hôtel de ville ne sera pas construit. Les couts sont prohibitifs. Par ailleurs, le bâtiment devra être assaini. Le collège échevinal privilégie désormais la construction d'une annexe autour de l'hôtel de ville. Elle permettra de centraliser tous les services communaux dispersés à travers Differdange. De cette façon, les citoyens ne devront plus courir à droite et à gauche,

Le projet des conteneurs sur le parking de la rue Pierre-Gansen a aussi été abandonné. Le prix se situait entre 3,5 et 4,2 millions d'euros. Le collège échevinal préconise désormais d'augmenter légèrement les effectifs des classes et d'utiliser au mieux les salles disponibles.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Schéine gudde Moien. Ech gesinn, d'Laun ass gutt. Hoffentlech bleift se dee ganze Moien esou. D'Christiane Rausch-Brassel wëll ech entschëllegen.

ENG STÉMM:

Den Här Bertinelli ass krank.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat ass schued. Den Här Bertinellis Fred dann och. Mir géifen direkt ufänke mat eiser Sëtzung.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Här Buergermeeschter ...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Ech wollt zwou Froen umellen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ganz gären.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dir gesitt, de Moien ass eng Motioun erakomm. Et sinn och schrëftlech Froen erakomm. Wann Der wëllt, maache mer dat zum Schluss.

Mir kommen zu de Kommunikatiounen. Mir deelen Iech mat, datt mer Iech de PPF 2019-2022 virgeluecht hunn. An den Här Ulveling huet och nach zwou Kommunikatioune matzedeelen.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Dräi, Här Buergermeeschter. Éischtens wëll ech Iech informéieren, dass mer déi Konferenz iwwert den HPMA, wou mer Iech versprach haten, vergiess haten, an den Déifferdenger Magazin ze setzen. Dofir ginn elo Flyere verdeelt. Ech wëll Iech soen, si ass schonn den nächste Méindeg um 19 Auer. De Generaldirekter vum HPMA explizéiert seng Vuen, respektiv wou mer wëllen higoe mam HPMA respektiv mam CHEM.

Dat ass am Ale Stadhaus um 19 Auer. D'Flyere gi muer verdeelt.

Déi zweet Saach ass: Ech wollt de Conseil informéieren, dass mer dee Projet, fir hei um Stadhaus ee Stack drop ze bauen, dass mer deen opginn hunn. No laangem Hin an Hier hu mer endlech e Präis kritt fir déi Saach – an dat war jenseits von Gut und Böse.

Dat war vill ze deier fir déi wéineg Plaz, déi am Fong geschaaft hätt kënne ginn. Donieft musse mer eis bewosst sinn – dat ware mer eis zwar scho virdu bewosst –, dass mer dat Gebai hei iergendwann eng Kéier musse sanéieren, well dat nach ni gemaach ginn ass.

Mir sinn elo am Gaangen, e Bäibau ze plangen. Deen am Fong hannert respektiv ronderëm dat heite Gebai wäert gebaut ginn. Dat géif eis erméiglechen, sämtlech Servicer, déi mer elo iwwer ganz Déifferdeng verspreet hunn, erëm hei an der Gemeng ze zentraliséieren. Wat mengen ech eng gutt Saach wier. Fir dass d'Leit net mussen, wa se e Problem hunn oder heihinner plënnere, riets a lénks lafen, fir alles an d'Rei ze maachen.

Déi aner Informatioun ass de Projet vun de Containeren, déi mer virgesinn haten an der rue Pierre Gansen um Parking. Deen hu mer och opginn. De Präis war tëscht 3,5 a 4,2 Milliounen Euro.

Déi Saach hu mer nei analyséiert a konnten eng Léisung elo emol fannen. Fir de Klasseneffectif liicht eropzesetzen, respektiv déi Klassen, déi eidel stinn oder deelweis net genotzt sinn, besser ze notzen. Fir dass do wierklech eng optimal Notzung vun eidelstoende

2. Rue des Celtes /3. 1535° Creative Hub

Klassesäll ass. Soudass een einstweilen do derlaanscht kënnt.

Dann hätte mer héchstens nach e Problem am Schouljoer 2020/2021, wou mer da musse kucken. Mä deen ass awer net esou grav, wéi et ugekënnegt ginn ass. Soudass mer awer, mengen ech, gutt dinn, dee Projet do vun 3,5 Milliounen Euro net ze realiséieren. Well dat eis d'Méiglechkeet gëtt, déi Suen anzwousch anescht anzesetzen.

Dat war dat, wat ech Iech wollt soen, fir dass Der um leschte Stand sidd vun eise Planungen. Ech soe Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. De leschte Punkt, do wëll ech nach soen, den Här Diderich hat do Froe gestallt. Mir wäerten um Schluss vun der Versammlung nach dorobber ze schwätze kommen.

Da wollt ech Iech nach matdeelen, de Punkt sechs, e Kontrakt mam Exploitant vum Hotel-Restaurant zu Lasauvage, wëlte mer vum Ordre du jour huelen. Do ass eng Pièce, déi mer versprach kritt hunn, déi bis haut nach net erakomm ass. Dee géife mer dann am Abrëll erëm dropsetzen. Wann Der domadder averstane sidd? Ech soen Iech Merci.

Le conseil communal décide à l'unanimité de retirer le contrat de bail pour l'exploitation de l'hôtel-restaurant Le Presbytère à Lasauvage de l'ordre du jour.

Da géife mer zum zweete Punkt kommen, e PAP an der rue des Celtes. Här Liesch, w.e.gl.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Dat ass e PAP, dee mer d'lescht Joer schonn am Gemengerot gestëmmt hunn, deen och scho vum Ministère approuvéiert ginn ass. Dat hei ass just d'Konventioun, déi mer mat deene maachen. E ganz kleng PAP an der rue des Celtes, wou et ëm zwee Eefamilljen-

haiser geet. D'Partie écrite ass deementsprechend relativ kleng.

Mir verzichten op déi üblech 25% Cessiou, well den Terrain dat net géif hierginn. Soss steet am Fong näischt Extraes dran, ausser dass den Delai 12 Méint ass, wou dat gültig ass. Wou mer drageschriwwen hunn, dass déi Aarbechte bannent 12 Méint mussen ugefaange ginn, soss ass dat heite caduc.

Soss gëtt et net vill dozou ze soen. De Projet wäert Der wahrscheinlech nach kennen, an der rue des Celtes, vun deenen zwee Eefamilljenhaiser.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Gëtt et dozou Froen? Nee. Da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention relative au projet d'aménagement particulier « Rue des Celtes » à Niederkorn.

Villmools Merci. Den drëtten Punkt ass ee vun den Haaptpunkten haut um Ordre du jour. Ech nennen dat d'Kiischt um Kuch. Dir wësst jo ganz genau, wat am 1535° an de leschte Jore geschitt ass. De Bâtiment A an de Bâtiment C si sou gutt wéi fäerdeg. Et sinn nach Klenggekeeten dran ze maachen. An et kommen andauernd nei Iddien. Hei geet et ëm de Bâtiment B, wou mer an där Philosophie, wéi mer bis elo dra geschafft hunn, wëlle weiderfueren. Et ass e groussen Invest. Den Här Ulveling wäert Iech méi dozou soen.

Ech wëll hei op deser Plaz dem Ekonomiesministère nach eng Kéier Merci soen, haaptsächlech der Madamm Francine Closener, déi eis erlaabt, deen Invest do weiderzeféieren. Well ouni d'Madamm Closener, mengen ech, hätte mer vun der Regierung net vill kritt. Et muss een hei nach eng Kéier ënnersträichen, datt mer 2017, 2018 an elo 2019 am Ganzen néng Milliounen Euro kritt hunn. Ech wëll dee Merci awer nach eng Kéier hei soen. Här Ulveling, w.e.gl.

En revanche, il faudra trouver une solution pour la rentrée 2020-2021. Le problème n'était pas aussi grave que prévu, la commune fait bien d'économiser 3,5 millions d'euros, qui pourront être utilisés différemment.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

constate que M. Diderich a posé des questions sur lesquelles le collège échevinal reviendra en fin de séance.

Le point 6 de l'ordre du jour est reporté à avril. En effet, une pièce concernant le contrat portant sur l'hôtel-restaurant à Lasauvage n'a pas encore été remise.

Roberto Traversini passe au point 2, le PAP dans la rue des Celtes.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)

précise que le PAP a déjà été approuvé par le conseil communal et le ministère. Le point d'aujourd'hui porte sur la convention. Il est question de deux maisons unifamiliales. La commune renonce à la cession de 25 % du terrain, car celui-ci est trop petit.

Les travaux de construction devront commencer endéans 12 mois; autrement, la convention deviendra caduque.

Pour le reste, Georges Liesch suppose que les conseillers communaux connaissent le projet. (Vote)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

passé au troisième point, la cerise sur le gâteau de l'ordre du jour. Il rappelle que les bâtiments A et C du 1535° sont pratiquement finis. Aujourd'hui, il est question du bâtiment B. Roberto Traversini remercie le ministère de l'Économie — et particulièrement M^{me} Francine Closener sans laquelle la Ville de Differdange n'aurait pas touché de subvention substantielle, alors qu'en 2017, 2018 et 2019, elle a finalement obtenu neuf-millions d'euros.

3. 1535° Creative Hub

TOM ULVELING (CSV) souligne l'importance de ce projet. Le bâtiment B, situé entre le A et le C, doit être rénové.

Carvalho Architects gèrent le projet, Bered s'occupe de la statique et Dal Zotto & Associés des mesures anti-incendies. Le bureau d'ingénieurs est Schleich. Stefano Beni est l'ingénieur communal travaillant sur le projet.

Le projet a été présenté aux conseillers communaux il y a quelques semaines. Malheureusement, seuls quelques-uns ont assisté à la réunion.

La surface totale se monte à 1911 m²: un espace de création de 557 m² et un hall polyvalent de 529 m². Le hall polyvalent servira à tourner des films ou des clips pour les musiciens du Sonotron. Il pourra aussi accueillir des représentations théâtrales ou un marché.

L'équipement technique sera aménagé au premier étage sur 260 m². Si le collège échevinal avait décidé de l'aménager sur deux étages, il aurait été impossible de maintenir le bâtiment dans son état actuel. Il aurait fallu soit le démolir, soit le transformer pour le rendre conforme.

Trois faces resteront telles qu'elles sont. La quatrième, en face de la Schräinerei, sera écologique. Au rez-de-chaussée seront aménagés des box avec une grande vitrine.

Le devis s'élève à 5 962 000 €.

Le bâtiment sera aménagé selon le principe de « box in the box ». L'aspect des années 1970 à 1974 sera conservé. L'espace de création se composera de 4 box de 69 m² et de 2 box de 144 m². La taille des box est cependant modulable. Le bâtiment appartient à la classe énergétique B.

La salle polyvalente ne sera pas chauffée en permanence. En effet, la chaufferie n'est pas adaptée à un tel volume. La salle a une capacité de 500 personnes et pourra être utilisée par des clubs, des troupes de théâtre ou pour organiser un marché.

Selon l'ITM, la résistance au feu doit être de trente minutes. Les poutres devront être renforcées.

Tom Ulveling demande au conseil communal d'approuver les travaux qui permettront d'achever le site.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, et ass e wichtege Projet, wéi den Här Buergermeeschter elo grad gesot huet. Den Hall B, dat Gebai tëschent dem A an dem C, wat an der Mëtt steet, soll elo renovéiert respektiv kënne benotzt ginn. Den Architekt op deem Projet ass Carvalhoarchitects. De Statiker ass d'Firma bered. Den technesche Büro ass Dal Zotto & Associés. An de Brandschutzexpert war den Ingenieurbüro Schleich. Eisen hausinternen Ingenieur, deem drop schafft, ass den Här Beni Stefano.

Mir haten Iech virun e puer Wochen eng Versammlung ugebueden, wou de Projet virgestallt gi war, op der Plaz mat den Architekten. Leider waren nëmmen eng Handvoll vun Iech do. Dofir erklären ech elo e bësse méi am Detail, ëm wat et do geet.

Et ass eng Surface totale vun 1.911 Quadratmeter brut. Et entstinn zwee Hallen. Een Espace, wat mer nennen Espace création, vu 557 Quadratmeter an een Hall polyvalent vu 529 Quadratmeter.

Den Hall polyvalent ass geduecht, fir eventuell Filmer, Kulissen, Clippen ze dréie vu Museker, déi am Sonotron prouwen. Et kann een Theaterprouwen do ofhalen. Et kann een e Maart do ofhalen. Déi Hal gëtt brut gelooss. Et kënnt just eng Isolatioun dran. Ech kommen nach drop zrëck. Do ass also keng Bühnentechnik an esou virgesinn.

Déi ganz Technik kënnt op de sougenannten éischte Stack, op 260 Quadratmeter. Dir wäert mech duerno froen, firwat mer dat alles net op zwee Stäck ausbauen. Well dat heissen ass alles um Parterre. Mä dat ass ganz einfach, well mer Brandschutzoplage kritt hunn.

Wa mer dat géifen op zwee Stäck maachen, da wär et praktesch onméiglech, déi Hal esou an där Form ze halen, wéi se do ass. Dat heescht, et hätt een déi praktesch missen ofrappen, respektiv et hätt een esou vill Sue missen dran investéieren, fir dat 60 Minutte brandschutzfest ze kréien. Wat wirtschaftlech am Fong kee Sënn gemaach hätt.

Vun de Fassade bleiwen der dräi bestoen, sou wéi se elo sinn. Déi véiert ass déi vis-à-vis vun der Schräinerei an do kënnt eng Aart begrängt Fassad. Ënnendrenner komme Boxen hin. Dat erklären ech Iech nach. Déi Boxen, déi hunn eng grouss Vitrinn vir mat enger Dier, wou een erageet. Déi Face muss extra traitéiert ginn, während déi aner esou brut bleiwen, wéi se sech de Moment presentéieren.

Dee ganzen Devis beleeft sech op 5.962.000 Euro.

Wat geschitt elo genau? Um Site gëtt eng Depollutioun gemaach. Den Existenz gëtt renovéiert. Et ass de Prinzip vun „the box in the box“, deem do wäert entstoen. Den Aspect vun de Joren 1970 bis 1974 soll bestoe bleiwen.

D'Hal 1, dat wat mer den Espace création nennen, besteet aus aacht respektiv sechs Boxen. Well mer decidéiert hunn, dass mer zwou méi grouss Boxe maachen a véier méi klenger. Dat ass modulabel. Dat heescht, aus där grousser kann een zwou méi klenger maachen, dann huet een nach ëmmer datselwecht. Dat sinn zweemol 144 Quadratmeter a véiermol 69 Quadratmeter. Dat Ganzt ass an enger Energieklass B virgesinn, déi och ventiléiert ass.

Den Hall 2, hat ech Iech gesot, ass déi sougenannt Salle polyvalente. Dee Sall gëtt nëmmen temperéiert, dee gëtt also net gehëtzt, also zumindest net dauernd gehëtzt. Dat wär e fuerchtbaren Opwand. An déi Anlagen, déi mer de Moment do hunn, géifen dat net packen. D'Chauffagerie ass net ausgeluecht, fir esou e grouss Volumen dauernd ze hëtzen.

D'Hal 2 huet e Kommodo Klass 2. Do kënne bis zu 500 Leit erakommen. Ech hat Iech gesot, firwat et alles geduecht ass. Ënner anerem fir Clippen, Theater, eventuell fir emol e Maart oder esou eppes do ze organiséieren. Et geet haaptsächlech drëm, dass een do dréche sëtzt, dass een net total erfréiert.

Déi ganz Stabilitéit, laut ITM, muss 30 Minutte Résistance au feu halen. Dofir mussen eis Putteren, Träger deelweis verstärkt ginn, deelweis ëmmantelt gi mat enger feierofweiser Substanz.

3. 1535° Creative Hub

Wann Dir dat hei stëmmt, wat ech jo hoffen, wär dat eng gutt Saach. Well dann hätte mer dee ganze Site fäerdeg. Da kéinte mer am Abrëll 2019 ufänken. A mir rechnen, dass mer am Dezember 2020 wäerte fäerdeg sinn.

Dat war dat, wat ech wollt soen. Wann Dir nach Froen hutt, da kënnt Der déi natierlech stellen. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci, Här Ulveling. Här Muller, ganz gären.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Dir Dammen an Häre vum Schäfte-rot, léif Kolleege aus dem Gemeng-rot, bei dësem Gebai B handelt et sech ëm de fréiere Siloschapp vun der ARBED. Wou an der Haaptsaach feierfest Material gelagert war fir d'Ausmauerung vun de Konverter, Stolposchen an dargläichen am Stolwierk.

Déi zwou Hale si mat Hal 1 an Hal 2 an de Pläng agedroen. Laut Plang, a wéi schonn erkläert duerch de responsabele Schaffen, kommen an d'Hal 1, Sait Bâtiment A, dat heescht d'Schränerei, sechs Espacë mat am Ganze 557 Quadratmeter fir Locatioun.

Nei ass hei eng Visibilitéit an en direkten Accès vun alle sechs Espacen, direkt vu baussen. Déi néideg Sanitär-raum, dat heescht Toilette fir déi zwou Halen, ginn och hei ageriicht. D'Hal 2 ass u sech e grouse Volume mat 529 Quadratmeter Grondfläch. D'Héicht vun der Hal bleift no bannen op. Déi soll als Espace polyvalent déngen.

De gesamte Käschtepunkt beleeft sech op 5.962.000 Euro, wat en enorme Chiffer ass.

Mir hätten heizou e puer Bemierkungen a Froen ze stellen. Éischtens, zum Layout allgemeng. Et fält op, dass an der Hal 1 mat sechs Espacen, ech géif emol soe vu mëttlerer Taille, véiermol 69 Quadratmeter, an zwee vu méi groussen Atelier-crétif, relativ wéineg Aktivitéitsfläch entsteet vis-à-vis vun deem grouse Volume vun der Hal.

Leider konnt hei net op zwee Niveaue geplangt ginn, aus Grënn, déi den Här Ulveling gesot huet, vun Autorisatiounen. Wat sécherlech e bessere Rendement bruecht hätt. Mir hätten d'Zomm vun den Espacë kënne verduebeln, amplaz dass mer elo iwwert den Ateliereen e groussen onbenotzte Volumen hunn.

Déi sechs Lokaler hunn eng Glaswand mat direktem Accès vu baussen. Wat Ausstellungs- a Verkafsraum erméiglecht. All Lokal huet eng zousätzlech eege Sanitärzell.

Firwat ass hei net en Espace commun, eng sougenannten Zone de rencontre, wéi se an deenen anere Gebaier besteet, ageriicht ginn?

Zweet Fro, betreffend den Espace polyvalent an der Hal 2: Fir wat fir Aktivitéit soll dësen Espace genotzt ginn? Dir hutt schonn eng Partie opgeléicht. Ass hei eng Analys iwwert d'Bedürfnisse vun den ugestriefften Aktivitéit gemach ginn? An och, a wat fir engem Kader déi solle sinn? Sollen déi am Kader vun de Kreativ-Beräicher sinn? Oder kënnen och aner Méiglechkeeten do geschaaft ginn?

Dozou hat déi Responsabel vum 1535° eis verschidden Erklärungen ginn. Dir kënnt dat vläicht nach eng Kéier hei erwänen, wat do ofgemaach ginn ass. Och mam Comité de sélection an och dem Ekonomiesministère.

Et handelt sech au départ ëm eng net gehéizten Hal, Dir hutt et gesot. Wou elo awer soll mat sougenannten Aerothärm bestéckt ginn, fir d'Loft opzehëtzen. Als Käschtepunkt dofir sinn 90.000 Euro am Devis virgesinn. Mir wëssen allgemeng, dass esou Aerothermen an der Reegel zimlech vill Kaméidi maachen. Wat da gewësse Manifestatiounen géif ausschléissen.

Duerfir eis Meenung: Soll ee sech net nach eng Kéier Gedanke maachen, fir en optimalen Heizsystem anzesetzen, par rapport zu deenen néidegen Nutzungsvarianten, déi een do plangt? Ech mengen, wann een au départ seet, dat do ass et, an herno kënnt een awer dann domat, datt een eng ganz Partie Saache misst ausschléissen, solle mer dann net vläicht probéieren, nach eng Kéier ze kucken, ob et aner Alternative

Les travaux commenceront en avril 2019 et se termineront en décembre 2020.

Tom Ulveling répondra aux questions s'il en reste.

ERNY MULLER (LSAP) explique que le bâtiment B constitue l'ancienne remise à silos de l'Arbed, où était stocké le matériel résistant au feu. Sur les plans, il est question des halles 1 et 2. La halle 1, celle du côté de la Schränerei, se compose de six espaces à louer de 557 m² en tout. Les six espaces seront visibles et accessibles de l'extérieur. C'est également dans cette halle que se situeront les toilettes. La halle 2 fait 529 m².

Les frais se montent à 5 962 000 €. Erny Muller constate que la halle 1 ne contiendra que peu d'espace pour les activités par rapport à son volume total. Malheureusement, il s'est révélé impossible de planifier les ateliers sur deux étages, car il manquait les autorisations. C'est la raison pour laquelle un volume conséquent restera inutilisé.

Les six locaux disposent d'une paroi de verre en guise d'accès ainsi que d'un bloc sanitaire.

Erny Muller demande pourquoi aucun espace commun n'est prévu dans ce bâtiment. Il voudrait aussi savoir quelles activités sont prévues dans l'espace polyvalent. Une analyse des besoins a-t-elle été effectuée? S'agira-t-il uniquement d'activités créatives? La responsable du 1535° a donné quelques explications à Erny Muller. Mais le collègue échevinal pourrait-il communiquer ce qui a été décidé avec le comité de sélection et le ministère de l'Économie?

La halle ne sera pas chauffée, mais disposera d'aérothermes pour 90 000 €. Erny Muller sait que ces appareils font du bruit. Ne vaudrait-il pas mieux prévoir un système de chauffage optimal? Chercher des alternatives pour réduire les nuisances sonores?

3. 1535° Creative Hub

Le devis se monte à quelque 6 millions d'euros, soit 3119,83 € par m². C'est cher quand on sait que le prix au m² était de 1200 € pour les bâtiments A et C. Une rentabilité sur trente ans est improbable.

Les honoraires se montent à 597126 € hors TVA, soit 12 % du montant total – dont 374000 € uniquement pour l'architecte. C'est beaucoup pour un travail relativement facile.

Une façade sera végétalisée. Pour le reste, l'aspect extérieur sera conservé autant que possible.

Le collège échevinal a-t-il étudié la possibilité d'installer un système photovoltaïque sur le toit ou sur une des surfaces verticales? Erny Muller suppose que cela entraînerait des problèmes de statique, car les surfaces sont énormes. Il faudrait aussi refaire le toit.

Pour conclure, Erny Muller ne se fait pas de soucis concernant les six espaces de la halle 1, car ils seront loués à terme. En revanche, l'exploitation de l'espace polyvalent constitue un défi pour l'administration du 1535° Creative Hub.

Les socialistes ne sont pas entièrement satisfaits du dossier, mais approuveront les plans et le devis.

Erny Muller en profite pour remercier à son tour M^{me} Closener. Le bourgmestre et le collège échevinal ont eu fort à faire pour obtenir le soutien du ministère de l'Économie et M^{me} Closener l'a finalement accordé.

(Discussions et rires)

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG) rappelle que l'orientation stratégique et la mission du 1535° ont été consolidées par la convention avec le ministère de l'Économie.

L'objectif du 1535°, lancé par la Ville de Differdange, est de stimuler le déploiement combiné de la créativité, de l'innovation et de l'entrepreneuriat sous toutes ses formes et de créer une plateforme interrégionale pour les industries créatives à différents niveaux de maturité et de développement.

gëtt? Wéi een do ka virgoen, fir awer och déi Geräischbelaaschtungen do auszuschléissen. Well Dir hutt do e puer Saachen opgezeechent, déi dat kënne bestärken.

Drëttens zum Käschtepunkt vum Gesamtprojet. Mat ronn sechs Milliounen Euro hu mer en Invest, deen eis – mir hunn et am Devis –, 3.119,83 Euro pro Quadratmeter ze stoe kënnt. Wat ganz héich ass. Mir erënneren drun, dass de mëttlere Metercarréspräis vun de Gebaier A an C bei 1.200 Euro de Metercarré louch. Eng Rentabiliséierung op déi ugestriefften 30 Joer schéngt hei éischter onwahrscheinlech.

Da fält eis op, hu mir ee Service mat 597.126 Euro, ech schwätzen hei hors TVA. Dat mécht ëmmerhin 12% vum Gesamtkäschtepunkt aus. Dovun eleng 374.000 Euro oder 7,48% fir den Architect. Wat mir trotzdem e bësse staark fannen, par rapport zu dësem, ech wëll et emol esou formuléieren, dach relativ einfachen Optrag.

Véiertens, d'Alentouren an d'Fassaden: Et ass eng vertikal Fassadabegrëngung virgesinn. Fir de Rescht gëtt den Aspect extérieur – an ech mengen dat ass och wichteg bei deem Projet do – am gesamte Projet bäibehalen. Dat heescht déi zwou Halen, dee sougenannte fréiere Schapp gëtt wäitgoendst an där Form bestoe gelooss.

Hei wollt ech just froen: Eng Begrëngung hate mer gesinn, mä ass do d'Méiglechkeet, zum Beispill, vun enger Photovoltaik um Daach oder vläicht enger vertikaler Fläch ënnersicht ginn? Ech huelen un, dass hei statesch Problemer sinn. Mä ass dru geduecht ginn, fir dat eventuell ze notzen? Well dat sinn enorm grouss Flächen.

Dozou gehéiert natierlech och d'Daacherneierung an esou weider, wéi mer jo gesinn hunn. Wat jo awer och e relativen Opwand ass.

Zum Schluss, fënneftens, eis Konklusiounen. Wann ee sech keng Suerge brauch ze maachen iwwert déi sechs Espacen an der Hal 1, déi à terme verlount ginn, da kënnt mam Espace polyvalent eng nei Erausforderung op d'Verwaltung vum 1535° Creative Hub zou, well et enorm wichteg ass, dëse

groussen Espace optimal a sënnvoll ze exploitéieren.

Ganz zefridde kënne mer mat dësem Dossier net sinn. D'LSAP stëmmt trotzdem d'Pläng an den Devis, fir dass mer een dach reusséierte Gesamtprojet vun der Rekonversioun vun deenen dräi Gebaier A, B a C kënne ofschléissen.

Zousätzlech wollt ech och, wéi den Här Buergermeeschter – well ech jo och do nach mat am Boot souz –, der Madamm Closener, dee Moment vum Ekonomiesministère, e grouse Merci soen. Well effektiv, wéi gesot no laangem, huet de Buergermeeschter an och dee ganze Schäfferot, vill Hiewel a Bewegung gesat a sech laang do beméit, eng Ënnerstützung ze kréien. A schlussendlech huet d'Madamm Closener eis déi zougestanen. Dofir nach eng Kéier e grouse Merci. Iech soen ech Merci fir d'Nolauschteren.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Här Muller. Ech wëll Iech just erënneren, Dir sëtzt nach ëmmer mat am Boot.

(Diskussiounen a Gelaachs)

Här Paulo Aguiar, w.e.gl.

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Häre vum Schäfferot, Kolleegen, l'orientation stratégique et la mission de 1535° ont été consolidées par la convention de cofinancement approuvée unanimement par le conseil communal en novembre 2017.

Il est à rappeler que la Ville a lancé le projet du 1535°, dont l'objectif est notamment de stimuler le déploiement combiné de la créativité, de l'innovation et de l'entrepreneuriat sous toutes ses formes, et de créer une plateforme interrégionale pour les industries créatives. Il accueille dans ses locaux des entrepreneurs et des entreprises à différents stades de développement et de maturité, issus d'une grande variété de secteurs d'activités culturelles et artistiques en relevant l'industrie créative.

3. 1535° Creative Hub

La Ville est chargée de la détermination de la politique de sélection des locataires et des loyers, incluant notamment la mise en place d'une politique de prix de loyers appropriée, l'obligation d'assurer une diversité parmi les locataires et la détermination d'un nombre de critères objectifs qui seront utilisés afin de sélectionner les futures locataires dans le but de réaliser la politique culturelle et de diversification économique en lien avec le secteur des industries créatives. Et également la création d'un comité de sélection indépendant.

Les industries créatives désignent toute industrie qui a pour origine la créativité individuelle, l'habileté et le talent. Et qui a le potentiel de produire de la richesse et de l'emploi à travers la création et l'exploitation de la propriété intellectuelle. Cette définition, l'une des plus larges qui existe aujourd'hui, identifie 13 domaines d'activités économiques décrivant les industries créatives parmi lesquelles l'architecture, l'artisanat, les logiciels interactifs, de loisirs, le marché de l'art et d'antiquité.

Le 1535° compte aujourd'hui plus de 200 sociétés et environ 484 emplois. Ce qui fait 6,8 % du secteur des industries créatives nationales avec un taux de coopération de 80 %.

En 2016, la Ville de Differdange gagnait le « Bauhärepräis » pour le 1535° dans les catégories suivantes : la catégorie 5, « Bâtiment à vocation administrative/lieu de travail/santé » : la Ville de Differdange et Carvalhoarchitects. Ce projet était salué pour la qualité de l'intervention dans l'existant.

Elle a également gagné le prix spécial du courage récompensant un maître d'ouvrage ayant attribué une mission à un bureau jeune et sans les références attendues. Je cite le commentaire du jury : « Pour le courage d'attribuer ce grand projet du 1535° Creative Hub bâtiment A à un bureau jeune ».

En 2017, Carvalhoarchitects a été nommé au prestigieux Mies van der Rohe Award pour leur approche sensible par rapport au patrimoine industriel.

Le Luxembourg dispose de 258 infrastructures culturelles générales dans

101 communes et six régions, dont seulement une est dédiée à la création et à la répétition des arts du spectacle, la Banannefabrik.

Je cite un extrait de leur page web : « C'est en 1995 que s'est établie l'association États d'urgence, qui s'est mobilisée pour la renaissance et la transformation de la Banannefabrik en lieu de création et d'expression culturelle. Notamment un objectif a servi de moteur principal pour les initiatives engagées par États d'urgence au niveau de l'État : créer un espace de répétition – quelque chose qui fait défaut encore aujourd'hui dans tout le pays. »

L'idée de garder un hall de création de grande envergure dans une des moitiés du bâtiment a été saluée. Bien que le Luxembourg ait un large nombre de salles de spectacle, seuls très peu de lieux offrent une possibilité de développement et d'innovation de créations professionnelles, de répétition, de construction scénographique sur des périodes déterminées comme au 1535°.

Ce projet apporte davantage de créativité à Differdange et sera sans doute un apport à notre ville et à notre pays. Nous saluons le travail et l'engagement des acteurs, des fonctionnaires et des responsables pour le travail effectué et nous approuvons les travaux d'aménagement du bâtiment B du 1535° Creative Hub.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Aguiar. Här Meisch François, w.e.gl.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Merci. Dir Dammen an Dir Hären, wéi vun Ufank un, sti mir weiderhin zum Projet Kreativfabrik.

Just Bedenken äusseren ech zum Hal 2, wat d'Heizung ugeet. Ech hoffen, datt dat awer nach vläicht kéint iwwerdu-echt ginn. Ech ka mer herno net virstellen, wann do e Clip gedréit gëtt, an et dauscht hannendrun, dat ass bestëmmt net ideal. Oder et kritt een et net uerdentlech gehëtzt, an da muss ee mat der Jackett do ronderëm lafen. Ech hoffen,

La Ville de Differdange se charge de sélectionner les locataires sur la base de critères objectifs et de mettre en place une politique des loyers adaptée.

Paulo Aguiar définit ensuite l'industrie créative comme l'industrie ayant pour origine la créativité individuelle, l'habileté et le talent, et ayant le potentiel de produire de la richesse et de l'emploi. L'architecture, l'artisanat, l'art ou l'antiquité font par exemple partie des industries créatives.

Le 1535° compte aujourd'hui plus de 62 sociétés et environ 484 emplois. Cela représente 6,8 % du secteur des industries créatives nationales.

En 2016, la Ville de Differdange a remporté le « Bauhärepräis » pour 1535°. Ont été récompensés la qualité du travail sur l'existant et le courage d'avoir attribué le grand projet du bâtiment A du 1535° à un bureau jeune: Carvalho Architects.

Le Luxembourg dispose de 258 infrastructures culturelles générales, dont une, la Banannefabrik, est dédiée aux arts du spectacle et a pour objectif de mettre à disposition un espace de répétitions. Paulo Aguiar rappelle qu'en 1995, l'association États d'urgence s'est mobilisée pour la renaissance de la Banannefabrik.

L'idée d'aménager une grande halle de création est bonne, car si le Luxembourg compte de nombreuses salles de spectacle, peu permettent d'innover, de créer ou de répéter comme ce sera le cas au 1535°.

Paulo Aguiar salue le travail et l'engagement de tous ceux impliqués dans ce projet.

FRANÇOIS MEISCH (DP) rappelle que les démocrates soutiennent la fabrique créative depuis le début.

La question du chauffage dans la halle 2 l'inquiète cependant. Tourner un clip alors qu'il y a du bruit n'est pas idéal. Devoir porter un manteau parce qu'il fait froid non plus. François Meisch espère que le système correspondra aux besoins.

3. 1535° Creative Hub

Le prix est élevé, mais les démoscrates approuveront le devis.

GUY TEMPELS (CSV) signale que le bâtiment B est la pièce manquante du projet du 1535°. Quatre ateliers de soixante-neuf mètres carrés et deux ateliers de cent-quarante mètres carrés avec une vitrine sur le devant seront construits. Le local au-dessus des ateliers ne pourra pas être aménagé pour des raisons de statique et de protection antiincendie. La halle 2 sera isolée. On pourra y tourner des films ou y réaliser des projets similaires.

Le projet n'est pas bon marché. Guy Tempels souligne cependant le fait que les besoins existent. Par ailleurs, l'État soutient le projet. Il annonce que le CSV approuvera le devis.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) salue ce projet et rappelle que déi Lénk a toujours soutenu le 1535° même s'il se montre parfois critique.

L'objectif du projet du bâtiment B consiste à créer des espaces pour les créatifs. Parmi les éléments nouveaux figure la paroi vitrée, qui valorise aussi l'extérieur. L'espace entre les bâtiments deviendra plus agréable et les gens pourront s'y rencontrer alors que cela est plus difficile dans les couloirs des bâtiments.

Gary Diderich salue aussi la décision de ne pas démolir la halle même si cela empêche l'aménagement d'un deuxième étage. Comme l'a dit M. Aguiar, la commune investit dans l'existant et le valorise. En ce qui concerne la halle, Gary Diderich souligne l'approche pragmatique consistant à ne pas aménager simplement une halle polyvalente supplémentaire, mais d'en faire un vaste local pouvant par exemple être utilisé par l'industrie cinématographique.

Comment la halle doit-elle être gérée? Qui s'occupera de la location? Combien de travail cela représente-t-il pour le personnel? À combien les loyers se monteront-ils?

datt dat awer e System ass, deem trotzdeem dat bréngt, wat mer brauchen.

Wat de Präis ugeet, deem ass ganz héich. Trotzdeem stëmme mir als Demokratesch Partei deem Devis hei mat. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Här Meisch. Här Tempels, w.e.gl.

GUY TEMPELS (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen an Hären, de Bâtiment B am 1535° ass dat lescht Puzzelstéck an dësem dach flotte Projet. Fir knapps sechs Milliounen Euro kommen an d'Hal 1 sechs Ateliers hin, véier vun 69 Quadratmeter an zwee méi Grousser vun 140 Quadratmeter. Alleguerter mat enger Vitrinne no vir, wou d'Fassad wäert begrénzt ginn.

Mir hätten eis gewënscht, dass de fräie Raum iwwert dem Atelier och kéint genotzt ginn. Ass awer, wéi eis erkläert ginn ass, vun der Statik an dem Brandschutz hier net machbar. D'Hal 2 hanner de sechs Ateliere gëtt einfach gehalten an och elo isoléiert. Wat mir begreissen. Hei kënne Filmproduktiounen oder ähnlech Projete stattfannen. Et soll eng gewëssen Nofro gi fir esou Sitzen.

Trotzdeem en net bëllege Projet. Mir sollen eis awer bewosst sinn, datt Nofro dofir do ass. An datt mir och den Engagement vum Staat op dësem Site net därfe vergiessen. D'CSV stëmmt mat Jo. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Här Tempels. Här Diderich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kollegen a Kolleginnen aus dem Gemengrot, als déi Lénk begrësse mir dëse Projet, wéi mer och de 1535° ëmmer ënnerstëtzt hunn. Wa mer dat och ëm-

mer kritesch begleet hunn an Ureegung bruecht hunn an Nofro gemach hunn.

Zum Projet, dem Bâtiment B. Et sinn elo scho vill Detailler gesot ginn. Et geet drëm, weider Espacen ze kreéieren, fir dass méi Kreativschaffender Ateliere kréien. Hei ass en neit Element, dass do eng Vitrinne no baussen ass. Wat deem ganze Site, grad wéi der Hal, nach Puzzelstécker bäigëtt, déi wichteg sinn.

Domadder gëtt och de Raum bausse valoriséiert. Den Espace tëschent de Gebaier gëtt méi schéin, kritt méi Sënn a wäert hoffentlech zu enger Plaz ginn, wou Leit sech begéien. Wat an den Ateliere oder an de Gänge mueren de Fall ass. Well een awer mengt, do wär engem seng Plaz net, wann een do duerg d'Gebai géif lafen, einfach als Gaascht. An deem Sënn begrësse mir dat Konzept.

An och, dass de Choix geholl ginn ass, d'Hal stoen ze loossen. Woumat zwar mueren aus dem Terrain erauszuheelen ass, andeems ee leider keen zweete Stack ka bauen. Mä dat ass dann esou. Dofir gëtt awer weiderhin op deem Site op den Existant gebaut an dee valoriséiert. Wat den Här Aguiar schonn ervirgehuewen huet, dass dat och duerg Präisser valoriséiert ginn ass.

Wat d'Hal ugeet, denken ech, ass eng relativ pragmatesch Approche geholl ginn, eben do elo net eng x-ten Hal ze maachen, wou fir alles gesuergt ass an an engem Sënn fir näischt gesuergt ass. Mä et ass einfach e Raum do. Esou Raim ginn zum Beispill an der Filmindustrie gebraucht. Wou d'Fro sech stellt, fir wéi eng Usagen dat elo nach gemënt ass. Dozou war elo net esou vill gesot ginn. Einfach polyvalent.

Den Här Aguiar huet emol d'Filmindustrie an d'Spill bruecht. Dat weess ech och, dass dat schonn des Ëfteren ugeschnidde ginn ass. Ass dat elo ënner anerem dofir gemënt? Aner Fro sinn: Wéi soll déi Hal geréiert ginn? Wéi gëtt d'Locatioun dovunner gemach? Wéi vill Aarbechtsopwand wäert dat bedeiten fir d'Personal, wat do ass? Respektiv wéi eng Loyere ginn do gefrot? A wat schätzt een do vun Einnahmen eleng mat der Hal?

3. 1535° Creative Hub

Bei den Ateliere ginn ech dovun aus, dass mer bei deem nämmlechte Prinzip si wéi an deenen anere Gebaier. Mä bei der Hal ass jo elo eppes Neies, wou ech awer bis elo nach keng Informatiounen hunn.

Ech muss soen, ech konnt leider net op déi Versammlung kommen. Méindes ass bei mir ëmmer ganz schlecht, respektiv et war och elo net esou laangfristeg ugekënnegt. Mä déi Informatiounen wollt ech kréien a froen, wéi d'Salle polyvalente géif exploitéiert ginn. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Här Diderich. Här Ruckert, w.e.gl.

ALI RUCKERT (KPL):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, als Vertrieeder vun der Kommunistescher Partei wäert ech dee Kredit stëmmen. Et geet jo ëm de Kredit, ëm näischt anescht.

Ech wëll drun erënneren, dass mer als KPL, vum Prinzip hier, ëmmer derfir waren, dass Industriebroche kënne genotzt ginn zu kulturellen Zwecker oder zu neien industriellen Zwecker, fir Déngschtleschtungsbetriber hinzebréngen.

Ech wëll awer och drun erënneren, dass mer am Gemengerot dergéint gestëmmt hunn als Kommunistesch Partei, well d'Gemeng der ArcelorMittal misst 900.000 Euro Loyer bezuele fir déi Halen do. Am Fong hätten déi missten, no allem, wat virdru geschitt ass, esou un d'Gemeng goen, ouni dass eppes bezuelt gi wär.

Ech wëll nach ee Wuert soen zu der Kreativindustrie. Ech wëll drun erënneren, dass déi kreativist Industrie, déi mer jee zu Déifferdeng haten, d'Stolindustrie war an ass.

ENG STËMM:

Richtig.

ALI RUCKERT (KPL):

Wou hei zu Déifferdeng nach ëmmer Greyträger produzéiert ginn. Wou net nëmmen héich qualifiziéiert Leit déi produzéieren, mä wou och e groussen Mehrwert geschaaft gëtt, well e groussen Deel dovun an den Export geet. An dovun natierlech d'Land eppes huet.

Leider, muss ee soen, dass d'Stolhären zesumme mat der Regierung e groussen Demontage vun där Kreativindustrie do gemaach hunn. Soudass leider haut och zu Déifferdeng net méi vill Aarbechtsplazen an deem Beräich do sinn.

Awer nach eng Kéier: Ech wëll als Vertrieeder vun der KPL dee Kredit stëmmen, dass déi Halen, an d'Hal B eng nei Zukunft kritt.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Här Altmeisch, ganz gären.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären, ech schléisse mech der Kritik vum Här Muller un. Muss awer nach Folgendes bemierken: Am Devis ass eng Isolatioun vun der Hal 1 virgesinn, fir insgesamt 141.000 Euro. Wat eng gutt Saach ass. Leider hunn ech festgestallt, dass am Gebai A, wou säit längerer Zäit vill Leit schaffen, esou eng Isolatioun feelt.

Dat huet als Folleg, dass Leit eng elektresch Zousazheizung musse bedriewen, fir net op der Aarbechtsplaz kal ze sëtzen. Dës zousätzlech Elektroheizung si Stroumfriesser an entsprechen net dem Label vun der Gemeng Déifferdeng. Och an deem Gebai misst eng Isolatioun nogerüst ginn, fir d'Aarbechtsbedéngungen ze verbesseren an de Stroumverbrauch ze reduzéieren. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Et goufen e puer Froe gestallt. Den Här Ulveling wäert op all Fro äntwerten. Ech maachen de finan-

Gary Diderich n'a pas pu assister à la réunion d'information dont il a été question tout à l'heure. C'est pourquoi il pose des questions sur l'exploitation de la salle polyvalente.

ALI RUCKERT (KPL) annonce qu'il approuvera le crédit. En principe, les communistes ont toujours soutenu l'idée de recourir aux friches industrielles à des fins culturelles ou pour y établir des prestataires de service.

En revanche, les communistes ont voté contre la location des halles par la commune parce qu'Arcelor-Mittal demandait un loyer de 900 000 €. Compte tenu de tout ce qui était survenu avant, ces halles auraient dû être mises à la disposition de la commune gratuitement.

En ce qui concerne les industries créatives, Ali Ruckert est d'avis que l'industrie la plus créative ayant jamais été implantée à Differdange est celle de l'acier. Il mentionne les poutrelles Grey produites par des gens hautement qualifiés et engendrant une importante plus-value. Malheureusement, le gouvernement a procédé au démontage de cette industrie créative et il ne reste plus beaucoup d'emplois dans ce secteur à Differdange.

Le KPL approuvera le devis pour donner une nouvelle vie à la halle B.

GUY ALTMEISCH (LSAP) s'associe aux propos de M. Muller.

Il ajoute que la halle 1 sera isolée pour 141 000 €. Malheureusement, une telle isolation manque dans le bâtiment A. Les locataires doivent recourir à un chauffage électrique pour ne pas avoir froid. Or ce type de chauffages consomment beaucoup d'énergie. L'isolation devrait par conséquent être améliorée.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) répondra aux questions sur les finances et M. Ulveling reviendra sur les autres points.

3. 1535° Creative Hub

M. Muller a fait plusieurs remarques correctes, mais Roberto Traversini n'est pas d'accord avec ce qu'il a dit concernant l'amortissement.

(Discussions)

Roberto Traversini explique qu'il est du genre avare. En tout, les investissements dans le 1535° se situeront entre 20 et 22 millions d'euros. Si l'on retire les 9 millions d'euros de l'État, il en reste entre 11 et 13. Un amortissement sur vingt ans est donc envisageable. Bref, le 1535° apporte quelque chose à Differdange même sur le plan financier.

Les bâtiments A et C ont coûté entre 1200 € et 1300 € le m². Mais le bâtiment B est une remise et la transformer pour qu'on puisse y travailler coûte cher. C'est pourquoi le prix de 3000 € par m² n'est pas excessif.

Les locataires payent six euros le mètre carré et ils savent qu'ils ne disposent pas de tous les standards. Des travaux d'isolation du toit sont cependant prévus. M. Liesch s'est rendu à l'étranger pour se renseigner au sujet d'un toit végétal.

Le bâtiment B coûterait moins cher si le collègue échevinal avait décidé de le démolir et d'en construire un nouveau.

TOM ULVELING (CSV) donne raison à M. Traversini: pour diminuer les coûts, il aurait fallu construire un nouveau bâtiment. Le prix se monte à 3300 € le m² parce qu'il n'a pas été possible d'aménager un deuxième étage. S'agissant d'une remise, seul le parterre est utilisable.

Si le collègue échevinal avait décidé en plus d'aménager une zone de rencontre, le nombre de mètres carrés et la rentabilité auraient baissé ultérieurement.

ziellen Deel. Dir hutt e puer Saache gesot, déi all richtig sinn. Mä mam Amortissement sinn ech net mat Iech averstannen, Här Muller, wann een dee ganze 1535° kuckt.

(Diskussionen)

Jo, ech kucken et awer global. Ech kucken d'global Chifferen. Dat ass en Deel vu menger alldeelecher Aarbecht, ëmmer knéckeg ze sinn an opzepassen, wou mer d'Suen ausginn. Wa mer iwwert dat Ganzt kucken, wäerte mer herno am Endeffekt tëschent 20 an 22 Milliounen Euro investéiert hunn. Ech loossen dee Sputt, fir net herno eng Kéier ugeneelt ze ginn, ech hätt 20 gesot an et sinn der herno vläicht 21. Wann ee bedenkt, datt een op déi Milliounen néng Milliounen vum Staat kritt, da bleift herno e Solde tëschent 11 an 13 Milliounen Euro fir d'Gemeng.

A wann een dat amortiséiert op 20 Joer, da wäerte mer eis Sue méi wéi erëm hunn, ouni alles dat ze rechnen, wat dat der Stad bréngt. Plus déi Leit, déi do schaffen, plus d'Steieren. Soudatt et ënnert dem Stréch der Stad Déifferdeng herno nach finanziell eppes wäert bréngen, de 1535°. Och Geld. A verschidde Saache si souwisou net mat Geld ze bezuelen.

An Dir hutt Iech bei verschiddene Saache Froe gestallt, an Dir hutt Iech deelweis d'Äntwerte selwer ginn. Firwat hu mer am Bâtiment A an am Bâtiment B esou ee bëllege Präis, wierklech bëlleg, tëschent 1.200 an 1.300 Euro de Metercarré? D'Äntwert ass einfach: De Bâtiment B ass e Schapp. Dat hutt Der selwer gesot. A wann een e Schapp wëll esou maachen, datt een eenegermoossen herno dra schaffe kann, da kascht et eben esou deier.

Wann een dat elo nach héichrechent, wa mer wierklech géifen an deem Devis bleiwen, da leie mer ëm déi 3.000 Euro de Metercarré. Do mengen ech, datt ee sech net dobäi misst schummen.

Här Altmeisch, Är Kritik ass richtig. Mä et muss ee soen, fir déi 1.100-1.200 Euro, déi mer do investéiert hunn, war dat am Fong geholl de Präis. Dat heescht, déi Leit bezuelen deelweis sechs Euro de Metercarré. An déi Leit, déi do schaffen, wëssen, datt se verschidde Standarden net hunn.

Mä Dir hutt recht. Mir sinn am Gaangen ze kucken, fir Isolatiounen ze maachen, awer um Daach. Den Här Liesch war schonn am Ausland Saache kucken, fir do eng Daachbegrëngung ze maachen. Dat géif schonn esou vill méi bréngen. Dat ass richtig. Do bleiwe mer um Ball.

An deen heite Projet wär méi bëlleg ginn – den Här Diderich huet et gesot –, wa mer hei mam Bagger derduerch gefuer wäeren an dann eppes Neies opgebaut hätten. Dat wier doudsécher méi bëlleg ginn a mir hätt wahrscheinlech aner Standarde kritt. Mä dat ass jo eppes, wat mer net wëllen. Mir kënne jo net verlaangen, datt d'Bierger an d'Biergerinnen de Patrimoine schützen sollen a mir fuere mam Bagger dran. Da wier et och méi bëlleg ginn.

Här Ulveling, w.e.gl.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter. Dem Här Diderich seng Analys war ganz pertinent an och richtig. D'Alternativ wär gewiescht, den Här Buergermeeschter huet et elo grad gesot, wann een et gär méi bëlleg gehat hätt, dann hätt een et ofgerappt an et hätt een eppes gebaut, wéi et ebe gepasst hätt. Da wär et méi bëlleg ginn.

Firwat ass et esou héich, 3.300 Euro pro Metercarré? De Präis ass esou héich, well et ebe wéineg Metercarré sinn. Well mer net konnten en zweete Stack bauen. Aus deenen Ursaachen, déi ech virdru gesot hunn. Dee Raum kann een net optimal notzen, wéi een et normalerweis hätt kënne maachen. Well et sech jo awer primär ëm e Schapp handelt. Et kann een nëmmen de Parterre praktesch notzen. Dofir gëtt et dann natierlech en héije Präis. Do ginn ech Iech ganz recht.

Dat anert, wat Der nach gesot hutt, firwat do keng Zone de rencontre hi-komm ass. Mä wa mer nach eng Zone de rencontre gemaach hätten, hätt mer nach manner Metercarré gehat, fir ze verlounen. Da wär de Präis duerno nach méi héich ginn. An den Amortissement respektiv d'Wirtschaftlechkeet wär nach erofgaangen.

4. Finances communales

An ech mengen, mir hunn hei sechs Leit, oder Firmen, déi wäerten do schaffen. An de But ass jo och, dass se sech ënnertenee sollen treffen an anere Gebaier. An deenen anere Gebaier hu mer awer genuch Place-de-rencontren, fir dat doten opzefänken. Well, wéi gesot, wa mer dat nach gemaach hätten, dann hätte mer nach manner kënnen, loosse mer soen, erauszéien, dat mer duerno hätte kënnen verlounen.

Et ass och geschwat gi vun der d'Notzung vun deem Hall polyvalent. Ech mengen, et ass richtig, mä mir hunn eis do berode gelooss vun eiser Chargée de Direction. Déi jo awer gutt Kontakter huet an déi eis seet, dass effektiv an deem Beräich do e Manque ass hei am Lëtzebuerger Land. Mir gesi Synergie mat Sonotron fir Leit, déi do Clippe kënnen maachen. Mir gesi Synergie mat der Filmfabrik, déi do vläicht emol e Film dréien oder esou.

Ech mengen, et muss ee kucken. An et muss een och no e puer Joer de Courage hunn, e Bilan ze maachen. A wann dat net klappt, da kann een nach ëmmer an déi Surface och 'Box in the Box' drasetzen. Dat si jo einfach isoléiert Boxen, déi plus ou moins fäerdeg geliwwert ginn, déi einfach dra gestallt ginn an déi dann deen Espace do kéinte fëllen, wann et wierklech elo net géif fonctionnéieren.

Eng aner Iddi wär zum Beispill eng Kéier en iwwerdaachte Maart do ze maachen. Jee, et sinn Iddien do. Et muss een natierlech kucken, dass een déi elo ënnert d'Leit bréngt, an dass ee Leit fënnt, déi een dofir begeeschtert.

Zum Loyer vun der Locatioun. Dee kennt méi spët. Wa mer de Loyer vun där neier Hall de la Chiers, oder wéi se dann eben heesche wäert, hei erabrénge, da wäerte mer Iech och e Präis proposéieren, fir déi Hal do ze verlounen. Doriwwer hu mer eis u sech nach net direkt Gedanke gemaach.

Eng Photovoltaikanlag op där doter Surface, op deem doten Daach. Also, da misst een alles nach méi verstärken, wéi et ass. Well dat sinn awer relativ grazil, kleng Träger, déi dat Ganzt unhalen. Dat wäert op deem Daach net machbar sinn. Awer vläicht op den Diech vun deene Gebaier niewendrun. Do ass jo den Här Liesch am Gaangen

ze kucken, wat een do ka maachen. Voilà, ech mengen, dat war alles, wat gefrot gi war.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les plans et devis relatifs aux travaux d'aménagement du bâtiment B du 1535° Creative Hub.

Villmools Merci. De véierte Punkt si Comptes administratifs et de gestion vun 2016 an 2017. Dir gesitt, datt mer do gutt geschafft hunn. Dir gesitt och, wat do vun engem Joer op dat anert komm ass, wéi vill Milliounen op eemol méi géréiert gi sinn. Dat ass scho vill.

Am Numm vum Schäfferot op alle Fall, an ech hoffen dann och vum Gemengerot, wëll ech soen, dass eis Leit, déi um Budget schaffen, sief dat um éischte Stack, sief dat um drëtte Stack, eng exemplaresch Aarbecht maachen. Dir gesitt och, wat de Contrôle alles fonnt huet. An ech muss soen, wann een esou Chiffere géréiert, an de Contrôle huet am grouse Ganzen net vill fonnt, da kann ee schonn déi Mercien hei lass ginn. Ech maachen d'Diskussiounsronn op.

Den Här Diderich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Mäi Computer mengt elo, missen nei ze starten. Da probéieren ech, alles aus dem Kapp ze soen. Zu de Comptes administratifs ass et esou, dass mer dat och an der Finanzkommissioun duerchgaange waren. Dat Bild, wat sech do gezechent hat, hat awer manner rosegausgi wéi dat, wat Dir elo gesot hutt.

Do waren eng Rei Beanstandunge gemaach gi vun deene relativ banaalste Saache. Wéi zum Beispill, dass de Classeur mat de Piëcen net onbedéngt direkt do war, net komplett war. An dass net ëmmer de Prinzip vun der véier Ae

Six entreprises vont s'installer dans le bâtiment B. Le but est que les créateurs se rencontrent. Or il y a suffisamment d'espaces communs dans les autres bâtiments.

Pour ce qui est du hall polyvalent, la chargée de direction estime qu'il existe un manque au Luxembourg. Des synergies seront possibles avec le Sonotron et la « Filmfabrik ». Il faudra trouver le courage de dresser un bilan dans un an. Le cas échéant, il sera toujours possible d'aménager le hall selon le concept de « box in the box ». Il s'agit de box isolés que l'on peut placer dans un local. Tom Ulveling suggère aussi la possibilité d'y tenir un marché couvert. Il faudra cependant parvenir à enthousiasmer les gens pour un tel concept.

En ce qui concerne la location, le collège échevinal fera une proposition en même temps que pour la location du nouveau Hall de la Chiers. Pour le moment, le collège échevinal n'a pas réfléchi à la question.

Pour installer un système photovoltaïque sur le toit, il faudrait renforcer les poutrelles, qui sont relativement graciles. En revanche, M. Liesch est en train de voir ce qu'il est possible de faire sur les autres bâtiments.

(Vote)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

Il passe aux comptes administratifs et de gestion de 2016 et 2017. Il attire l'attention sur le nombre de millions gérés chaque année par la commune. Le collège échevinal salue le travail exemplaire des personnes du premier et du troisième étage travaillant sur le budget. Roberto Traversini constate que l'instance de contrôle n'a pas trouvé grand-chose à redire.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)

Il explique qu'il doit redémarrer son ordinateur. Il essaiera donc de se souvenir de ce qu'il voulait dire.

Il rappelle que le dossier a été discuté par la commission des finances et tout n'est pas aussi limpide que M. Traversini le prétend. Les remarques concernaient des classeurs où il manquait des pièces ou des dépenses inscrites au mauvais poste budgétaire.

4. Finances communales

Il ne s'agit pas d'un problème de bonne volonté de la part du personnel communal. Gary Diderich souligne le manque de personnel ces dernières années. C'est pourquoi les observations de l'instance de contrôle ne sont pas à prendre à la légère. La commission des finances a sérieusement réfléchi aux moyens d'éviter ces erreurs à l'avenir. Le plus important est de disposer d'un plan B lorsqu'une partie du personnel est absente.

Gary Diderich n'a pas le dossier avec lui et ne dispose donc pas des détails. Mais certaines décisions prises par le conseil communal n'étaient pas conformes à la loi. Les cadeaux offerts au personnel communal par exemple n'ont jamais été approuvés par le conseil communal. Certes, il s'agit de formalités, mais que compte faire le collège échevinal pour éviter ces erreurs de gestion?

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

ne voulait pas procéder à une analyse de ces observations. Après tout, il est question d'un budget de 140 ou 150 millions d'euros. Le collège échevinal s'excuse auprès de la commission pour avoir négligé une délibération portant sur les cadeaux pour les départs à la retraite et pour le personnel travaillant à la commune depuis plus de vingt ans. Mais Gary Diderich ferait bien de garder les pieds sur terre.

Compte tenu des investissements effectués, Roberto Traversini, qui est responsable des finances, peut se dire satisfait malgré les quelques erreurs. Le personnel a réalisé de l'excellent travail.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

constate que le bourgmestre lui a enlevé les mots de la bouche.

Les quatre points relevés par la commission de contrôle sont importants et doivent être corrigés. Masi Frenz Schwachtgen rappelle qu'il s'agit de quatre erreurs portant sur les comptes de 2016 et 2017 où des dizaines de milliers d'opérations ont été effectuées. Il ne pense pas qu'il soit nécessaire de blâmer le collège échevinal ou le conseil communal pour cela.

konnt respektéiert ginn. Respektiv dass verschidde Saachen op déi falsch Budgetsposten imputéiert gi sinn.

Dat Ganzt ass keng mauvaise volonté gewiescht vum Personal. Ech mengen, mir wëssen alleguerten, dass d'Situation ganz enk war beim Personal, wat sech ëm de Budget gekëmmert huet an deem Joer. A mir wëssen och, an dat ass awer wichtig ze soen, dass mer an der Vergaangenheet einfach ze enk allgemeng beim Personal gefuer sinn. An dat ass och nach net ganz opgefaangen.

Dohier sinn eng Rei Observatiounen gemaach gi vum der Kontrollinstanz, déi awer, fannen ech, net op déi liicht Schëller solle geholl ginn. Sou wéi mer dat och an der Finanzkommissioun zsumme gekuckt hunn. An och de President vun der Finanzkommissioun. Iwwerhaupt huet d'Finanzkommissioun dat awer relativ seriö geholl an Iwwerleeunge gemaach, wéi een dat an Zukunft kann evitéieren. Dat Wichtigst doranner ass, dass ee beim Personal net méi esou enk fiert an e Plan B huet, wann emol en Ausfall ass. Dass awer net nach manner Leit mussen d'Aarbecht maachen.

Ech hunn elo den Dossier net méi viru mir – dat ass dann den Nodeel vum Paperless –, fir elo d'Detailer ze soen, wat do alles beanstand ginn ass. Mä, wéi gesot, waren dat och verschidden Decisiounen, déi hei am Gemengerot net geholl gi sinn, wéi dat awer nom Gesetz sollt sinn.

Wéi zum Beispill, dat kann ee soen – dat war eng reng Formalitéit, mä dat ass eben elo opgefall –, dass mer iwwert d'Kaddoen, déi mer dem Personal ginn, ni am Gemengerot decidéiert hunn. Sou wéi ech dat elo verstanen hunn, gëtt dat dann haut nogeholl. Wat iwwer Joren eben net gemaach ginn ass. Fir elo just ee Beispill eben aus dem Kapp ze soen.

Dir hutt elo näischt gesot, wéi Dir dat elo géift an der Gestoun anescht ugoen? D'Fro ass, wéi gi verschidde vun deenen Observationspunkten an Zukunft evitéiert?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ma ech wollt dat net analyséieren. Ech soe just, dat si just e puer kleng Saachen, wann ee bedenkt, dass ee bal 140-150 Milliounen geréiert an et kritt een dat hei. Awer natierlech ginn déi eescht geholl. Et ass jo net, dass mir dat net eescht huelen. Mä wann dat awer her no alles ass, dass mer eng Deliberatioun huelen, well Leit vun eis a Pensioun ginn oder 20 Joer hei schaffen, an dat eben net duerch de Gemengerot gaangen ass ... Do entschëllege mer eis natierlech vis-à-vis vun der Kommissioun, mir schreiwen dat jo och. Mir wäerten eis jo do verbessern. Mä bleift awer, w.e.gl., Här Diderich, mat zwee Féiss um Buedem.

Bei deem Invest, dee mir maachen, do stinn ech awer ganz gären als Buergermeeschter a Responsabele vun de Finanzen dozou. Do kann ech mech awer heimadder mengen. An ech menge mech heimadder, dass eis Leit exzellent schaffen. An ech hunn absolutt kee Problem, déi Feeler do anzegegoen. An déi wäerte mer verbessern.

Wann dat all Joers esou wier, ech géif et haut ënnerschreiwen, Här Diderich.

Här Schwachtgen, w.e.gl.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Léif Kollegen, Dir Dammen an Dir Hären, meng Interventioun wollt ech virdru maachen, mä den Här Buergermeeschter huet mer elo schon am Fong d'Wierder aus dem Mond geholl. Meng Interventioun sollt effektiv och dorëms goen.

Déi véier Punkten, déi vun der Kontrollkommissioun relevéiert sinn, si wichtig Punkten, si seriö ze huelen an ze korrigéieren. Wat jo och ka gemaach ginn. Mä kuckt de Volumen vun deenen zwee Joer. Mer schwätzen hei iwwer zwee Joer, vun de Konten 2016 an 2017, ënnert där aler Koalitioun mat LSAP, CSV an déi gréng.

Wann ech véier Beanstandungen op dausenden oder zéngdausenden Operatiounen hunn, mat deem Personal, wat säi Bescht gëtt an dat allerméiglechst mécht, dass eben déi kleng véier Saa-

4. Finances communales

chen hätten eventuell könne klappen. Mä dat ass awer fir mech elo guer kee Blâme fir si a kee Blâme fir eise Schäfte-rot respektiv Gemengerot, wa mol eng Zomm op en aneren Artikel geet.

Et gëtt dacks gelästert iwwer eng Kontrollkommissioun an esou virun. Mä ech fannen dee Seriö, deen déi Leit vum Staat an déi Kontrolleren noweisen, weist jo, dass se wierklech och Klenge-keeten entdecken a relevéieren. Dat ass de Rôle vun engem ganze Finanzcon-trôle vun de Gemengen an eisem demo-kratesche Staat. An deem Sënn fannen ech dat wierklech eng flott Saach, dass mer esou hei schaffen.

Wann ech d'Konten eng Kéier kucken, wat mer 2016/2017 erwirtschaft hunn oder finanztechnesch op der Säit haten am Boni, da waren dat eng Kéier bal zéng Milliounen Euro, déi aner Kéier bal néng Milliounen Euro. Soudass mer wierklech gutt gewirtschaft hunn an deene Joren.

Dat heescht, mer konnten déi Reserven, déi deemools ugefaange si ginn, mat ville Bauten an esou virun, mat Pläng, déi nach haut hir Nowierkungen hunn ... Den Här Muller seet dat jo all Kéiers, an en ass och duerfir ze belue-wen, dass en déi Projete suivéiert. Ech mengen, mat deem gudder Wirtschafte vun deene Joren 2016/2017 könne mer 2018 an 2019 nach berouegt an d'Zu-kunft kucken.

Mer mussen eise Budget och esou ge-sinn, dass mer elo déi Konten als Bestä-tegung kréien, dass do wierklech alles op de leschte Cent richtig ugesat ass.

De Boni vun 2018 war ëm dräi Milliounen Euro, ech schwätzen elo just vum Boni. Mä dat gëtt jo meeschtens ge-kuckt. Wa mer Defizit hätten, géife mer vläicht drop sprangen, wat dat schlecht Jore waren. Hei muss ee soen, et ware gutt Joren. Déi mer och finanztech-nesch gutt iwwert d'Bün kritt hunn. Dofir ass deem ganze Personal, wat dorunner geschafft huet, Merci ze soen. Ech soen dat am Numm vun alleguer-ten, dass mer do eng zefriddestellend Aarbecht kritt hunn. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Här Meisch, w.e.gl.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Och e Merci vun eis aus un all déi Leit, déi doru geschafft hunn. Just nach eng Präzisioun: Et handelt sech hei bei der Kontroll ëm Stéchprouwen. Déi kucken net allegueren déi Piëcen, déi do sinn, soss wäre se e bësse méi laang am Gaang.

Vläicht eng Bemierkung dozou: Dat wat elo hei bemängelt gëtt, dat ass all déi Joren net opgefall. Et ass net, datt dat elo eng Kéier falsch gemaach ginn ass, mä all déi Jore virun ass et och scho falsch gemaach ginn, bei deenen, déi virun do waren.

A wa mer elo eng Deliberatioun huelen, fir zum Beispill déi Kaddoe genau ze de-finéieren, déi d'Personal kritt, da géif ech, wéi aner Gemengen et och maa-chen, einfach alles dorop schreiwen: Wann een an d'Pensioun geet, kritt een e Kaddo am Wäert vun x. Wann een 20 Joer hei schafft, kritt een e Kaddo am Wäert vun x. Wann ee bestuet gëtt, kritt een e Kaddo am Wäert vun x. Wann ee stierft, bis zum zweete Grad, gëtt en Don gemaach vun x. Dann huet een alles eng Kéier op enger Lëscht sto-en, an dann ass ee roueg. Dat wollt ech just nach bäifügen. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Här Ruckert, w.e.gl.

ALI RUCKERT (KPL):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, wann een esou e grouse Budget ze geréieren huet, wéi dat bei der Déifferdenger Gemeng de Fall ass, da kann et natierlech virkommen, dass déi eng oder déi aner Saach net genau esou exakt ass. Dofir gi jo déi Stéch-prouwe gemaach. Dat muss ee jo och soen.

Wat do festgestallt ginn ass, dat gëtt rektifizéiert. An där do Saach ass dat keng grouss Affär. Et kéint awer eng

On dénigre souvent la Commission de contrôle, mais les détails qu'elle a relevés démontrent le sérieux de son travail. Le rôle de cette instance de contrôle des finances communales est important dans un État démocratique.

Frenz Schwachtgen souligne les excédents de dix-millions d'euros et de neuf-millions d'euros de 2016 et 2017. Il rappelle que les projets entamés à l'époque sont encore en train d'être réalisés aujourd'hui. M. Muller continue d'ailleurs de les suivre. Les bons résultats de 2016-2017 permettent à la commune de regarder 2018 et 2019 en toute tranquillité.

L'excédent de 2018 se monte à trois-millions d'euros. Frenz Schwachtgen insiste sur le fait que ces années ont été positives d'un point de vue financier. Il en profite pour remercier le personnel qui s'est occupé du budget. Le travail réalisé est satisfaisant.

FRANÇOIS MEISCH (DP) remercie à son tour ceux qui ont réalisé le budget. Il signale que la Commission de contrôle ne vérifie pas toutes les pièces en détail.

Il précise que les remarques de la Commission concernant des erreurs qui se sont répétées au fil des années. En ce qui concerne les cadeaux au personnel par exemple, il suggère de dresser une liste de la valeur des cadeaux en fonction de l'occasion — un départ à la retraite, vingt ans de service, un mariage... Avec une telle liste, tout serait transparent.

ALI RUCKERT (KPL) admet qu'il peut y avoir des inexactitudes quand on gère un budget aussi important que celui de la Ville de Differdange. Les erreurs seront rectifiées. Ce n'est pas une grosse affaire. Mais elle peut le devenir si ces erreurs se répètent et dépendent d'un manque de personnel. Il faut laisser le temps aux employés de s'occuper de tous ces chiffres.

4. Finances communales

Le collège échevinal est responsable des comptes administratifs. Ali Ruckert ne les approuvera pas, car les communistes n'ont pas pu décider de la direction dans laquelle aller. Il remercie cependant le personnel pour son travail. Il approuvera les comptes de gestion du receveur.

ERNY MULLER (LSAP) rappelle que les socialistes faisaient partie de la majorité. Ils approuveront donc les bilans. Erny Muller s'associe aux paroles du bourgmestre et de M. Schwachtgen.

Il admet que la situation n'a pas été facile pour le personnel. Une des premières décisions a été de ne pas recruter, car la situation financière n'était pas aussi bonne à l'époque. La dotation a multiplié les possibilités de la commune.

Il serait cependant erroné de rapporter les erreurs exclusivement au manque de personnel. En outre, ces petites erreurs de comptabilité n'ont rien changé au bilan final.

Erny Muller cite l'exemple d'un concours d'architecture. Apparemment, le jury aurait dû être approuvé par le conseil communal. Erny Muller n'avait jamais organisé un tel concours. Les autres échevins non plus. Le concours figurait dans le budget. Bref, le collège échevinal le sait pour l'avenir. Mais il s'agit de détails.

Les socialistes remercient le personnel. Ils connaissent l'ampleur de sa tâche. Le budget ne cesse de croître et les opérations financières et les suivis sont de plus en plus nombreux.

En ce qui concerne les cadeaux pour le personnel en service depuis vingt ans, Erny Muller salue l'augmentation du budget. Pendant des années, la somme n'avait pas évolué. Il était temps de le faire.

Pour le reste, Erny Muller s'associe à ce qui a été dit précédemment.

grouss Affär sinn, wann emol eppes anescht erauskéim. Mä wéi gesot, d'Kontroll ass jo dann eventuell do, och wann nëmme Stéchprouwe gemaach ginn.

Mä et fänkt eréischt un, eng Affär ze ginn, wann esou Saachen ëfters virkommen. Wann et zrëckzeféieren ass, zum Beispill, op Personalmangel. Dass net matzäit gekuckt gëtt, dass genuch Leit genuch Zäit hunn, fir sech mat deenen Zifferen ze befaassen.

Soudass, wéi schonn eng Kéier hei gesot ginn ass, wann d'Personal um Zännflesch schaffe muss, et dann eben, ënnert dem Drock, zu méi schwerwiegende Feeler komme kann. Dofir ass et natierlech gutt, wann een ëmmer genuch Personal huet, wat och Zäit huet, fir sech domat ze befaassen.

Wa mer déi administrativ Konten hei huelen, do huet jo de Schäfferot d'Verantwortung driwwer. Do ass also alles dra vun deenen zwee Joer, wou de Schäfferot Decisiounen geholl huet. Als Kommunistesch Partei kann ech déi Konten net stëmmen, well mer net konnte mat decidéieren, a wat fir eng Richtung d'Decisiounen geholl gi sinn. Mä selbstverständlech wëll ech awer hei als Vertrieeder vun der KPL dem Personal villmools Merci soen, fir déi Heedenaarbecht, déi do gemaach ginn ass. D'Gestiounskonte vum Receveur, déi wäerte mer natierlech stëmmen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Mir wäerten herno separat driwwer ofstëmmen. Här Muller, w.e.gl.

ERNY MULLER (LSAP):

Här Buergermeeschter, d'LSAP war mat an der Verantwortung, mir droen natierlech déi zwee Budgeten an déi Bilan mat. Ech wëll mech och de Virriedner uschlëssen. Wat den Här Buergermeeschter gesot huet, dat ass och eis Meenung. Den Här Schwachtgen huet d'Situatioun ganz kloer duergestallt.

Ech gesinn et e bëssen anescht. Ech weess, et war schwéier fir d'Personal. Wéi mer hei ugefuer sinn, war eng vun deenen éischten Decisiounen, d'Personal net ze erhéijen. Zu deem Moment

hate mer nach net déi komfortabel Finanzsituatioun, wéi mer se haut hunn, mat där enormer Dotatioun, déi mer haut kréien. Dat däerf een och net vergiessen. Déi awer berechtigt ass. Déi eis nei Méiglechkeete ginn huet, wat déi ganz administrativ Gestiou vum der Gemeng ubelaangt. An et ass och gutt esou, dass mer elo op dee Wee gaange sinn.

Dass een dat nëmmen op de Personalmangel zrëckféiert, ech mengen, dat ass awer elo e bëssen ze wäit gegräff. Well et sinn, loosse mer soen, kleng Effeten derbäi gewiescht. Ausser enger Buchung. Wat am Fong eng Buchung war, déi net an déi richteg Richtung gaangen ass. Mä déi ass redresséiert ginn. Um Gesamtbilan huet et awer näischt ausgemaach.

Et si kleng Affäre gewiescht. An ech weess net, ob dat just op Personalmangel zrëckzeféieren ass. Dat war éischter, well et esou kleng Saache waren. Zum Beispill, wann een ee Fall eraushëlt, en Architektoconcours. Wou dann déi Leit, déi am Jury souzen, hätte missen duerch de Gemengerot goen. Wat net gewosst war. Mä ech hat dat nach ni matgemaach, och anerer heibanne wahrscheinlech net. Et war am Budget, et war alles ofgeséichert, finanziell an esou weider. Dat ass ee Fait. Dat ass geschitt. Dat wësse mer och elo fir d'Zukunft. Mä dat sinn awer, loosse mer soen, kleng Saachen. Dat huet elo net direkt eppes mam Personal ze dinn.

Trotzdem wëlle mer awer dem Personal e grouse Merci soen. Mir wëssen, wat geschafft gëtt. Nach ëmmer. Et gëtt vill geschafft. De Budget gëtt ëmmer méi grouss, an et sinn ëmmer méi finanziell Operatiounen a Suivien ze maachen an esou weider. Duerfir e grouse Merci.

Wat de Rescht ubelaangt, déi Kaddoe fir 20 Joer: Mir begrëssen, dass deen elo erhéicht gëtt. Jorelaang war dat op engem aneren Niveau, dat ass elo gehuewe ginn. Dat steet och de Leit zou, déi esou en Déngscht hei geleescht hu fir eis Gemeng, fir eis Stad. Duerfir begrëisse mer dat.

Fir de Rescht kënne mer eis uleenen un dat, wat vu verschiddene Leit hei gesot ginn ass. Merci.

4. Finances communales / 5. Office social

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Här Hartung, w.e.gl.

JERRY HARTUNG (CSV):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, et ass scho bal alles gesot. Ech schlësse mech menge Virriedner un. Et beleeft sech haaptsächlech op Formalitéiten, déi éischter duerch Onwëssenheet entstane sinn an déi du séier redresséiert goufen. D'Konte si korrekt gefouert. De Volumen, deen eist Personal muss maachen, ass effektiv immens. Mir soen hinne Merci, datt se dat wierklech esou gutt maachen.

De Schäfferot hat elo keng Äntwert heiginn. De Bréif, dee se un d'Kommissioun geschéckt hunn, läit am Dossier bäi. Do ass alles gutt erkläert. Ech soe Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Ech wollt eis virdrun net selwer op d'Schëller klappen.

Et si Stéchprouwen, dat ass richtig. Mä do sinn awer dräi Fonctionnaire wärend enger ganzer Woch hei. Et ass net esou, dass se moies heihinner kommen a soen, mir maachen elo en Dossier op. Dat ass net esou.

Eis Fonctionnairen a mir Politiker wëssen, Gott sei Dank, datt dee Contrôle normalerweis all Joer stattfënnt. Dat ass och gutt esou. An dat soll och esou weidergoen. Dat si wuel Stéchprouwen, mä et si Stéchprouwe vun dräi Leit wärend enger ganzer Woch. Ech mengen, datt dat awer och wichtig ass, gesot ze ginn. Net datt d'Bierger an d'Biergerinnen, déi dat liesen, mengen, hei géif net seriö kontrolléiert ginn.

A richtig, et ass Gestoun, Administratioun. Ech hätt och kéinten e bësse méi an d'Chiffere goen, ech hätt dat och kéinte ganz politiséieren, firwat op eemol de Benefice esou an d'Luucht gaangen ass. Maachen ech awer net, well ech mengen, datt et elo net de Rôle ass vun där heiten Debatt. Hei solle mer déi Konte stëmmen oder och net. An dann ass déi Saach ofgeschloss. Well déi

Zuele kommen net vum Himmel gefall. Do steet och e politesche Wëllen hannerdrun.

Da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide avec 15 voix oui et 2 voix non d'arrêter les comptes administratifs des exercices 2016 et 2017.

Villmools Merci. An da kënnt de Comptede gestion.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

De compte de gestion vum Receveur, déi zwee.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les cadeaux au personnel communal pour ancienneté de service.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'arrêter les comptes de gestion des exercices 2016 et 2017.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci. Da komme mer zum sechste Punkt. Ech hat mer opgeschriwwen, datt ech do géif dem President vum Office social d'Wuert ginn. Här Goffinet, w.e.gl.

SERGE GOFFINET (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, wéi am Bericht bemierkt, gëtt et kee Grond zur Beanstandung. Et ass also just nach um Gemengerot an um Conseil d'Administration vum Office social, fir d'Konten an d'Exercicer vun 2016 an 2017 ze deliberéieren.

JERRY HARTUNG (CSV) constate que les remarques portent sur des formalités. Les comptes ont été menés correctement. Le volume de travail est effectivement énorme. Jerry Hartung remercie le personnel.

Le collègue échevinal n'a pas fourni d'explications aujourd'hui, mais les conseillers communaux disposent dans leurs dossiers de sa réponse écrite à la Commission.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

ne voulait pas se féliciter lui-même tout à l'heure. Il signale que trois fonctionnaires ont contrôlé les comptes en question pendant une semaine. Ces contrôles ne se font pas en une matinée. Les fonctionnaires et les hommes politiques savent que les comptes sont contrôlés tous les ans. C'est une bonne chose et ce travail est effectué de manière sérieuse.

Par ailleurs, Roberto Traversini aurait pu entrer dans les détails et politiser les débats en expliquant pourquoi les bénéfices ont augmenté. Mais ce n'est pas le moment de le faire. En tout cas, les chiffres ne tombent pas du ciel.

(Votes)

Roberto Traversini cède la parole au président de l'office social.

SERGE GOFFINET (LSAP) constate qu'il n'y a pas d'objections. Il ne reste donc plus au Conseil d'administration de l'office social qu'à approuver les comptes des exercices de 2016 et 2017.

5. Office social

Serge Goffinet était malade lors du débat portant sur le budget de l'office social. C'est pourquoi il profite de l'occasion pour remercier les collaborateurs de l'office social, l'ARIS, le receveur communal et son adjoint.

Serge Goffinet souhaite fournir une explication quant au centime d'euro figurant dans le compte de 2017. Il semblerait qu'un client ait viré un centime de trop. Serge Goffinet plaisante sur le fait que l'on puisse considérer cette somme comme un don.

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG)

salue le fait que l'instance de contrôle du ministère de l'Intérieur ait vérifié les caisses de l'office social de 2016-2017. Le 21 janvier 2019, le président de l'office social a été informé que le bilan était en règle. Les écologistes saluent cet avis et remercient l'office social et ses collaborateurs pour leur travail exemplaire.

CHRISTIANE SAEUL (DP) constate à son tour que le ministère de l'Intérieur n'a pas fait de remarques concernant les bilans de 2016 et 2017. C'est une bonne chose.

Les clients de l'office social sont généralement touchés par des problèmes financiers momentanés. Ou alors, il s'agit de «working poor». Dans ce dernier cas, Christiane Saeul ne comprend pas qu'on puisse travailler et ne pas arriver à joindre les deux bouts. Cependant, elle a entendu à la radio que le salaire minimum allait augmenter. Les clients sont soutenus à travers des avances, des secours ou une gestion contrôlée.

Christiane Saeul remercie l'équipe de l'office social pour son engagement humain et administratif.

ALI RUCKERT (KPL) annonce qu'il approuvera les comptes de l'office social pour les deux exercices en question. Il remercie les personnes qui ont réalisé les comptes.

Cependant, les bilans démontrent que le Luxembourg ne fait que gérer la pauvreté au lieu de l'éliminer. Pour sortir les gens de la pauvreté, d'autres réflexions économiques et sociales sont nécessaires. Pour Differdange, qui est la commune avec

Vu dass ech krank war fir déi Gemeinderotssitzung, wou mer iwwert de leschte Budget vum Office social geschwat hunn, wollt ech deene Leit Merci soen, déi beim Office social a beim SRAS, deem neien ARIS, schaffen. An natierlech de Membere vum Conseil vum Office social. An net ze vergiessen, eise Gemengereceveur a sengem Adjoint.

Ech wëll nach eng kleng Erklärung ginn zu deem Chiffer vum 0,01 Euro, deem am Kont vum 2017 steet. Hei hat wahrscheinlech e Client deem ominéise Chiffer ze vill iwwerwisen. Deen huet natierlech och misse verbucht ginn. Hien huet domadder en Don vum 0,01 Euro gemaach. Dat ass eng Erklärung. Dat war dat eenzeg, wou ech u sech net verstanen hunn, wou déi Suen hierkommen. Merci. Dat wier et gewiescht.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Deen ass nach besser wéi dee vun der Gemeng, deem do. Madamm Yvonne Richartz, w.e.gl.

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, mir als gréng begréissen, dass d'Contrôleinstanz vum Intérieur d'Keess vum Office social vum 2016/2017 gepréift huet. Am Courier vum 21. Januar 2019 ass de President vum Office social informéiert ginn, dass dee Bilan an der Rei ass. D'Konte vun deem Bilan leien eis vir.

Déi gréng Déifferdeng begréissen dësen Avis a wëllen dem Office social an all senger Mataarbechter e grouse Merci fir déi virbildlech geleeschten Aarbecht soen. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Madamm Richartz. D'Madamm Saeul, w.e.gl.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären, d'Bilane vun 2016 an 2017 si vun de Ministère – an

ech widderhuele mech do a schlësse mech deenen anere Leit un –, vum Ministère de l'Intérieur ouni Observatioun zrëckkomm. Dat ass scho ganz positiv.

D'Situatioun vun de Clienten – nenne mer se Clienten – am Office social, ass esou, dass si betraff si vun enger momentaner Situatioun vu Sueknappheet oder Working Poor. Bei Working Poor sti mir ëmmer d'Hoer zu Bierg. Well ech einfach net ka verstoen, dass e Mënsch, dee schaffe geet ... Ech hunn awer elo héieren am Radio, dass se de Mindestloun awer wëllen hiewen, duerch eng Steiervergëschtegung. Mä de Working Poor fannen ech ganz schlëmm. Deem, dee seng finanziell Situatioun net geréiere kann, gëtt geholfen mat Avancen oder mat enger Propositioun vun enger Gestion contrôlée.

Merci dem Staff vum ganzen Office social fir hire mënschlechen Asaz an den Administrativen. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Madamm Saeul. Den Här Ruckert, w.e.gl.

ALI RUCKERT (KPL):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll hei als Vertrieeder vun der KPL déi Konte vum Sozialamt fir déi zwee Joer stëmmen. Déi Leit, déi dat opgestallt hunn, hu bestëmmt hiert Bescht gemaach, dass se dat esou hi-kritt hunn. Hinnen e grouse Merci.

Ech wëll awer drop hiweisen, dass déi Bilanen do eis am Fong nëmme weisen, dass hei zu Lëtzebuerg d'Aarmut verwalt gëtt, mä net besäitegt gëtt. Well fir déi ze besäitegen, misste ganz aner ekonomesch a sozial Iwwerleeunge gemaach ginn, fir dass een aus der Aarmut erauskënnt.

Fir Déifferdeng ass dat besonnesch schlëmm, well mer déi Gemeng am Land sinn, wou am meeschten RMG-oder REVIS-Leit dermat musse liewen. Well mer eng Gemeng sinn, wou vill Leit wéineg verdéngen. An eng Gemeng, wou deem Deel vun de Jugendlechen, déi ouni Qualifikatioun aus der

Schoul kommen, besonnesch grouss ass.

Ech ka mech hei och net esou begeeschtere wéi d'Madamm Saeul, wann elo de Mindestloun e bëssen erhéicht soll ginn. Well, éischtens sinn et d'Patronen, déi de Mindestloun musse bezuelen. A wéi ech elo feststelle bei där Mindestlounerhéijung, déi hei gemaach gëtt, sinn et net d'Patronen déi bezuelen, mä et ass de Steuerzueler, deen déi bezilt. Déi gëtt iwwert de Budget bezuelt. Doderch, dass dann um Mindestloun keng Steiere méi bezuelt ginn. Do huet zwar deen eenzelnen, deen de Mindestloun kritt, eppes dervun. Mä et ass net gerecht. Well d'Patrone si fir d'Léin zoustänneg an net d'Gemengen an net de Staat.

Dofir ass et jo och keen Zoufall, dass d'Kommunistesch Partei eng Erhéijung vum Mindestloun vun 20% gefuerdert huet. Dass endlech emol déi iwwer 60.000 Leit, déi de Mindestloun kréien, aus der Aarmutzone erauskommen.

Well och wann d'Regierung elo déi Erhéijung do mécht, wäert et nach ëmmer esou sinn, dass déi Leit mam Mindestloun, oder e groussen Deel dervun, op der Aarmutsgrenz musse liewen. An dat kann net am Interessi si vun deene Leit selwer. Awer och net am Interessi vun eis als Déifferdenger Gemeng.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ruckert. Här Diderich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech wëll och vun déi Léink aus Merci soe fir déi Aarbecht, déi am Office social geleescht gëtt, an och fir des Konten, déi impeccabel sinn.

An de Message, deen ëmmer erëm unzehrëngen ass, ass, dass eben d'Aarbecht vum Office social néideg ass duerch déi wuessend sozial Ongerechtegkeeten, déi och zu Lëtzebuerg ëmmer méi an d'Luucht ginn, amplaz dass se erof ginn. Wéi dat och weltwäit de Fall ass. Do kann ech och dat widderhuelen, wat elo gesot ginn ass. Dass déi Mindestlounerhéijung, déi elo gemaach

gëtt, net déi ass, déi néideg ass, fir de Phenomen vu Working Poor an de Grëff ze kréien.

An zousätzlech ass nach ze soen, dass d'Logementspräisser jo bekanntlech och e ganz wichtege Aspekt sinn. An och wann hei leider net vill iwwert de Plan pluriannuel vun de Gemeengefinanze vun eiser Gemeng geschwat gëtt, déi och net wierklech virgestallt ginn, mä déi mer just dohinnegeruecht kréien, muss ech awer feststellen, dass op der Ligne Logement am Fong keng bedeiendend Entwécklung ze gesinn ass.

Ech war alt nach an der Hoffnung, dass dat fir dës Joer nach net esou wäit wär. Mä et gesäit esou aus, wéi wann dës Koalitioun, in der Tat, dat och net wëlle hätt, wat an hirem Koalitiounsaccord steet. Esou wäerte mer déi Situatioun, fäerten ech, net an de Grëff kréien. An dat bedauern ech fir déi Leit, déi zu Déifferdeng an zu Lëtzebuerg wunnen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Den Här Ruckert hat eppes vergiess. Här Hartung, wann Der wëllt, ginn ech dem Här Ruckert nach eng Kéier d'Wuert.

ALI RUCKERT (KPL):

Här Buergermeeschter, tatsächlech hunn ech eppes vergiess. Ech wollt nach soen, dass Dir jo als Schäfferot der Finanzkommissioun den Opdrag ginn hutt, fir sech Gedanken ze maachen iwwert d'Deierungszoulag. Well virgesinn ass déi ze erhéien.

Dat ass eng gutt Saach, wa mer dat maachen. Ech géif just dann och d'Koalitioun bidden, wa mer hei eng Kéier doriwwer ofstëmmen, dass et dann och esou ass, egal, wat fir en neit System mer huelen – a wa mer eis och un dat uleenen, wat de Staat als Deierungszoulag gëtt –, dass et dann awer esou geet, dass keen eppes ewechgeholl kritt. Dass awer dann eng Zomm derbäi erauskënnt, wou jiddwereen da vläicht dat selwecht oder e bësse méi awer kritt.

Ech wëll drun erënneren, wa mer eis un d'Deierungszoulag vum Staat uleenen,

le plus de demandeurs de REVIS, la situation est particulièrement difficile. Beaucoup d'habitants ont un salaire bas et une partie des jeunes ne sont pas qualifiés.

Ali Ruckert n'est pas enthousiaste de la légère augmentation du salaire minimum, car celle-ci sera financée par les contribuables et pas par les patrons. C'est injuste, car ce sont les patrons qui versent les salaires et non les communes ou l'État.

Les communistes exigent une augmentation du salaire minimum de 20 % pour tirer de la pauvreté les 60 000 personnes concernées. Car avec l'augmentation prévue actuellement, ces gens resteront proches du seuil de pauvreté. Ce n'est ni de leur intérêt ni de l'intérêt de la Ville de Differdange.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) remercie à son tour l'office social pour ces comptes impeccables.

Le travail de l'office social reste nécessaire, car les inégalités sociales continuent de croître au Luxembourg. L'augmentation du salaire minimum prévue ne permettra pas de maîtriser le phénomène des « working poor ».

L'autre aspect important concerne le prix des logements. Gary Diderich signale que le collège échevinal s'est contenté de distribuer un plan pluriannuel des finances sans vraiment le présenter. Mais le conseiller communal n'y a pas vu d'amélioration significative dans le domaine du logement. Il semblerait que la majorité n'ait pas l'intention de réaliser ce qu'elle avait promis dans l'accord de coalition. Gary Diderich regrette cette décision au nom des habitants de Differdange et du pays.

ALI RUCKERT (KPL) constate qu'il a oublié de rappeler que la commission des finances doit faire une proposition concernant l'augmentation de l'allocation de vie chère. C'est une bonne chose. Mais Ali Ruckert tient à demander au collège échevinal de veiller à ce que personne ne touche moins d'argent, quel que soit le système finalement adopté.

Si la commune base son allocation de vie chère sur celle de l'État, elle

5. Office social

doit tenir compte du fait que l'État ne l'a pas adaptée depuis des années et que de ce fait, les gens touchent 16 % de moins aujourd'hui. C'est pourquoi Ali Ruckert demande à nouveau au collège échevinal d'en tenir compte.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

répond que ce sera fait.

JERRY HARTUNG (CSV) *constate que le personnel de l'office social a bien fait son travail. Les bilans démontrent l'importance de l'office social et des investissements dans les projets et structures sociaux.*

Le CSV remercie le personnel et approuvera les comptes.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *souhaite réagir aux piques de M. Diderich, selon lequel le collège échevinal n'investit pas dans les logements. M. Diderich a probablement regardé la mauvaise ligne, car en 2017, le collège échevinal a investi 13 millions d'euros dans l'extraordinaire et en 2018 24 millions d'euros. En 2019, 22 millions d'euros sont prévus. Pour les prochaines années, il est question de 15 millions d'euros. S'il ne s'agit pas de sommes conséquentes, il se demande ce à quoi M. Diderich s'attend.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

ouvre un nouveau tour de table. Après tout, le conseil communal a du temps.

(Rires)

SERGE GOFFINET (LSAP) *constate que le bourgmestre et lui ont la même opinion concernant l'allocation de vie chère. Il suppose que la commune se basera sur les données du FNS, qui permettent de voir qui touche quelles aides. En effet, il y a des gens touchant des aides dont ils n'ont pas besoin. Il faut que le système soit équitable.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

ajoute que se baser sur les données du FNS permet d'avoir un contrôle de la situation. Il ne s'agit pas de faire des économies.

(Vote)

dass déi während laange Joren net ugepasst ginn ass un d'Präisentwécklung. An dass déi Deierungszoulag, déi d'Leit haut kréien, mindestens 16% manner ass, well se net ugepasst ginn ass. An ech géif Iech bidden, dat och ze berécksiichtegen, wa mer eng Kéier doriwwer ofstëmmen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Mir wäerten dat maachen, Här Ruckert. Här Hartung, w.e.gl.

JERRY HARTUNG (CSV):

Merci. Dir Dammen, Dir Hären, d'Konte weise keng Observatiounen op. Also huet d'Personal vum Office social dës Sue gutt a richteg verwalt an och verdeelt.

D'Bilane weisen, wéi wichteg den Office social ass. An datt et wichteg ass, datt mer als Gemeng weider a sozial Projeten a Strukturen investéieren. Ouni elo weider an den Detail wëllen ze goen.

Am Numm vun der CSV soe mer dem Personal fir hir wäertvoll Aarbecht e grouse Merci a stëmmen dës Kontemat.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Den Här Liesch, w.e.gl.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Ech wollt just op dee kleng Saitenhieb vum Här Diderich reagéieren, deen en elo hei agebaut huet, an e Punkt, wou e guer net dra passt. Et ass gesot ginn, dës Schäfferot géif net an de Logement investéieren. Dir hutt vläicht déi falsch Zeil gelies. Déi Zeil, déi ech liesen, do hu mer 2017 13 Milliounen Euro am Extraordinär investéiert. 2018 24 Milliounen Euro. Dës Joer stinn 22 Milliounen Euro am Budget. An all déi nächst Joren, steet all Kéiers 15 Milliounen Euro dobäi, déi mer an de Logement an Equipement collectif investéieren. Also wann dat net eng Zomm ass, déi bedeitend ass, da froen ech

mech, Här Diderich, wat Dir Iech da virstellt.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Da maache mer d'Ronn erëm op. Mir hu jo Zäit de Moien. Här Goffinet, w.e.gl.

(Gelaachs)

SERGE GOFFINET (LSAP):

Mir hunn Zäit. Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, déi Deierungszoulag, do hunn de Buergermeeschter an ech ongeféier déiselwecht Meenung an deem Ganzen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Wéi esou oft.

SERGE GOFFINET (LSAP):

Jo, des Ëfteren. Do fuere mer wahrenscheinlech gären iwwert den FNS. Iwwert d'Donnéen doriwwer, op jidde Fall. Well mer dee Moment propper kënne gesinn, wat fir eng Hëllef déi Leit kréien a wat net. An deementsprechend kann een dann d'Hëllef adaptéieren. Dat ass déi Haaptsaach.

Et gëtt och leider Leit, déi eben eppes kréien, wat se net zegutt hunn. Dat muss een och soen, an net ëmmer nëmme verdeelen. Och an deem Fall. Dat muss een definitiv eng Kéier soen. Et soll eng gewësse Gerechtegkeet dra sinn. Dat ass deen eenzege Wee. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat ass jo och d'Iddi, firwat mer dat wëllen esou maachen. Fir eng Kontroll ze hunn. Mir wëllen dat net maachen, fir ze spueren. Au contraire, mir wëllen deene richteg Leit hëllef.

Mir kommen zum Vott.

5. Office social / 6. Actes et conventions

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les comptes des exercices 2016 et 2017 de l'office social.

Villmools Merci. Am Punkt sechs kafe mer Terrainen op. Här Liesch, kënnt Dir eis e bëssen erklären, wou déi flott Terraine leien?

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Kann ech maachen. D'Remark ass berechtigt. Bei all Terrain läit zwar all Kéiers e Kadasterplang bäi, mä deen ass awer esou eragezoomt, dass ee sech eigentlech ganz gutt auskenne muss, wou déi Terraine leien. Ech probéieren an Zukunft, dass och en Iwwersiichtsplang dobäi läit. Dass ee weess, wou déi Terraine plus ou moins ze situéiere sinn.

Ech ka kuerz drop agoen. Mir hunn en Terrain „op der Schanz“. Dat ass am Beräich vum Giele Botter, wou mer 6,3 Ar kafen. Dann den „Tinnegrändchen“, dat ass eigentlech parallel zum Vëloswee zu der Grand-rue. An deem Hiwwel hu mer aacht Ar ugebuede kritt. Da sinn eng ganz Partie Terrainen, déi hannendru kommen: déi mat den Nummern 2148, 2149 an 1878. Dat sinn Terrainen, déi leien eigentlech diagonal eriwwer vun der Grillplaz, hei uewen um Bierg, wann der Richtung Lasauvage wëllt fueren. Do wou d'Grillplaz ass, vis-à-vis déi Bëscher, déi do zu der lénker Säit op der Strooss stinn. Do hu mer och nach eng ganz Partie Terraine kritt.

Am Ganze sinn et 94,25 Ar, déi mer hei ofkafen, zu 300 Euro den Ar. Et ass nach ëmmer dat, wat mer hei an der Gemeng bidden. Mir si frou, dass mer déi 94 Ar elo an de Gemengebesëtz kënnen eriwwer huelen. Dat ass schoen e grousst Stéck.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Här Schwachtgen, w.e.gl.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Déi Remark mat engem generellen Iwwersiichtsplang, ass richteg. Wou een ëmmer erëm vläicht kéint deesewechten huelen an da mat engem Krees weisen, wou et ass. Och hei sinn Terrainen derbäi, déi mer elo kënnen kafen.

Et ass am Fong keng Vente de terrain, mä et ass eng Acquisition de terrain. Et misst ee vläicht an der Nomenclature dat ëmmer differenzéieren. Wa mer eppes kafen, ass et eng Acquisitioun an net eng Vente, wéi et hei am Ordre du jour steet. Well mer verkafe jo och alt emol Saachen. Dann ass et eng Vente. Soit, dat elo niewelaanscht.

Hei sinn e puer Terrainen derbäi, wou mer an eise Weeër-Netzer – Spadséierweeër-Netzer an esou virun – e puer Accès kréien, déi ganz interessant sinn, fir verschidde Verbindungsstécker, déi eis gefeelt hunn, anzeriichten.

An deem Sënn ass all Achat, dee mer do uewe maachen, wierklech sënnavoll. En plus fält et an d'Gemeengegestioun an d'Fierschtergestioun zrëck. Soudass mer d'Exploitatioun, d'Zivilkulturexploitatioun wéi och den ekologeschen Notze vun deenen Terraine garantéiere kënnen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Här Schwachtgen. Här Tempels, w.e.gl.

GUY TEMPELS (CSV):

Merci. Dir Dammen, Dir Hären, ech hunn zu dësem Punkt nëmmen eng Fro: Ass de Präis, deen dach relativ héich ass, gerechtfäerdigt fir esou Parzellen? Ech hu mer se ugekuckt. Do kéint een einfach de Geoportail d'nächste Kéier als Iddi ginn. Do fënnt een déi Parzelle ganz genau mat engem Luftbild. Déi meescht si Fichtebëscher, déi vum Borkenkäfer befall sinn. Do musse mer oppassen, wat mer maachen. Am Moment ass Borkenkäferholz näischt méi wäert. Ech wëll awer trotzdeem bemerken, dass Investitiounen a Land oder Terrainen iwwer Generatiounen ëmmer eng gutt Saach sinn. Mir stëmmen mat Jo. Merci.

Roberto Traversini passe à l'acquisition de terrains et cède la parole à M. Liesch.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) explique qu'il faut bien connaître les lieux pour savoir où se trouvent les terrains sur le plan cadastral. Il essaiera de fournir un plan plus large la prochaine fois.

Un de terrains fait 6,3 a et se trouve au lieu-dit Op der Schanz dans le Giele Botter et un autre 8 a dans le Tinnegrändchen parallèlement à la piste cyclable de la Grand-rue. Les autres terrains se trouvent sur la colline en direction de Lasauvage à l'endroit où se trouve l'aire de grillade.

En tout, la commune acquiert 94,25 a à 300 € l'are. Georges Liesch se dit satisfait de cet achat.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

est du même avis que M. Liesch : il faudrait un plan plus large sur lequel les terrains en question seraient entourés d'un cercle.

Il constate une erreur de terminologie dans le dossier. Il ne s'agit pas d'une vente, mais d'une acquisition de terrains. Dans ce cas-ci, la commune ne vend rien.

Les terrains en question permettent de créer des accès à des sentiers de promenade. C'est pourquoi toutes les acquisitions dans ce secteur sont pertinentes. En plus, ce seront désormais la commune et le garde forestier qui exploiteront ces sites garantissant ainsi une utilisation écologique des terrains.

GUY TEMPELS (CSV) se demande si le prix, qui est relativement élevé, est justifié pour ces parcelles. Il les a recherchées sur le géoportail et a constaté qu'il s'agit de forêts d'épicéas attaqués par des bostryches. Ce bois n'a plus aucune valeur.

En revanche, Guy Tempels sait bien que les investissements dans la terre et les terrains sont toujours une bonne chose. Les chrétiens sociaux approuveront les acquisitions.

6. Actes et conventions

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

aurait été étonné du contraire.

Il est vrai que ces terrains sont touchés par les bostryches. Malgré cela, le collègue échevinal est d'avis qu'ils doivent être intégrés au patrimoine communal.

(Vote)

Roberto Traversini passe au point suivant et regrette que M. Diderich soit sorti, car il est question de l'acquisition d'une maison sur le balcon de Lasauvage.

(Interruption de M. Krecké)

Roberto Traversini répond qu'il n'attendra pas.

Le prix de la maison est bas, mais d'importants travaux sont nécessaires. Les investissements devraient se situer entre 50 000 € et 80 000 €. Le collègue échevinal espère qu'une large partie des travaux pourront être réalisés par les services communaux. Il s'agit de la deuxième maison sur le balcon.

Roberto Traversini signale que le balcon représente un danger. Des experts étudient la question. Plusieurs réunions ont déjà eu lieu avec les propriétaires. En tant que bourgmestre, Roberto Traversini doit veiller à la sécurité des enfants et des habitants. C'est pourquoi le balcon sera refait et les travaux seront facturés aux propriétaires respectifs. Ceux-ci en seront informés lors de la prochaine réunion. La commune prendra en charge une partie des frais, mais le collègue échevinal ne peut pas laisser ce site se délabrer.

JERRY HARTUNG (CSV)

constate que la commune continue à investir dans le logement. Le projet de l'AIKS est bon.

Jerry Hartung salue la décision prise au sujet du balcon.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

indique à M. Diderich que la commune acquiert une maison à des fins sociales. Le conseiller communal ferait bien de l'ajouter à ses calculs.

ERNY MULLER (LSAP)

salue l'acquisition de la maison.

Il se souvient des discussions que l'ancien collègue échevinal a menées au sujet du balcon. À l'époque, il avait eu l'impression que la situa-

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

De Contraire hätt mech elo gewonnert, Här Tempels, vun Iech. Dir hutt recht, et ass Borkenkäfer drop. Mä mir sinn der Meenung – och mat deem No-deel –, datt et richtig ass, datt mer déi Terrainen an de Patrimoine vun der Gemeng huelen.

Dir hutt awer ganz recht, de Käfer ass do. Mir géifen zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la vente de terrains labourables et boisés d'une contenance totale de 94,25 a à Niederkorn et Diferdange.

Schued, datt den Här Diderich elo eraus ass. Mir kafen hei erëm en Haus um Balcon zu Lasauvage op. Dir gesitt, de Präis ass ganz déif. Dat heescht, och do hu mer erëm gutt verhandelt. Et muss een awer och soen, datt nach vill muss dra geschafft ginn. Mir rechnen tëschent 50.000 an 80.000 Euro Invest. Dat hänkt dovun of, wat mer am Gaange sinn, drun ze schaffen. Mir versichen, dat ganz vill mat eise verschidde Servicer ze maachen.

Ech wëll eng Informatioun iwwert de Balcon soen. Dir wësst, datt do déi riseg Terrass wierklech net méi gutt ass. Mir hunn Experten drop gesat. An et ass eng Gefor. Vu datt mer elo scho sechs- oder siwemol Versammlungen hate mat de Proprietären, huelen ech als Buergermeeschter meng Responsabilitéit. Well et ass eng Gefor fir d'Leit a fir d'Kanner. Mir wäerten als Gemeng dee Balcon frësch maachen an et facturéiere loossen un déi jeeweileg Proprietären. Et ass esou geféierlech, datt Stécker eroffale kënnen. Do spille Kanner, an déi Verantwortung wëll ech net méi droen.

Dat heescht, déi Leit wäerten elo nach eng Kéier zesummegeruff ginn a gesot kréien, datt dee frësch gemaach gëtt. Prozentual, no de Milliëmen, wäert dat un déi jeeweileg Proprietäre verrechent ginn. Et ass dat zweet Haus um Balcon. Fir eis wäert dann och en Deel ufalen. Mir kënnen awer net méi zouloossen, datt dat esou delabréiert. Ech wollt

Iech dat als Informatioun mat op de Wee ginn.

Här Hartung, w.e.gl.

JERRY HARTUNG (CSV):

Dir Dammen, Dir Hären, de Kaf vum Haus begrësse mer. Wéi éinescht gesot ginn ass, investéiere mer hei weider an de Logement. De Projet vun der AIKS ass e gudde Projet.

Mir haten effektiv d'Fro opgeschriwwen, wéi et mam Balcon géif weidergoen. Do si mer frou héieren ze hunn, datt elo endlech Neel mat Käpp gemaach ginn. Well dat war wierklech keng gesond Situatioun, fir et esou auszedrénken. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Här Diderich, mir si bei enger Acquisitioun vun engem Haus fir sozial Zwecker. Just fir ze soen. Rechent dat bei de Budget. Här Muller, Dir hutt d'Wuert.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci, fir d'Wuert. Mir begrëssen och, dass mer erëm en Haus – oder eng Wunneng – opkafen, fir Locatairen zouzeféieren. An och selbstverständlech iwwer eis AIS vum Kordall.

Ech wollt nach ee Wuert soen zum Balcon. Ech war deemools an där Diskussioun dobäi. An den Här Liesch och. An ech weess net, wien nach alles vum Schäfferot. Dat war eng ganz schwierig Diskussioun, wéi mer ugefaangen hunn. Do hate mer nach aner Iddie fir dee Balcon. Well op der Virplaz vum Balcon, do kéint een eppes ganz anescht maachen, e ganz anere Stil an Niveau kréien. Fir de ganze Cachet vu Lasauvage, net nëmme fir de Balcon selwer.

An ech hat e bëssen d'Gefill, no laangen Diskussiounen, dass mer et deemools deblockéiert haten, doduerch dass mer gesot hunn, mir géife versichen, dass d'Gemeng déi Aarbechte virfinanzéiert. Well jiddwereen, deen do wunnt, kennt säin eegene Portmonni. A wann een

6. Actes et conventions

deen elo muss opmaachen oder e Prêt maache goen ... Et sinn och eeler Leit, déi do wunnen. Et kritt een net méi esou séier e Prêt, fir dat eventuell ze finanzéieren.

Duerfir wollt ech froen, ob mer nach ëmmer op déi Pist ginn, fir deene Leit ze hëllefen. Ech mengen, da kéint jiddweree soen, ech bezuele cash, wat eben ufält. Well wann et eng Kopropriétéit wär, misst en et och maachen. Oder awer, et hätt sech eng Cagnotte ugesammelt, dass een eng Zomm all Mount op d'Säit setzt an deene Kopropriétéiten, fir wann eventuell mol gréisser Reparaturen ufalen. Dat ass awer hei net de Fall.

Hei ass am Fong eng Kopropriétéit, wou jiddwereen individuell wunnt. Et ass en eenzelt Haus. Mä a Wierklechkeet ass et en Ensembl. Et ass eng verfuere Situatioun, wann ee wëllt. Duerfir mengen ech, et wär awer gutt, wa mer de Leit e bësse géifen hëllefen. Et ass selbstverständlech, dee Montant muss ee bezuelen. Mä dass mer awer vläicht iwwer zwou Varianten hinne géifen entgéintkommen. Dat wollt ech nach soen. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Här Schwachtgen, w.e.gl.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Wann ee vu Lasauvage schwätzt a vu Balcon: Dir wësst, dass dat e Gebai war, wat de Grof Saintignon nach baue gelooss huet, am Hibleck op e Kur-Hotel. Wat mat den Thermë vu Longwy-bas hätt solle fonctionnéieren.

Ech ginn awer elo kee Geschichtscours, mä wëll einfach soen, dat ass geschichtsträchtig. An dat ass och Patrimoine. An hautement Patrimoine. Et gehéiert zu Lasauvage wéi d'Kierch a wéi aner Gebaier. Dat huet eben den Numm Balcon kritt duerch déi Terrass, déi dann elo, Gott sei Dank, endlech renovéiert gëtt. Den Här Buergermeeschter huet et elo gesot. Wat eng gutt Saach ass.

Wa mer Wunnengen do kafen, ass dat positiv. Wa mer de Balcon, dee ganze

Balcon kéinte kafen, wier et nach besser. Da kéinte mer dermat maachen, wat mer wëilten. Hei si kooperativ Proprietären do, déi effektiv do kaaft hunn an och do wëlle wunne bleiwen. A sech och asetzen, dass dee Patrimoine erëm hiergestallt gëtt. Anerer sinn eben, aus verschiddene Grënn, vläicht méi retizent.

Awer, fir mech komme mer op d'laang Weil net derlaanscht, fir Lasauvage endlech erëm zu deem ze maachen – et ass scho vill geschitt –, wat an der Zäit, ech géif soen den 80er Joren, geplangt war, Village pilote am Integralen.

Mir gi vun engem eenzelne Patrimoine-Schutz aus, vum Haus A. D'Haus C gëtt geschützt, et gëtt erëm eent ausgeloooss, da gëtt erëm geschützt, jee no Propriétéitsverhältnissen.

Awer et kann ee sech dergéint wieren, an enger Kopropriétéit, dass iwwerhaapt eppes geschitt. Mam Resultat, dass ee säi Virgäertchen, elo Balcon, déi schéi Plaz, wou den Här Muller gesot huet, einfach kann delaisséieren. An och nach mat bloe Plastikplane säin Holz zoudecken an och nach Plastikpoubellen dohinnerstellen.

Soulaang mir net e Schutz maache vun deem ganze Patrimoine am ëffentleche Beräich, am siichtbare Beräich, bleift et nach ëmmer e Stéckwierk. Mat Hëllefen, mat Belounungen natierlech. Awer och mat Drock, dass mer eng Struktur dra kréien, zesumme mam Sites et Monuments an esou virun.

Well och wann een elo e geschützt Haus huet an et verkeeft een et, an en anere sträicht déi Fassad erëm knallrout un oder mécht e Plastik virdrun, dann hu mer kee Reglement, wat seet, dat do däärf de net. Ech weess net, ob elo e gudde Moment wär, fir dat am PAG ze iwwerdenken. A wierklech Lasauvage zu engem Patrimoine ze maachen – integral geschützt.

Dat gëllt och fir déi Gäert, déi Richtung Crosnière leien, wou all Méigleches geschitt. A wou natierlech en Tourist, oder een, deen ästhetesch de Patrimoine wëll kucken, onheemlech gestéiert ass duerch verschidden Taudien, déi ëmmer erëm entstinn an déi eis Problemer maachen.

tion avait été débloquée lorsque la commune avait proposé de préfinancer les travaux. Certains propriétaires sont âgés et auront du mal à obtenir un prêt. Erny Muller demande au collègue échevinal s'il compte toujours les soutenir. Il rappelle que ces maisons ne constituent pas une copropriété et qu'il n'existe pas de cagnotte pour les réparations. Chacun habite individuellement même si le site constitue un ensemble.

Erny Muller est d'avis que la commune doit soutenir les habitants. Chacun doit payer sa partie, mais il existe des variantes.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

rappelle que le comte de Saintignon avait fait construire un hôtel sur le balcon devant fonctionner avec les thermes de Longwy-Bas.

Le balcon fait partie du patrimoine de Lasauvage tout comme l'église par exemple. Frenz Schwachtgen se réjouit du fait que les terrasses soient enfin rénovées.

Il est par ailleurs d'avis que la commune devrait acquérir tout le balcon. Certains propriétaires ont acheté une maison, et veulent y rester et préserver le patrimoine. D'autres sont plus réticents. Mais pour Frenz Schwachtgen, Lasauvage doit devenir un village pilote intégral comme cela avait été prévu dans les années 1980. Actuellement, seule une partie des maisons sont protégées en fonction des propriétaires. C'est pourquoi certains jardins de devant sont laissés à l'abandon. D'autres propriétaires y couvrent du bois avec des bâches bleues. D'autres encore y stockent leurs poubelles. Tant que la commune ne décidera pas de protéger tout le patrimoine — à travers des récompenses, mais aussi en mettant la pression sur les propriétaires, le projet de classement restera à l'état d'ébauche.

Frenz Schwachtgen ajoute que l'on peut protéger une maison. Mais si le voisin décide de repeindre sa façade en rouge ou d'y apposer des bâches, le règlement l'y autorise. Frenz Schwachtgen se demande s'il ne faudrait pas intégrer ces réflexions dans le PAG et faire de Lasauvage un village intégralement protégé.

6. Actes et conventions

La même chose est vraie pour les jardins en direction de la Crosnière. Un touriste voulant admirer le patrimoine ne peut être que dérangé par ces taudis.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) salue l'acquisition de cette maison. Il s'agit d'une goutte d'eau dans l'océan. Mais c'est important pour le patrimoine et pour le logement. Gary Diderich s'excuse pour son ton ironique, mais il faudrait des décisions comme celles-ci à chaque séance du conseil communal. Comme M. Schwachtgen, Gary Diderich est d'avis que Lasauvage doit être valorisée. Cependant, il ne faut pas aller trop loin. Lasauvage doit rester un village où les gens peuvent vivre — sans devenir un musée ou un site purement touristique.

Gary Diderich ne sait pas combien de locaux pour poubelles il y a. Mais certaines maisons sont petites. Les caves ne sont pas toujours facilement accessibles. Certes, on peut aménager un joli abri pour les poubelles, mais ce n'est pas nécessairement le premier investissement à effectuer.

Bref, il faut revaloriser Lasauvage, mais main dans la main avec les habitants. Le cas du balcon démontre que ce n'est pas facile. Gary Diderich a parfois l'impression que les habitants de Lasauvage se sentent délaissés. La commune ne peut pas revaloriser Lasauvage à l'intention des visiteurs sans tenir compte des gens qui y vivent. C'est pourquoi Gary Diderich déconseille un règlement trop restrictif.

ALI RUCKERT (KPL) salue à son tour l'acquisition et la réparation de cette maison. Mais le balcon aurait dû être classé monument national il y a longtemps. Aujourd'hui, il tombe en ruine. La commune a raison d'intervenir, mais elle devra faire preuve de doigté. Il est important que les touristes apprécient Lasauvage, mais ils doivent respecter ceux qui y habitent. Le village ne peut donc pas devenir un musée.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Här Diderich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech begréissen, dass mer hei een Haus kafen als Déifferdenger Gemeng. Am duebele Sënn ass dat mol positiv. Dat ass eng Drëps op de waarme Steen am Beräich Logement. Awer ganz wichtig. Et ass virun allem fir de Patrimoine wichtig. An et mécht ee Logement accessibel hei. Wat mer jo batter néideg hunn. Also ech mengen dat net ironesch, ech fannen et wierklech gutt. Ech mengen, mir musse weider an all Gemengerotssëtzung esou Akten hei kënnen stëmmen. Da kréie mer dee Retard opgeholl, dee mer hunn.

Wat ech elo vum Här Schwachtgen héieren hunn, mécht mech e bësse stutzeg. Ech denken och, dass Lasauvage op jidde Fall soll opgewäert ginn. Mä, ech mengen, mir dierfen och net ze wäit goen. Et ass nach ëmmer en Duerf, wou Leit wunnen. Wou mer musse kucken, dass se kënnen wunnen. An dass se sech net wéi an engem Musée müssen do verhalen, respektiv fir d'Touristen do musse wunnen.

Et kann ee bestëmmt am Detail Saache fannen, mä ech weess net, wéi vill Lokaler et do gëtt, fir seng Plastikpoubelle ënnerzestellen. Ech hunn nach keng aner gesinn, ausser eng Plastikpoubelle, wou ee se soll ënnerstellen. Dach, metalle Poubellen, mä déi sinn net esou heefeg.

Dat sinn zum Deel kleng Haiser. Do sinn net onbedéngt Kellere, wou ee gutt dohinner kënnt. Natierlech kann ee sech do och e schéinen Abris fir seng Poubelle leeschten. Dat ass awer fir verschiddener vläicht éischter e Luxus, wéi dass dat elo déi éischt Investitioun wär, déi ee géif maachen.

Mä bestëmmt sinn do och Saachen, wou ee soll evitéieren, wou ee soll drop hischaff, dat opzewäerten. Dat muss een Hand an Hand mat de Leit maachen. Dat ass net ëmmer esou einfach, wéi mer jo am Fall vum Balcon mierken. Dass mer ganz lues do weiderkommen.

Mä ech mengen, dass Lasauvage – ëmmer wann ech mat Leit schwätzen, ass e bëssen e Gefill do, dass se delasséiert ginn. Ob dat ëmmer esou objektiv stëmmt oder net, dat ass schwéier ze beuerteelen. Ech denken, wann een déi Opwäertung wëll kréien, fir déi Leit déi net zu Lasauvage wunnen, da muss een och kucken, an objektive Faiten an am Gefill och déi Opwäertung ze kréien, fir déi Leit, déi do wunnen.

An da kann een et Hand an Hand maachen. Da kritt een och esou Saachen an de Grëff, wéi den Här Schwachtgen gesot huet. Ech géif awer dovunner ofroden, fir reng duerch Reglementer, Verbuerter virzegoen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Här Ruckert, w.e.gl.

ALI RUCKERT (KPL):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll als Vertrieeder vun der KPL begréissen, dass d'Gemeng eng weider Wunneng keeft an déi dann och an d'Rei mécht. Leider muss ee soen, ass bei deem Ensembel vun deem Balcon viru ganz laange Jore verpasst ginn, deen ënner Denkmalschutz ze stellen. Well dat wär et wäert gewiescht.

Haut ass dat extrem, extrem komplizéiert, well et ass vill futti. A wann dee Balcon do baufälleg ass... Déi Trap, déi eropféiert, ass schoonn zéng Joer laang baufälleg, dat muss een awer och soen. Dat heescht, do ass laang näischt geschitt. Mä et ass awer gutt, wann d'Gemeng elo déi Initiativ hëlt. Natierlech géif ech soen, och mat Fangerspëtzegefill trotzdeem. Well et sinn awer Leit, déi do wunnen.

Wann Touristen dohinner kommen, déi kënnen Lasauvage schéi fannen. Mä et dierf awer net esou wäit kommen, dass se soen, Lasauvage ass schéin, mä do sinn awer och nach Lasauvager, dofir ass et net méi esou schéin. Also esou kann et jo awer net sinn. Also et dierf kee Museum sinn. Et si Leit, déi do wunnen. An déi müssen och an Zukunft do kënnen wunnen.

6. Actes et conventions

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Dir hutt bal alles gesot. Et ass selbstverständlech, datt de Charme vu Lasauvage och d'Awunner vu Lasauvage sinn. An et kennt een der jo e puer. Leider ass deen een oder deen aneren an de leschte Jore gestuerwen. Leit, déi wierklech e Pilier vun der Entrée vu Lasauvage waren.

Natierlech wëlle mer de Leit net eppes ewechhuelen. Éischtens emol géif dat souwisou net goen. Wann ee Proprietär vun engem Stéck ass, da mécht deen op sengem Stéck, wat hie fir richtig fënnt. An net, wat mir heibanne fir richtig fannen oder schéi fannen. Et geet just am Konsens. A Konsens si mer scho jo relaang am Gaang.

Virun e puer Méint hate mer nach eng Versammlung, wou den Här Muller an den Här Liesch Saache proposéiert hunn, wéi et kéint ausgesinn: mat engem Park, Alternative fir Parkplazen, fir Autoen. Plus de Financement gekläert. Iwwregens ass et och beim Balcon esou – och wa mer dat elo wäerte maachen –, dass d'Leit natierlech d'Méiglechkeet hunn, dat a Raten ofzebezuelen. Selbstverständlech. Well net all Mensch ka sech vläicht 5.000 oder 8.000 Euro direkt leeschten. Dat maache mer.

Mä et muss hei am Konsens goen. Mir sollen eis Zäit loossen. Mir sollen Alternative weisen. Mä beim Balcon geet et ëm Sécherheet. Virum Balcon geet et net ëm Sécherheet. Do kann natierlech all Persoun, déi Proprietär vun hirem Stéck ass, maachen, wat se wëll. Mä et kann een hinne Beispiller weisen, nach eng Kéier an nach eng Kéier. An da mengen ech, datt ee lues a lues vläicht zu engem flotte Resultat kënnt.

Wann d'Leit, déi zu Lasauvage wunnen, sech vläicht mannerwäerteg fillen, kommt mer kucken, wéi Lasauvage virun zéng Joer ausgesinn huet. Do war kee Weier. Do hu mir 56 grouss Camionen Dreck erausgeholl, wou elo d'Wei-eren an d'Spadséierweeër sinn. Mir sinn do am Gaang, dee ganze Kanalreseau fräsch ze maachen.

Et ass awer schrecklech vill geschitt. D'Kierch hu mer fräsch gemaach, d'Spillplazen, d'Naturschoul, de CIGL

hir Gäert, den T.I.C.E., deen dohinner fiert. Dat däerf een och net vergiessen, dat war virun net de Fall. Dee fiert och elo dohin. Am grouse Ganze kann ee jo ëmmer d'Gefill hunn, et kritt een net genuch, mä et muss een awer och kucken, wat ginn ass.

Mä ech ginn Iech recht, et soll een do net forcéieren. Et soll ee weider mat de Leit diskutéieren an hinnen Alternative ginn. Wann ee gär eppes hätt, muss een natierlech och eppes amplaz ginn. Mir sinn op alle Fall frou, dat doten Haus kafen ze kënnen. Dat sinn zéng Proprietéiten, domat si mer schonn op 20%. Dat ass schonn net schlecht.

Här Ulveling, Dir wollt och nach eppes soen.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Éischtens wollt ech Iech soen, dass et net den Här Muller war, mä meng Wéin-egkeet, deen déi lescht Versammlung dobäi war. Just fir ze soen, dass mer effektiv de Leit ganz flott Projete virgestallt hunn, wéi een déi Devanture do virun – wou elo déi Gäert sinn an déi Autoen, déi egal wéi dostinn – flott amenagéiere kéint.

Well mer am Kader vun der Renovatioun vun de Stroosse geduecht hunn, da kéint een dat eventuell matmaachen. Wat – dovun sinn ech iwwerzeegt – zur Valorisation vun jiddwerengem sengem Haus géif bäidroen, wann een dat flott gestalte géif. Leider sinn awer e puer eenzelner dobäi, déi sech dogéint striewen. Hei sinn eis d'Hänn gebonnen. Mir deet dat effektiv Leed fir all déi Leit, déi awer do hätte wëlle matmaachen.

Et ass kloer, dass mir gewaart hunn, bis mer déi Decisioun geholl hunn. Mä et ass wichteg, dass awer elo um Balcon eppes geschitt, well en ass baufällig. Déi Trap ass schonn, ech weess net, e puer Joer laang gespaart, dass kee méi däerf driwwer goen.

An d'Experte soe ganz kloer, dass de Risiko besteet, dass dat afält. Do muss een handeln. Do musse mer, wéi de Buergermeeschter seet, eis Responsabilitéit huelen. Well wann do engem eppes geschitt, da gëtt jo gesot, firwat

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

donne raison à M. Ruckert. Les habitants de Lasauvage font aussi le charme du village. Malheureusement, certains piliers sont morts l'année dernière.

Le collège échevinal n'a pas l'intention de priver les habitants de quoi que ce soit. Les propriétaires peuvent faire ce qui leur plaît sur leur terrain. Les décisions sont prises à travers un consensus.

Il y a quelques mois a eu lieu une réunion où M. Liesch et M. Muller ont présenté des alternatives avec un parc, des places de stationnement, etc. Les modalités de financement ont été expliquées. Les frais pourront être payés en mensualités, car tout le monde ne peut pas déboursier 5000 € ou 8000 € d'un coup.

Roberto Traversini estime qu'il faut prendre le temps de présenter des alternatives. Cependant, en ce qui concerne le balcon, il y va de la sécurité. Les propriétaires peuvent faire ce qu'ils veulent sur leurs terrains, mais la commune peut leur montrer des exemples.

Les habitants de Lasauvage se sentent peut-être délaissés, mais Roberto Traversini rappelle qu'il y a dix ans, il n'y avait pas d'étang dans le village. Les canalisations vont être refaites. Le bourgmestre mentionne aussi l'église, les aires de jeux, l'école nature, les jardins du CIGL, le TICE... On peut toujours avoir le sentiment de ne pas recevoir assez, mais il ne faut pas oublier tout ce qu'on a déjà reçu.

Cependant, il est vrai qu'il faut continuer à discuter avec les gens.

TOM ULVELING (CSV) précise que c'est lui qui a participé à la dernière réunion et non M. Muller.

Le collège échevinal a présenté un projet d'aménagement de la devanture aux propriétaires. Cela contribuerait à valoriser les maisons. Malheureusement, certains propriétaires sont contraires à cette idée et le collège échevinal ne peut rien y faire.

(Interruption de M. Liesch)

Tom Ulveling estime qu'il est temps d'intervenir, car le balcon tombe en ruines. L'escalier est interdit d'accès depuis quelques années. Les experts ont expliqué que le balcon

6. Actes et conventions

risque de s'effondrer. Le collègue échevinal doit prendre ses responsabilités, car si quelque chose arrive, on reprochera à la commune de ne rien avoir fait.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
confirme que M. Ulveling a participé à trois réunions.

(Vote)

Roberto Traversini passe à l'acquisition d'une maison dans la rue Charlotte. La commune est déjà propriétaire de la maison à côté. Comme la construction d'un quatrième étage sur la commune n'est plus envisageable, le collègue échevinal compte démolir les deux maisons en question pour y construire une annexe de l'hôtel de ville.

ERNY MULLER (LSAP) *rappelle qu'il n'a jamais été enthousiaste à l'idée de construire un quatrième étage. La dernière fois, les socialistes ont approuvé le projet, car un agrandissement est nécessaire. Erny Muller se dit surpris que désormais ce projet coute trop cher. Le collègue échevinal n'a-t-il pas réfléchi à la question des couts dès le départ? N'a-t-il pas communiqué l'enveloppe budgétaire à l'architecte?*

La commune essaie d'acquérir la maison dont il est question aujourd'hui depuis longtemps. Erny Muller est d'accord avec le principe, mais tout cela est nouveau. En tout cas, il préfère cette solution.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
voulait expliquer que la maison en question ne servirait pas à construire des appartements, mais à agrandir l'hôtel de ville. De cette façon, les citoyens n'auront pas besoin de courir à droite et à gauche pour profiter des services.

JERRY HARTUNG (CSV) *estime que cet achat n'est pas spectaculaire et pourtant il donnera naissance à quelque chose d'important, car chaque service communal doit disposer de l'espace nécessaire. Il salue l'abandon du projet de construction d'un quatrième étage sur l'hôtel de ville, car il était extrêmement complexe et onéreux.*

huet d'Gemeng näischt ënnerholl, déi woussten dat jo.

Dat wollt ech just nach soen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ulveling. Den Här Ulveling war bei dräi Versammlungen dobäi. Ganz richtig. Da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la vente d'une maison unifamiliale avec garage, place et parties de terrains au lieudit « Balcon » et « Rue Principale » à Lasauvage.

Merci. Mir kafen nach en Haus an der rue Charlotte. En Haus, wou mer laang drop gewaart hunn, fir et ze kafen. Mir hate schonn d'Nopeschhaus kaf gehat, well mer du scho gehofft haten, dat heiten och ze kréien. Dat ass net geduecht, fir Wunnengen draus ze maachen, mä mir hunn dat kaf gehat, viru Joren, fir d'Gemeng méi grouss ze maachen.

A Gott sei Dank hu mer dat gemaach gehat. A Gott sei Dank kafe mer elo dat heiten. Well Dir hutt jo gesinn, datt mer d'Iddi vum véierte Stack si gelooss hunn, fir d'Gemeng méi grouss ze maachen. Elo ass ugeduecht, déi zwee Haiser ewechzehuelen an do d'Gemeng méi grouss ze maachen. Den Detail, wa mer souwäit sinn, kann den Här Ulveling Iech herno erklären. Mir kafen dat Haus, fir et ofzerappen, fir d'Gemeng méi grouss ze maachen. Alles anescht wier elo net wouer, wann ech Iech eng Geschicht géif zielen.

Här Muller, w.e.gl.

ERNY MULLER (LSAP):

Ech hätt dozou eng Fro. Dir kënnt eis awer herno Erklärungen ginn. Wéi ech mer dat déi éischte Kéier ukucke war, fir hei uwendrop ze bauen, do war ech guer net begeeschtert. Déi leschte Kéier huet meng Fraktioun am Gemengerot derfir gestëmmt, well mer einfach fannen, dass mer eng Ausdeenung brau-

chen. Mer brauche weidere Raum fir eis Personal, fir d'ganzt Fonctionnement vun eiser Gemeng.

An elo wonneren ech mech trotzdeem, dass mer dann erëm gesot kréien, elo gëtt dat awer ze deier. Duerfir stellen ech mer d'Fro: War dann do net gekuckt ginn, wat dat kascht, wa mer dat maachen? Oder hu mer vläicht den Architekten net gesot, mir stellen eis eng Enveloppe vir, wat dat eventuell ka kaschten? Dass mer elo soen, dat gëtt vill ze vill deier.

Well déi Iddi, fir hei auszebauen, déi besteet jo scho laang. Mir ware permanent a Kontakt, fir dat Haus ze kréien. Duerfir wonnert dat mech elo e bëssen. Mä ech kann de Prinzip awer matdroen, dass mer elo op déi aner Variant ginn. Mir hunn dat nach net diskutéiert, well dat jo elo nei ass fir eis, mä ech perséinlech fannen et awer besser.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech wollt just matdeelen, firwat mir dat Haus kafe wëllen. Et ass net fir Wunnengsbau draus ze maachen. Natierlech muss de Projet nach ausgeschafft ginn. A wann de Projet näischt géif ginn, da kéint et effektiv sinn, datt awer Wunnengen entstoe kéinten. Mä dëst ass geduecht, fir d'Gemeng ze erweideren op d'ärselwechter Plaz. Wou d'Bierger an d'Biergerinnen net brauche wäit ze rennen, lénks a riets. Dofir wär et sënnvoll, dat ze maachen.

Här Hartung, w.e.gl.

JERRY HARTUNG (CSV):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, aus dësem u sech net spektakuläre Kaf, dee mer haut hei stëmmen, wäert spéiderhin eppes Wichteges entstoen. Ee grousst Gemengenhäus, wat d'Standarde vun engem moderne Stadhaus erfëllt. Wou all Service Plaz huet a regroupéiert gëtt. Dëst, fir der Aarbecht vun onsem Personal entgéintzekommen an e gudde Service um Bierger ze garantéieren.

Mir begréissen, wéi am Ufank vun dëser Sëtzung schonn ugeschwat gouf,

6. Actes et conventions

datt op dësem Wee deen zwar flotten, awer extrem komplexen an deiere Projet vum véierte Stack op der Gemeng net méi néideg ass an de Schäfferot dee fale gelooss huet.

Mat dëse Sue kënne mer elo deen Terrain ronderëm d'Gemengenhaus vill méi rational vergréisseren. Fir datt an Zukunft all ons Servicer, wou et Sënn mécht, hei beieneen an uerdentlech ënnerdaach kommen. Ech denken do beispillsweis un dee ganzen Departement social, dee momentan ausgelagert ass op verschidde Standuerter am Zentrum.

D'CSV stëmmt dëse Kaf mat. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci. Da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la vente d'une maison unifamiliale avec jardin au lieudit « Avenue Charlotte » à Differdange.

Merci. Dat nächst sinn 0,59 Ar an der rue du Verger. Här Liesch, erkläert Der eis dat, w.e.gl.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

D'rue du Verger ass déi kleng Strooss zu Nidderkuer, déi eropgeet op d'Cité Galerie Honsbësch. Dat lescht Haus uewen, do huet de Mann gefrot, fir dat klengt Stéck Terrain nieft sengem Haus ze kréien. Als Gemeng hu mer elo direkt keng Uwendung fir deen Terrain. Soudass mer dem Mann dat accordéiert hunn, zum Präis vu 50.000 Euro den Ar. Soudass en eis déi 0,59 Ar do wäert ofkafen, déi direkt uewe bei sengem Haus leien.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la vente d'un terrain d'une superficie de 0,59 a au lieudit « Rue du Verger » à Niederkorn.

Merci. De Punkt e) wäerte mer dann am Abrëll erëmgesinn. An dann den f), dat sinn Avenante vum 1535°. Do ass ee ganz interessanten dobäi – quitte, datt se all interessant sinn, soss géife mer se jo net an de 1535° huelen –, dat ass eise Concept Store. Dir fannt am Dossier, firwat deen erausgesicht ginn ass, och den Avis vun der Kommissioun.

Et ass e flotte Projet, deen d'Croix Rouge am 1535° maache wëll. Si schaffe gär mat Leit, deenen et net esou gutt geet, mat Kënschtler a mat Kënschtlerrinnen. Si géifen och gär – Restaurant kann een et net nennen – eppes Klenges fir z'iesse maachen, mam Chiche, e libanesisches Restaurant, wann een dee kennt.

Eis als Schäfferot huet et op alle Fall begeeschtert. An wann een den Avis vun der Kommissioun kuckt, soe si eis am Fong geholl, datt dat dee richtege Wee ass. Mir sinn op alle Fall frou, datt mer deen neie Projet lancéiere kënnen.

Deen aneren, dat ass eng Fotograf, déi dohinner kënnt.

Kënne mer d'Diskussioun opmaachen? Här Hartung, w.e.gl.

JERRY HARTUNG (CSV):

Dir Dammen, Dir Hären, wann een de Projet vun der Croix Rouge hei analyséiert, gesäit een, datt si mat hirem Concept Store eng Iddi erschafft hunn, déi gutt an dëst Ëmfeld vu Kreativitéit, Innovatioun an Interaktioun, woufir de 1535° jo steet, passt.

Net nëmmen de Schäfferot, mir als CSV waren och begeeschtert, wéi mer dat gekuckt hunn. D'Konzept erfëllt zugläich d'Kritäre vun der Économie sociale et solidaire, der Économie circulaire, mä bitt zudeem eng Plattform fir Kënschtler.

Avec cet argent, il sera possible d'acquérir du terrain autour de la commune et d'agrandir l'hôtel de ville de manière rationnelle. Les services communaux seront rassemblés sur un même site. Jerry Hartung rappelle qu'actuellement, le département social est dispersé sur plusieurs sites dans le centre-ville.

(Vote)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

passé à 0,59 a dans la rue du Verger.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)

explique que la rue du Verger est la petite rue à Niederkorn montant en direction de la galerie Honsbësch. Le propriétaire de la dernière maison souhaite acheter le bout de terrain jouxtant sa maison. Le prix est fixé à 50 000 € l'are.

(Vote)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

passé à des avenants au 1535° et plus spécifiquement au « concept-store ». Les conseillers communaux disposent d'un dossier contenant l'avis de la commission. Il s'agit d'un projet intéressant réalisé par la Croix-Rouge. Ils travailleront avec des artistes dans le besoin et comptent aussi ouvrir un espace de restauration.

Le collège échevinal est enthousiaste. L'avis de la commission est positif. Roberto Traversini se dit heureux de pouvoir lancer ce projet.

JERRY HARTUNG (CSV) constate que la Croix-Rouge a élaboré un beau projet avec son « concept store », qui s'intègre bien dans l'environnement innovant et créatif du 1535°.

Les chrétiens sociaux sont eux aussi enthousiastes. Le concept remplit les critères de l'économie sociale et solidaire et propose en plus une plateforme aux artistes.

6. Actes et conventions

Concrètement, le « concept store » propose une restauration reposant sur des produits locaux et une boutique de seconde main vendant des vêtements et des livres. Les locaux serviront aussi de galerie pour les artistes. Une collaboration avec les artistes du 1535° et les musiciens du Sonotron est aussi prévue. Cette interaction entre la gastronomie, le commerce et les expositions est adaptée au concept du 1535°.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *salue ce projet, qui démontre comment mettre en place une économie sociale et solidaire.*

La Croix-Rouge collaborera avec de nombreux partenaires du 1535° ou de Hariko, qui met des ateliers à la disposition d'artistes gratuitement à Esch.

On oublie souvent que les artistes ne peuvent pas se nourrir de leurs ateliers. Ils ont besoin de gagner de l'argent. Le projet de la Croix-Rouge leur offre une plateforme pouvant susciter de l'intérêt et du succès.

La Croix-Rouge dispose aussi d'un réseau de fournisseurs en partie biologiques et faisant partie de l'économie sociale et solidaire. Gary Diderich mentionne Tricentenaire, qui produit du chocolat et qui disposera d'un point de vente à Differdange après celui de Walferdange. Il rappelle qu'il existait un réseau de l'économie sociale et solidaire, « sozial a fair », qui a malheureusement disparu. Mais les différents acteurs ainsi que d'autres fournisseurs sont toujours là.

L'espace de restauration constituera quelque chose de nouveau pour Differdange: de la cuisine syrienne et libanaise.

Déi Lénk soutiendra ce projet. Il espère que le « concept store » s'installera durablement et qu'il sera bien accepté par les locataires du 1535° et par la population.

ERNY MULLER (LSAP) *trouve ce projet intéressant, car il est intéressant et repose sur l'économie solidaire et sociale. Il rappelle cependant que les socialistes se sont posé une contrainte et ne veulent pas faire d'exception. C'est pourquoi ils s'abstiendront lors du vote.*

Konkret a kuerz resuméiert, heescht dat eng Restauratioun, déi op gesond a lokal Produkter baut, mat engem Secondhandbutikk fir Kleeder a Bicher. Zudeem ginn dës Lokalitéiten als eng Zort Galerie fir Kënschtler genotzt.

Flott ze gesinn ass, dass nieft dem Projet Hariko vun der Croix Rouge, sech och Gedanke gemaach goufen, fir d'Kënschtler vum 1535° mat anzebannen. Ënner anerem, dass Museker, déi am Sonotron prouwen, och hei kënnen Optrëtter feieren.

Dëst Zesummespill vu Gastronomie, Verkaf an Ausstellung ass eng flott Offer, déi an hirer Symbios gutt an d'Konzept vum 1535° passt.

Mir stëmmen dëse Kontrakt an natierlech och dee vun der Fotografen, der Madamm Eckardt mat. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Här Diderich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Vun déi Lénk aus, begrësse mir deen heite Projet. Et ass e ganz flott Beispill, wéi een eng Économie sociale et solidaire kann en place setzen. Hei gëtt mat ville Partner zesumme geschafft. Sief dat sur lieu mat de Kënschtler, déi am 1535° sinn, wéi mat Partner aus dem Réseau vun der Croix Rouge.

Virun allem dem Hariko, dee jo och elo zu Esch ass, an domadder am Süden. Wou eng ganz Rei Kënschtler gratis Atelieren zur Verfügung gestallt kréien. An en retour gratis Workshops hale fir Jonker, déi soss keen Accès zu Konscht a Kultur hätten.

Wat heiansdo e bësse vergiess gëtt, oder zweetrangeg gëtt, dat ass, dass déi Kënschtler sech net nëmme vun hire gratis Atelieren ernäre kënnen, mä och iergendwéi eppes musse verdéngen. Mat deem heite Projet gëtt hinnen eng Plattform gebueden. Wou ech dann hoffen, dass dat, grad op där doter Plaz, awer fir Interessi a fir Succès wäert surgen.

Et ass och esou, dass hei vun de Fournisseuren hier, iwwert de Réseau vun der Croix Rouge eraus, eng ganz Rei lokal Betriber do sinn, zum Deel och Biobetriber an aus der Économie sociale et solidaire. Wéi den Tricentenaire, dee mat Chocolats du Coeur mat Handicapéierten e ganz gudde Schockela produzéiert. Deen zu Walfer schonn eppes opgemaach huet, wou een dat och ka consomméieren, an dann hei nach e weidere Relais kritt.

Et ass emol an der Économie sociale et solidaire e Réseau ginn „Sozial a Fair“. Deen huet sech leider net weiterentwickelt. Mä ech weess awer, dass iwwert dee Réseau, wou déi eenzel Acteuren nach ëmmer do sinn, nach eng ganz Rei aner Fournisseuren do sinn. D'Croix Rouge huet jo och am Dossier geschriwwen, dass dat hei elo net exhaustiv ass. Do sinn och nach weider Fournisseuren, déi uechtert d'Land Saache produzéieren. Ech hoffen, dass déi sech och hei kënnen ralliéieren.

An dann denken ech, dass mer hei vun der Restauratioun hier eppes kréien, wat mer zu Déifferdeng, mengen ech, nach net hunn: syresch-libanesesch Kichen. Ech mengen, dass dat absolutt seng Plaz huet an deem Gesamtprojet vum 1535°. An deem Sënn kënnen mir als déi Lénk dat heiten nëmme ënnerstëtzen. Mir hoffen, dass sech dat doten durabel installéiere kann. An deen och gutt opgeholl gëtt vun de Leit am 1535° wéi och vun eiser Bevëlkerung. Dass dat zum Succès gëtt. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Här Muller, w.e.gl.

ERNY MULLER (LSAP):

Och mir vun der LSAP fannen et en interessante Projet, speziell well et interaktiv ass an opbaut op d'Économie solidaire et sociale. Dir wësst jo, mir hunn eng kleng Contrainte. Mir wëllen dat awer elo net kontradiktoresch verstoen zu deem heiten, mer wollten awer och keng Exceptioun maachen zu eiser Reegel, déi mer elo fir de Moment nach hunn, dass mer eis beim Vote enthalten. Ech soen Iech Merci.

7. Règlements de circulation

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Madamm Richartz Yvonne. Ganz gären.

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG):

Mir gréng schléissen eis de Wierder vun eise Virriedner un. Mir fannen dat och eng gutt Saach. A mir wäerten dofir stëmmen. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Et ass en Dramprojet. Ech hoffen, datt e funktionéiert. Mir géifen zum Vott kommen.

Le conseil communal décide avec 14 voix oui et 3 abstentions d'approuver les contrats de bail et l'avenant au 1535° Creative Hub.

Merci. Dat nächst ass e klenzt Lokal, wat mer an der Michel-Rodange-Strooss hunn. Dat sinn net vill Metercarré. Et ass e Geschäft, wat sech e bësse méi erweidere wëll. En ass schonn an der Foussgängerzon. Mir hu fonnt, datt et dohi géif passen. Dofir läit Iech dee Contrat de bail vir. Et ass e Schonggeschäft. An der Foussgängerzon sinn et Kleeder, an hei sinn et Schong. Här Altmeisch, w.e.gl.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir hutt mer meng Fro deelweis beäntwert. Meng Fro war: Wat ass d'Activité commerciale vun der Firma? Mir sinn der Meenung, dass dat am Contrat de bail soll definéiert ginn, fir dass mer am Nachhinein keng Iwwerraschung kréien. Et wier jo net schlëmm, wann am Contrat de bail d'Activité commerciale erwänt wier. Da wier dat kloer, och fir d'Zukunft. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Mir huelen dat mat. Merci. Mir géifen zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail d'un local commercial situé au n° 14 rue Michel-Rodange à Differdange.

Merci. Deen nächste Punkt sinn d'Règlements de circulation. Här Liesch, w.e.gl.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Wéi esou oft ass nach en Dokument nogereecht ginn. Ech hoffen, Dir hutt dat nach matzäite kritt gehat. Wou all déi Règlements-d'urgencen nach eng Kéier drop sinn.

Dir gesitt, et ass nach ëmmer vill Aktivitéit an der Gemeng, wou geschafft gëtt. E puer Chantieren hutt Der sécher matkritt. An der Avenue Charlotte ass de Bau elo am Gaang. Do brauche mer e bësse Plaz, fir d'Grue opzeriichten, fir ze schaffen.

An der Grand-Rue ass de Chantier erëm lassgaangen nom Wanter. Do sinn och schonn e puer Reglementer dran.

Dir gesitt, fir den Tower Aurora ass och eppes dran, wou se en Emplacement brauche fir eng Benne. Ech huelen der just e puer eraus, net déi sëllege Fassaden an esou weider.

De Chantier an der Kennedy, deen eis heiansdo e bësse genéiert, well dee genau an der Haaptoder vun Déifferdeng läit. Wou d'Aarbechten awer elo gutt virukommen a mer hoffen, dass se d'Strooss net nach allze oft musse spären, wa se geliwwert kréien. Mä dee Chantier ass net evident, well e genau op der Strooss ass. Wat bedéngt, datt mer bal bei all Livraisoun d'Strooss musse spären, wéinstens eng Säit, wann net souguer déi zwou.

Dat sinn emol déi wichtegst. Ech weess net, ob Dir nach Froen zu deem engen oder deem aneren hutt. Wann, da

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG)

s'associe à ce qui a été dit. Les écologistes approuveront le projet.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

répond qu'il s'agit d'un projet de rêve et espère qu'il fonctionnera.

(Vote)

Roberto Traversini passe à un magasin de vêtements dans la rue Michel-Rodange. Le propriétaire souhaite s'agrandir.

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)

précise qu'il s'agit de chaussures.

(Interruption)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

ajoute que le magasin vend des vêtements dans la zone piétonne et des chaussures dans l'autre local.

GUY ALTMEISCH (LSAP) trouve qu'à

l'avenir, l'activité commerciale des entreprises devrait figurer sur les contrats de bail pour éviter les surprises.

(Vote)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

passé aux règlements de circulation.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) ex-

plique que certains règlements ont été ajoutés au dernier moment. Il espère que les conseillers communaux ont reçu tous les documents à temps.

Il signale que plusieurs chantiers sont en cours et mentionne celui de l'avenue Charlotte, où une grue sera installée. En ce qui concerne le chantier de la tour Aurea, il faut un emplacement pour une benne.

Le chantier dans la rue Kennedy est problématique parce qu'il est situé dans une artère principale de la ville. Les travaux avancent bien et Georges Liesch espère que la route ne sera pas barrée trop souvent. À chaque livraison, il faut fermer au moins une partie de la rue à la circulation.

Si les conseillers communaux ont des questions, Georges Liesch essaiera d'y répondre. Mais la plupart des règlements concernent des rénovations de façades. C'est une bonne chose. Differdange est en train de devenir plus colorée. Le nombre de règlements permet

7. Règlements de circulation

d'évaluer l'activité dans la commune.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) demande si les points a et b sont traités ensemble.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) répond que oui.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) explique que le point a concerne les adaptations du règlement de la circulation. Le collègue échevinal a reçu une demande pour aménager une place de stationnement devant les pharmacies.

Georges Liesch mentionne ensuite des adaptations dans la rue Castegnaro et la rue Conzemius.

Le nouvel hôtel dans la Grand-rue a besoin de places de stationnement pour ses clients. Le stationnement y sera limité à 15 minutes, le temps de décharger les valises.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) constate que les informations dans le règlement de la circulation sont contradictoires. L'article 57.1 indique trente minutes dans le texte, mais deux heures sur le panneau de signalisation. Dans l'article 59.1, il est question de quatre heures dans le texte et de deux heures sur le panneau. Bref, il y a de nombreuses corrections à apporter.

Gary Diderich s'interroge aussi quant aux formulations. Faut-il écrire que l'on peut stationner gratuitement dans le centre pendant une demi-heure ou faut-il préciser les limitations rue par rue? Car si dans certaines rues, le stationnement va être limité à 15 minutes, le règlement risque de contenir des contradictions.

Pour ce qui est règlements temporaires, Gary Diderich signale que l'arrêt de bus à Oberkorn a été déplacé il y a deux ans. S'agit-il d'une situation permanente? En tout cas, il faudrait signaler le déplacement de manière plus claire.

probéieren ech déi ze beäntwerten. Dat meescht si Fassaden, déi d'Leit frësch maache loosse. Wat e gutt Zeechen ass. Et mierkt een – Dir vläicht och als Conseiller –, wann een duerch Déifferdeng geet, et gi vill Fassade frësch gemaach. Déifferdeng fänkt un, méi flott, méi faarweg ze ginn. Dat ass natierlech eng gutt Saach, wann d'Leit an hir Haiser investéieren. Déi Reglementer fannen ech, sinn ëmmer e ganz gudde Bols, fir ze gesinn, wéi d'Aktivitéit esou an der Gemeng ass.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Schwätze mer elo de Punkt a) a b) zesammen?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech géif mengen, datt een déi zwou Saache soll zesammen huelen.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

De Punkt a), dat sinn Upassungen un d'Verkéisersreglement. Do ass vläicht ze erwänen, dass um Funiculaire eng Apdikt opgaangen ass. Et war eng Demande erakomm, fir iwwerall bei den Apdikten eng Parkplaz ze maachen. Dass d'Leit, déi an d'Apdikt ginn, relativ schnell eng Parkplaz fannen, an dann an d'Apdikt ginn an erëm eraus. Dat ass dat, wat mer hei maachen an der rue Castegnaro.

An der rue Conzemius ass et e bëssen ähnlech. Do war e bësse méi eng schwéier Situatioun, fir do ronderëm ze kommen. Do hu mer dann och e Reglement gemaach, fir déi Situatioun e bëssen ze entschärfen.

Ech mengen, dat wäeren déi wichtegst. An der Grand-rue vläicht nach, do ass en Hotel opgaangen. Do ass et ähnlech. Bei engem Hotel brauch een natierlech Parkplazen, wann d'Leit ukommen, mat hirem Gepäck, mat hire Wallissen, fir auszelueden. Zumindest eranzegoen

an anzechecken an dann den Auto enzousch anescht ze parken. Do hu mer Parkplaze geschaaft, wou ee 15 Minute parke kann, fir alles dat ze maachen, an dann natierlech den Auto iergendwou anescht parke geet. Ech mengen, dat ass an all Hotel esou, wat ee kennt.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Här Diderich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Beim Punkt a), der Adaptatioun vun eise Verkéisersreglement, do sinn an de Pabeieren zum Deel erëm – dat ass leider oft esou – kontradiktoresch Informatiounen: Am Artikel 2-5/7/1 steet am Text „maximal 30 Minuten“. Awer beim Schëld niewendru steet „maximal zwou Stonnen“.

Am Artikel 2-5/9/1 steet am Text „maximal véier Stonnen“, a beim Parkschëld „maximal zwou Stonnen“. Am Artikel 3-5/7/1 an der Groussstrooss gëtt vu „minimal 15 Minuten“ geschwat. An da steet awer beim Signal „zwou Stonnen“. Do gesinn ech elo vill Nohuelbedarf, fir dass dat Reglement do stëmmeg ass. Dat ass elo emol déi Saach.

Da wollt ech prinzipiell froen, wéi d'Reglement geschriwwen ass. Ob mer net solle soen, am Zentrum ass et eng hallef Stonn gratis. Oder ob dat pro Strooss wierklech geholl ass. Well wa mer a verschidde Stroossen eppes aneres maachen, dat heescht, déi Parkometere vu 15 Minuten, da riskéiere mer do kontradiktoresch Reglementer ze kréien. An da kréie mer vläicht e Problem. Mä vläicht ass dat och kloer genuch gereegelt.

Da wollt ech eppes nofroen, dat ass elo net hei dran, mä bei den Temporären. Dat hu mer mengen ech bis elo zweemol gestëmmt: D'Bushaltestell zu Uewerkuer, déi heescht Oberkorn-Chiers, ass schonn zënter bal zwéi Joer verluecht. Do wollt ech eng Kéier nofroen, ob dat elo eng permanent Situatioun do gëtt. An ob een déi net vläicht e bësse besser amenagéiere kann. Well do ass nach ëmmer e krommt Schëld un en anere Luuchtepotto geschnallt. Et hänkt

7. Règlements de circulation

kee Plang do, ob e Bus fiert a wéini dee fiert. Déi Leit, déi en huelen, déi wëssen dat.

Déi Leit, déi awer vläicht an der Vakanz de Bus huelen amplaz den Zuch, well an der Vakanz ëmmer geschafft gëtt um Zuch oder esou, déi riskéieren, um falschen Arrêt ze stoen. Well do hänkt just en A4, dass do kee Bus kënnt oder just den Diffbus kënnt. Ech mengen, wa mer den ëffentlechen Transport ënnerstëtze wëllen, da musse mer esou Plazen, souguer kuerzfristeg, besser amenagéieren. Mä, virun allem, wann et dann eng laangfristeg Situatioun gëtt, well et elo awer scho bal zwee Joer laang dauert.

Dann nach eng Ureegung, wat d'Situatioun beim Aquasud ugeet. Do wollt ech nofroen, wat do längerfristeg de Plang ass mat de Simon-Tours-Busser, déi do zum Deel stinn. An ob et do net interessant wär, e Kiss-and-Go anzerichten. Well do fuere Leit einfach op deen Trottoir. Et ass jo vill Fläch um Trottoir, an d'Leit fueren einfach do erop. Zum Deel parken der och heiansdo do. Ob een do net souguer Pottoe misst maachen. Oder op d'mannst e Kiss-and-Go. Dee géif Situatioun entkräften, well sech e bësse wéi wëll gestallt gëtt. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Liesch, w.e.gl.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Ech fänke vir un. Här Diderich, Dir hutt ganz recht. D'Partie graphique an d'Partie écrite stëmmen net richtig iwwereneen. Ech denken, dass et e Copy-Paste-Feeler ass. Mä et ass awer e Feeler. Duerfir musse mer dat natierlech verbesseren. Den Text zielt. Also wann hei am Text steet „30 Minutten“ oder „15 Minutten“, ass et dat, wat zielt.

D'Schëld musse mer natierlech deementspriechend upassen. D'Schëld wäert och herno richtig sinn. Mä hei am Dokument ass et awer falsch. Dir hutt ganz recht. Dat sollt net virkommen. Et ass awer, denken ech emol, e Copy-Paste-Feeler. Mer musse kucken, dass mer dat verbesseren.

Wat Der gesot hutt mam Plang vum Bus an Zuch, do hutt Der ganz recht. Dat kucke mer no, dass mer dat e bësse méi propper amenagéieren. Dass dat besser ausgesäit wéi elo.

De Bus beim Aquasud, do hu mer en Accord fonnt mat Simon Tours. Mir hu jo en Arrêt, oder eng Plaz, am Haneboesch amenagéiert, wou d'Buschauffere kënne stoen an hir Pause maachen. Déi hunn ugewise kritt, dohinner ze kommen. Déi Busser, déi elo nach beim Aquasud stinn, missten am Fong just nach RGTR sinn, déi effektiv dohinner fueren, sief et fir ze dréien, sief et fir hiren Tour ze maachen.

Mir ass awer och schoonn opgefall, dass dat der heiansdo awer méi sinn. Dass ech geduecht hunn, dat kann dach bal net sinn, dass et der esou vill sinn. Ech mengen, dass mer do nach eng Kéier mussen nohake bei der Busfirma, beim Exploitant vun där Linn. Fir hire Chaufferen nach eng Kéier e Rappel ze maachen, dass déi Plaz am Haneboesch extra dofir amenagéiert ass. An dass mer gär hätten, dass déi dohinner ginn.

Well mir hu soss Problemer, wann eisen Diffbus dohinner fiert plus de Schoulbus an esou weider. Dann ass et enk, wann do och nach d'Simon-Bussen hir Paus maachen. Dat ass net vun eis erwünscht. Mir maachen do nach eng Kéier e Rappel.

E Kiss-and-Go gesinn ech elo, éierlech gesot, e bësse manner. Well mir hu jo Parkplaze virun der Schwämm. Déi awer e bësse méi deier sinn. Et sinn der eng Dosen, déi mer do hunn, direkt uewe virun der Schwämm. Wou een eigentlech, wann een elo wierklech nëmme Kiss-and-Go mécht, mengen ech, een awer do ka parken, een erausloossen ouni mussen do anzegeheien. Esou séier sinn eis Pecherte jo net. Dat ass awer eng Solutioun, wou een net misst op den Trottoir fueren.

Ech wëll vun der Geleeënheet profitéieren, fir Iech ze soen, dass mer déi Situatioun, wou Leit op Trottoirë fueren, fir ze parken, well se mengen, et ass bequem a schnell an esou weider, awer esou lues genuch hunn. An dass mer elo dorop reagéieren. Mir maachen elo eng Testphas.

Actuellement, il n'y a qu'un panneau tordu au format A4 accroché à un réverbère. Les gens ne prenant pas régulièrement le bus risquent d'attendre au mauvais endroit. Des sites comme celui-ci doivent être aménagés de manière plus efficace afin de soutenir les transports en commun. C'est encore plus important lorsque la situation dure longtemps.

Gary Diderich demande ensuite ce qui est prévu concernant les bus de Simon Tours à proximité d'Aquasud. Ne faudrait-il pas aménager un « kiss & go » ? Les gens roulent ou se garent parfois sur le trottoir. Il faut trouver une solution, car la situation est un peu sauvage.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *constate que M. Diderich a raison: la partie écrite et la partie graphique du règlement de la circulation ne coïncident pas toujours. Il pense qu'il s'agit d'une erreur lors d'un « copier-coller ». Il faudra procéder à des corrections.*

En attendant, c'est le texte qui vaut et le panneau qui doit être adapté. (Interruption)

Georges Liesch admet que ces erreurs ne devraient pas survenir. Il répète qu'elles sont dues à un problème de « copier-coller ».

M. Diderich a également raison concernant le plan des bus et des trains. Ces situations doivent être gérées proprement.

Pour ce qui est d'Aquasud, le collègue échevinal a trouvé un accord avec Simon Tours. Ils disposent d'un site dans le Haneboesch. Par conséquent, les bus dont parle M. Diderich devraient être des RGTR. Cependant, Georges Liesch a également remarqué qu'il y a parfois plus de bus que prévu. Le collègue échevinal rappellera à l'exploitant qu'une place est réservée aux bus dans le Haneboesch. Car avec le Diffbus et les bus scolaires, il n'y a pas assez de place pour les bus de Simon Tours.

Georges Liesch ne voit pas vraiment l'intérêt d'un « kiss & go », car il y a une douzaine de places de stationnement payantes devant la piscine. Par ailleurs, s'il s'agit de déposer quelqu'un, il n'est pas nécessaire de prendre un ticket ou de rouler sur le trottoir.

7. Règlements de circulation

Le collège échevinal en a marre des automobilistes qui s'arrêtent sur le trottoir parce que c'est rapide et pratique et il va lancer une phase de test. Les poteaux en plastique ne servent pas à grand-chose, car les automobilistes les renversent et au bout de la dixième fois, il faut les remplacer. Certains ont pensé à mettre des tiges en fer dans les poteaux, mais ce serait méchant. C'est pourquoi le collège échevinal va relever les bordures des trottoirs. Ceux qui essaieront de monter sur le trottoir pourront prendre rendez-vous avec leurs garagistes immédiatement. L'essai aura lieu dans la Grand-rue. S'il s'avère concluant, la même technique sera mise en place à travers la commune — par exemple le long du centre sportif.

Il s'agit d'une solution bon marché et efficace ayant fait ses preuves à l'étranger. Le collège échevinal est obligé de prendre des mesures si les automobilistes ne respectent pas les règles.

GUY ALTMEISCH (LSAP) a lui aussi constaté les erreurs dans la documentation. Il propose de discuter des adaptations du règlement de la circulation au sein de la commission compétente. De cette façon, il sera possible de corriger les erreurs au préalable.

JERRY HARTUNG (CSV) revient sur les automobilistes roulant sur les trottoirs. Il suggère au collège échevinal de ne pas oublier la rue Michel-Rodange devant la caisse de maladie.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) admet que Differdange compte plusieurs sites de ce type.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) profite de l'occasion pour dire que les trottoirs sont en train d'être abaissés aux passages pour piétons. Il espère que les 400 trottoirs de la commune seront prêts dans un an et demi.

Il passe au vote.

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL) demande si l'on commence par les règlements.

Laanscht den Hotel an der Grand-rue hu mer elo emol drop verzicht, fir Pottoen ze setzen, well mer mierken – déi Pottoe sinn aus haardem Plastik –, dass d'Leit kee Respekt dofir hunn, mä deen einfach ëmleeën a sech dann einfach op de Potto setzen. Dann ass deen natierlech geknëckt. A wann een dat zéngmol mécht, ass de Potto vreckt.

Elo hu ganz Béiser gemengt, mir kéinte jo och emol Eisestaangen an déi Pottoe maachen. Dat maache mer natierlech net. Mä mir maachen elo ganz héich Borduresteng op den Trottoir. Wou een, wann een do driwwer fiert, direkt bei de Garagiste ka goen, well dann ass et richtig deier. Déi een awer och gesäit. Dat wäerte mer elo an der Grousstrooss probéieren. Dat gesäit och e bësse besser aus. Well een dann net lauter där Spargele laanscht den Trottoir stoen huet, mä eng erhéichte Bordureskant um Bord vum Trottoir.

Mir kucken, wéi dat ausgesäit a wéi et funktionéiert. A wann dat gutt ass, wäerte mer dat iwwerall quesch duerch d'Gemeng maachen. Hauptsächlech laanscht d'Sportshal. An iwwerall do, wou mer wëssen, dass d'Leit egal wéi op den Trottoir fueren. Am Léifste géifen d'Leit jo gär bis an d'Gebai fueren.

Et ass eng käschtegëschteg Léisung. Op jidde Fall eng effikass Léisung, déi sech am Ausland scho bewäert huet. Mir wäerten dat an der Gemeng elo emol testen an dann duerchzéien. Wann d'Leit net reagéieren op esou Saache wéi Trottoiren an esou weider, mussen mer eben eis Moosnamen ergräifen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Här Altmeisch, w.e.gl.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. Et ass ganz richtig, wat den Här Diderich festgestallt huet. Ech hat dat och gesinn. Ech géif proposéieren, fir Feeler ze ënnerbannen, wa mer d'Verkéisersreglement änneren, an de Projet ass am Virfeld do, kommt mir ginn et an d'Verkéiserskommissioun. Da kënne mer eis dat a Rou ukucken. A wa Feeler, wéi

dat heiten zum Beispill, duerch Copy-paste entstinn, da kann een dat verbesseren, ier een et an de Gemengerot gëtt. Dann ass dat méi einfach. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Hartung, w.e.gl.

JERRY HARTUNG (CSV):

Merci. E klengen Ajout zum Op d'Trottoirë-fueren: Vergiesst, w.e.gl., net d'Plaz an der Michel-Rodange-Strooss virun der Krankekeess. Do stellt sech dee Problem och oft.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Mir hunn e puer esou Plazen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Wa mer schonn am Divers sinn: Et huet eng Equipe ugefaangen, d'Trottoiren, d'Passagen erofzesetzen. Dat leeft och duerch d'ganz Gemeng. Mir hoffen, datt mer an engem Joer bis annerhallwem Joer déi sämtlech Trottoiren – et sinn der iwwer 400 Stéck – fäerdeg hunn. Da wësst Der dat och.

Da géife mer elo zum Vott kommen.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Fir d'éischt d'Reglement?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Fir d'éischt d'Upassung vum Reglement. Dat verbessert Reglement.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les modifications du règlement de circulation.

Dann déi temporär Reglementer.

8. Commissions / 9. Motion asile pour animaux

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les règlements temporaires de circulation.

Merci. Deen nächste Punkt sinn eis Kommissiounen. Vun der Demokratescher Partei hunn ech e Remplacement an der Kulturkommissioun: D'Madamm Martine Goergen gëtt remplacéiert vum Vanessa Hansen. Domadder ass dat aktéiert.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les changements au sein des commissions consultatives.

Deen nächste Punkt ass eng Motioun, déi mer erakritt hu vun den Här Fred Bertinelli a Gary Diderich. Vu dass den Här Bertinelli net do ass, géift Dir d'Wuert kréien.
(Interruption)

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech hu kee Problem, wéi Dir Iech andeelt, mä den Här Bertinelli an den Här Diderich hu se agereecht. Jiddweree kritt natierlech d'Wuert, sech zu der Motioun auszedrécken, Här Muller. Här Diderich, Dir hutt d'Wuert.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Zesumme mam Här Bertinelli hu mer d'Initiativ ergraff, ze proposéieren, hei zu Déifferdeng eng kleng Struktur ze schafe fir Déieren, déi fortgelaf sinn oder ausgesat gi sinn. Déi op jidde Fall vun eisem Déiereschutz opgegraff ginn. Wou benevole Leit ganz aktiv sinn, fir sech fir de Schutz vun den Déieren anzusetzen. Haaptsächlech Hausdéieren, mä net nëmmen.

Et ass esou, dass do ganz vill op Privatbasis leeft, vu dass mir jo keen Déierenasyl hei zu Déifferdeng hunn. Mir schloen elo net onbedéngt vir, direkt e grousst Déierenasyl hei zu Déifferdeng ze maachen. Mä eng Struktur, wou een d'Déiere kann ophuelen, op d'mannst

emol fir eng Nuecht, wann net zwee, dräi Deeg, wann et e Weekend ass oder esou. An dann ouni Stress eng Weiderleitung a méi grouss Déierenasyl ze maachen.

Falls néideg, dass do och ka vun engem Veterinär sur place intervenéiert ginn. Wou eng Basisinfrastruktur do wär, wou e Veterinär kéint hikommen a sech ëm en Déier këmmen, bei enger Verletzung oder engem Noutfall.

Dat ass d'Ureegung, déi mer wollten abréngen. Ech mengen, eis Stad gëtt ëmmer méi grouss. Net nëmmen d'Bevëlkerungszuel vun de Mënschen hält zou, och déi vun den Déieren. An den Defi geet do eben och erop fir e lokalen Déiereschutz. Soudass mer als Gemeng dat benevolet Engagement duerch esou eng Struktur sollen ënnerstëtzen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Här Muller, w.e.gl.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. Den Här Bertinelli huet mech beoptraagt. En ass leider haut net do. Mä Dir wësst, dass e sech awer schonn iwwer länger Zäit ëmmer erëm fir d'Déieren asetzt. Och am Gemengerot schonn Interventioune gemaach huet.

Seng Haaptmotivatioun war, dass e gesot huet: Mir hunn den Déiereschutz an eis Verfassung geschriwwen. Den Déieren hu mer eng gewësse Würd ginn. Mir bezéien eis beim Déier net nëmme méi op en Objet, mä op e liewegt Wiesen. Deementspriedend solle mer en Zeeche setzen an eis Déieren hei an der Gemeng encadréieren a behandeln. Haaptsächlech déi, déi aus gewësse Grënn net dat doheem hunn, wéi et soll sinn.

Et ass esou, dass mer awer absolutt begreissen, dass den Déiereschutz hei zu Déifferdeng eng ganz gutt Aarbecht mécht. Ech mengen, dat ass jo richtig. An dat huet den Här Diderich jo och elo gesot, dass dat soll am Fong déi Initiativ ënnerstëtzen.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

propose de commercer par l'adaptation du règlement de circulation et de passer ensuite aux règlements temporaires.

(Votes)

Roberto Traversini passe aux commissions consultatives. Pour le DP, M^{me} Martine Goergen est remplacée par M^{me} Vanessa Hansen au sein de la commission culturelle.

Roberto Traversini passe à une motion de M. Bertinelli et de M. Diderich. Il constate que M. Bertinelli est absent.

(Interruption)

Roberto Traversini répond que chacun pourra prendre la parole.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *propose de créer une petite structure à Differdange pour recueillir les animaux qui se sont enfouis ou qui ont été abandonnés.*

Il rappelle que l'Association pour la protection des animaux est composée principalement de bénévoles et signale que Differdange ne possède pas d'asile pour animaux. Il ne propose pas de créer un asile, mais une structure où les animaux pourraient passer la nuit ou quelques jours avant d'être transférés dans un asile. Le cas échéant, un vétérinaire s'occuperait de l'animal.

Differdange ne cesse de croître. Il y a de plus en plus d'animaux. L'Association pour la protection des animaux est donc confrontée à un défi. La commune doit la soutenir.

ERNY MULLER (LSAP) *regrette que M. Bertinelli soit absent aujourd'hui. Il rappelle ses nombreuses interventions en faveur des animaux au cours desquelles il a souligné que la protection des animaux est inscrite dans la Constitution. L'animal n'est pas un objet, mais un être vivant. C'est pourquoi les animaux doivent être encadrés par la commune.*

Erny Muller insiste sur l'excellent travail que fait l'Association pour la protection des animaux à Differdange. La commune doit essayer de professionnaliser le service grâce à des experts et des vétérinaires. Ceux-ci décideraient si l'animal a besoin de soins, s'il doit être envoyé dans un asile ou s'il peut retourner chez son propriétaire.

9. Motion asile pour animaux

La motion a pour objectif d'offrir une nouvelle perspective aux bénévoles dans le cadre de la Constitution. C'est ce qu'a dit M. Diderich et ce que souhaite M. Bertinelli.

Erny Muller rappelle qu'il existe déjà une ASBL, l'Association pour la protection des animaux. Mais la motion prévoit la création d'une nouvelle ASBL gérant la nouvelle structure.

Il y aurait donc un groupe de gérance. La commune s'occuperait de certaines tâches.

CHRISTIANE SAEUL (DP) explique que les démocrates soutiennent le principe d'une station pour recueillir les animaux à Differdange. Elle rappelle que ce thème figurait dans leur programme électoral. Un animal n'est pas un jouet, mais un être vivant.

Christiane Saeul a discuté avec deux membres de l'Association pour la protection des animaux. Ils lui ont dit qu'ils n'avaient pas besoin d'une telle structure. En effet, la structure existante a été agrandie et assainie cette année pour 40 000 €. Elle est raccordée à l'eau et à l'électricité et dispose d'un chenil et de maisonnettes pour les chats.

L'Association pour la protection des animaux de Differdange fait partie de la Ligue luxembourgeoise pour la protection des animaux. La maison à Niederkorn peut accueillir jusqu'à quatre chiens et huit chats. Une deuxième structure ferait double emploi.

Christiane Saeul propose plutôt de construire un asile pour animaux en partenariat avec les communes de la vallée de la Chiers. Il s'agit d'offrir aux animaux abandonnés une maison provisoire sept jours sur sept, de quoi manger et boire, et des soins.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) explique qu'au début, il a salué la motion. Il constate que M. Diderich et M. Bertinelli veulent contribuer à mettre en œuvre le programme de coalition. À la page 28 de celui-ci, il est en effet question d'un hôtel de vacances pour animaux et l'implantation d'un refuge pour animaux.

Dass mer eis als Gemeng dofir asetzen, dass deen Déngscht nach méi professionaliséiert gëtt. Dass Experten – hei ass vun engem Veterinär geschwat ginn – kënnen mat erakommen, fir déi Situation ze kucken: Wat ass lass? Wat fir Déiere ginn do opgeholl? Wat muss geschéien? Kënnen se éischt Soine kréien? Dat ass jo hei gesot ginn. Gi mer se duerno an en Asyl? Kënnen se vläicht erëm zrëckbruecht gi bei hir Proprietären? An esou weider.

Et geet ganz einfach drëm, fir den Déieren am Kader vun der Verfassung eng nei Perspektiv ze ginn. An och deene Leit, déi sech drëm bekëmmere. Wéi gesot, dat soll mat hinne sinn. Et soll een hir Efforten ënnerstëtzen. Dat huet den Här Diderich gesot. Dat ass och dat, wat den Här Bertinelli mer mat op de Wee ginn huet.

Mir wäer frou, wa mer als Gemeng do kéinten en Zeeche setzen. Et besteet eng ASBL, den Déifferdenger Déiereschutz. Oder se heescht Société pour la protection des animaux Differdange. Mä dat hei soll am Fong eng nei ASBL ginn. Wou och e Lokal zur Verfügung gestallt gëtt, dat da muss geréiert ginn. Duerfir misst e Groupe de gérance vun deem Ganzen zesummegeallt ginn. Dat kann eng ASBL sinn. Mä wou d'Gemeng awer eng gewëssen Aufgab och mat iwwerhëlt.

Voilà. Dat ass dat, wat hie mir mat op de Wee ginn huet. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Madamm Saeul, w.e.gl.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären, dës Motioun, agereecht vun den Här Bertinelli an Diderich, fir elo nach eng Déieren-opfaangstatioun ze bauen, géif d'Demokratesch Partei en principe ënnerstëtzen, wéilt awer d'Thema, wat och Sujet an eisem Wahlprogramm war, zur Diskussioun bréngen. Mir hu vill nei Awunner, méi Awunner an der Gemeng. An esou klëmmt de Problem bei den Déieren, déi sech soit, wéi scho gesot, verluer hunn oder ganz einfach

abandonnéiert sinn. En Déier ass keng Spillsaach. Et ass e liewegt Wiesen.

Bei mengem Kontakt mat den zwou responsablen Damme vum Déifferdenger Déiereschutz zum Thema Motioun, ass mer gesot ginn – d'Informatioun kumt souguer schrëftlech no –, dass keng nei Opfaangstruktur gebraucht gëtt. Vu dass déi existéierend Struktur eleng dës Joer mat 40.000 Euro ausgebaut a sanéiert gouf. Waasser, Elektriesch ass do. En Zwinger fir d'Hënn mat ëmzäuntem Gaart, fir sech am Fräien ze beweegen, a Kazenhaisercher.

Den Déifferdenger Déiereschutz ass ënnerstëtzt a gehéiert zu der Lëtzebuerger Déiereschutzliga. Am Haus zu Nidderkuer si Gaart a Keller ausgebaut ginn. Et huet wuel e puer Dausend Euro kascht, Hondszwinger a Kazechalet. Esou kënnen och Déieren iwwer Nuecht opgeholl ginn, bis zu véier Hënn an aacht Kazen. Et war e laange Schrëtt. Elo nach eng Structure d'accueil ze bauen, wär double Emploi.

Vun Notzen ass en Déierenasyl, wat eis am Kordall feelt. Wa gewënscht, mat Soins vétérinaires. D'Demokratesch Partei proposéiert dem Schäfferot, de Kontakt mat den Nopeschgemengen opzehuelen, fir zesummen un e regionale Projet ze goen.

D'Aufgab vum Déierenasyl ass, fir Déieren – Hausdéieren, wéi och Notzdeieren –, déi entweder ausgesat gi sinn, aus schlechter Haltung erausgehall gi sinn oder net méi an hirem Doheim kënnen bleiwen, e provisoiresch Heem ze bidden. An deem si opgepäppelt ginn an all Dag, siwen Deeg op siwen, ze iessen an ze drénke kréien, Auslaf hunn, esou gutt wéi méiglech soziale Kontakt mat hiresgläiche kënnen hunn, medezinesch behandelt ginn, fir se dann op eng besser, am beschten eng definitiv Plaz, ze vermëttelen. Ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Ech géif elo gär Stellung vum Schäfferot huelen. Ech hunn déi Motioun éischters emol ganz begréisst, wéi se erakomm ass. Ier ech herno nach Saache gewuer gi sinn. An ech sinn och frou, datt den Här Bertinelli an den

9. Motion asile pour animaux

Här Diderich eise Koalitiounsaccord mathëllefen ze realiséieren. Well genau dat steet am Koalitiounsaccord op der Sait 28, Här Diderich. Op alle Fall Merci, datt Der eis ënnerstëtzt, fir de Koalitiounsaccord duerchzesetzen.

Do steet: „Nous soutenons l'idée d'un hôtel de vacances pour animaux où nos citoyens et citoyennes pourront loger leurs animaux en cas d'absence prolongée (vacances, maladie, etc.).“ Genau dat, wat Der gesot hutt. „Nous soutenons toujours l'implémentation d'un refuge pour animaux dans notre commune.“

Dir kënnt natierlech all Gemengerots-sitzung Motiounen eraginn, déi an eise Koalitiounsaccord stinn. Dat freet eis op alle Fall. Dat heescht, datt mer vläicht net dee schlechteste Koalitiounsaccord gemaach hunn. Op alle Fall villmools Merci, Här Diderich an Här Bertinelli.

Wat mech e bëssen traureg mécht – net rosen, well ech kenne meng Conseillere esou lues ëmmer besser, dat huet mam Alter och seng gutt Sait –, mir hunn e Schreiwes kritt vum Déiereschutz Déifferdeng. Ech kann Iech et virliesen. Da mengen ech, datt déi Motioun schnell vum Dësch ass.

Mir hunn dee kritt ufanks der Woch, de 4. März. An dee seet dat heiten: „Hei erweckt een den Uschäin, wéi wa mir – dat heescht den Déiereschutz – dat wéissten a selwer gefrot hätten a géifen hëllefen, déi Motioun hei duerchzezéien. Dat ass gelunn“. Dat soen net ech, mä d'Madamm Wolter.

Si schreift weider: „Hien – entweder Dir, Här Diderich, oder den Här Bertinelli, dat hunn ech net nogefrot – huet mech kuerz ugeruff, fir ze froen, ob mir eng Struktur bräichten. An ech hunn Nee gesot. Dat Gespréich huet keng Minutt gedauert. Ech wëll ganz kloer am Numm vum ganze Conseil d'administration vum Déifferdenger Déiereschutz soen, datt mir net mat deene Leit diskutéiert hunn“. Dat sidd dann Dir an den Här Bertinelli. „An absolutt net mat der Motioun d'accord sinn. Et ass net eisen Avis. An eis Benevollen hu guer näischt gefrot“. Dat steet esou am Text.

Ech huelen dat ganz gären un, wat d'Madamm Saeul gesot huet. Datt mer eis nach eng Kéier zesummesetzen. Iwwregens hu mer dat och scho gemaach. Well Dir wësst jo, datt mer d'Kazesterilisatiounen deelweis bezuelen, wann net ganz. Dat ënnerstëtze mer. Den Déiereschutz souwisou ganz. A ganz vill. Wéi d'Motioun erakomm ass, hunn ech gesot, firwat net. Mä mat deenen Informatiounen, déi ech elo virun zwee Deeg kritt hunn, géif ech dem Gemeengerot proposéieren, déi Motioun net unzehuelen.

An da kucke mer, wéi mer am Kordall mat eise Klengdéieren a Groussdéiere weiderfueren. Op alle Fall et ass net flott fir e Gemengerot, esou Motiounen ze kréien, wann dann zwee Deeg drop den Déiereschutz selwer esou eppes eragëtt. Ech weess elo net, wien d'Wourecht seet a wien net. Dat ass net u mir ze jugéieren. Mä op alle Fall ass et dann net flott, Buergermeeschter ze sinn.

Här Ruckert, w.e.gl.

ALI RUCKERT (KPL):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, wann ech dat richtig verstannen hunn, geet et hei jo ëm eng Urgence. Dass d'Déiere sollen direkt kënnen gehollef kréien. An d'Société pour la protection des animaux seet eis, dass dat geschitt. Dass also do elo keng direkt Urgence ass, mä dass déi Aarbecht vun hinnen erleedegt gëtt. An engem Mooss, wéi dat och erfuerdert ass.

Do gesinn ech elo iwwerhaapt keng Urgence, fir eng Motioun unzehuelen an deem Sënn. Ech géif dat awer och ënnerstëtzen, wa mer am Kordall kéinten a Richtung vun engem Déierenasyl goen. Dat wär jo eng positiv Saach.

Et ass also keng Urgence bei den Déieren. An Dir hutt eis gesot, Dir hutt dat an Ärem Koalitiounsprogramm stoen. Wa mer hei keng Urgence opmaachen, gëtt awer eng aner Urgence zougemaach, oder se ass schonn zougemaach ginn. Dat ass d'Urgence an der Nuecht am Spidol.

(Gelaachs)

Roberto Traversini se réjouit du dépôt de motions reprenant les points du programme de coalition. Cela démontre que le programme n'est pas mauvais. Le bourgmestre remercie M. Diderich et M. Bertinelli.

Ce qui le rend triste, c'est que le collège échevinal a reçu une lettre de l'Association pour la protection des animaux datant du 4 mars. L'Association considère que la motion éveille l'impression qu'elle aurait participé à sa rédaction. Mme Wolter explique que quelqu'un l'a appelé pour lui proposer une nouvelle structure. Elle lui a répondu que l'Association n'en avait pas besoin. La discussion a duré moins d'une minute. Roberto Traversini suppose que Mme Wolter parle de M. Diderich et de M. Bertinelli.

Il concorde avec ce qu'a dit Mme Saeul et rappelle que la commune soutient déjà énormément l'Association pour la protection des animaux. Lorsqu'il a lu la motion, il s'est dit qu'il n'y était pas contraire. Mais compte tenu des informations reçues ensuite, il propose au conseil communal de la rejeter.

Il regrette que de telles motions soient déposées. Il ne sait pas qui dit la vérité et ne veut pas porter de jugement. Mais il s'agit de moments où il n'aime pas être bourgmestre.

ALI RUCKERT (KPL) constate que la structure proposée s'occuperait de situations d'urgence. L'Association pour la protection des animaux dit qu'elle n'en a pas besoin. Il n'y a donc pas de raison d'approuver la motion. En revanche, Ali Ruckert soutient la création d'un asile dans la vallée de la Chiers.

M. Traversini a mentionné le programme de coalition. Ali Ruckert rappelle que si dans ce cas-ci, il n'est pas nécessaire d'ouvrir un service d'urgences, un autre service d'urgences va fermer ses portes la nuit: celui de l'hôpital.

(Rires)

9. Motion asile pour animaux

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

trouve M. Ruckert fantastique.

ALI RUCKERT (KPL) *paraphrase Mme Saeul: les hommes ne sont pas des jouets, mais des êtres vivants.*

Il demande au collège échevinal si le programme de coalition prévoit un service d'urgences la nuit.

TOM ULVELING (CSV) *propose à M. Ruckert d'assister à la réunion de lundi.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

admire M. Ruckert.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *retire la motion compte tenu des nouvelles informations. Il avait soutenu la motion de M. Bertinelli parce que ce point figurait dans le programme électoral de déi Lénk. Mais une solution dans la vallée de la Chiers lui convient. Il supposait que l'Association pour la protection des animaux avait besoin d'une structure. Désormais, il est d'avis qu'il faut continuer à soutenir l'association differdangeoise et essayer de construire une structure régionale.*

ERNY MULLER (LSAP) *ne veut pas parler pour M. Bertinelli, mais il suppose qu'il voudrait régler cette question dans le dialogue. Erny Muller constate qu'il existe deux positions. Il y a la motion ainsi que des lettres. Il ne sait pas exactement ce qui s'est passé.*

En tout cas, les socialistes veulent que ce dossier avance. Ce thème figure dans le programme de coalition. Tous les partis le soutiennent. Les socialistes comprennent que la motion soit retirée.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Ruckert, Dir sidd immens.

ALI RUCKERT (KPL):

Dofir wëll ech d'Madamm Saeul paraphraséieren: De Mënsch ass keng Spillsaach, mä e liewegt Wiesen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Richteg.

ALI RUCKERT (KPL):

Hutt Der dat och an Ärem Koalitiounsprogramm stoen, dass d'Urgence muss fir d'Mënschen an der Nuecht op sinn? Well do gött et eng Urgence.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Da kommt e Méindeg an d'Versammlung.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Ruckert, ech bewonneren Iech ëmmer méi, muss ech Iech soen.

Här Gary Diderich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

No deenen Informatiounen, déi Der eis elo matgedeelt hutt, an och no der Diskussioun, déi mer hei hunn, zéien ech vu menger Säit aus déi Motioun an deem Sënn zréck. Ech hunn d'Initiativum Här Bertinelli ënnerstëtzt, well mir dat och an eise Wahlprogramm hunn, dass een an déi Richtung soll goen. Ech denken, eng Solutioun am Kordall ass eng gutt Iddi. Ech war am Kenntnissstand, dass dat och gebraucht gött vum Déiereschutz. Dat war emol dat, wat ech un Informatioun hat, an deenen Delaien, déi gi waren.

Mä ech mengen, dass mer zesummen eis jo dann eens sinn, dass et an déi Richtung goe soll, dass souwuel den

Déiereschutz, hei lokal, soll weider ënnerstëtzt ginn, an dass mer am Kordall probéieren, eng gréisser Struktur opze-riichten. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Här Muller, w.e.gl.

ERNY MULLER (LSAP):

Ech kann elo net fir den Här Bertinelli hei schwätzen, dat ass ganz kloer. Mä ech géif awer mengen, dat wär och seng Meenung, fir dann awer iwwert den Dialog déi do Saach ze reegelen. Ouni Dialog mat deenen direkt Concernéierte kann ee selbstverständlech net virukommen. Do sinn elo zwou Säiten. Hei ass eng Motioun. Op där anerer Säit si Bréiwer geschriwwen ginn. Ech mengen, et misst een do awer emol e richtegt Gespräch matenee féieren. Oder ass dat vläicht och geschitt? Ech weess et net.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Eng Minutt.

ERNY MULLER (LSAP):

Mä et ass vläicht besser, et hätt een emol en Echange. Vläicht ass et och eng Différence de point de vue, ech weess et net. Et kéint jo sinn. Eppes wat stëmmt: Mir wëllen, dass mer virukommen an deem Dossier. An Dir hutt et jo selwer gesot, Dir hutt et an Ärem Koalitiounsprogramm stoen.

Mir ënnerstëtzen dat weiderhin. Well praktesch an all Partei heibannen ass dat en Uleies, dat se mat ënnerstëtzen. Dat hutt Der jo erausfonnt. Dat hat jiddwereen, an deem Sënn, a sengem Wahlprogramm.

Als LSAP kënne mir dat verstoen, dass dat dann zréckgezu gött. A mer hoffen, dass den Här Bertinelli dat dann och versteet. Dass mer awer virukomme mat där Initiativ. Merci.

9. Motion asile pour animaux / Questions

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Ulveling, w.e.gl.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech wëll och nach soen, dass d'Madamm vum Déiereschutz selwer hei schreift: „Mir hunn elo déi néideg Strukturen an der Kondel an zu Nidderkuer, mat deene mir an de leschte 15 Joer all Déieren an Nout aus der Gemeng, an och aus de Gemenge ronderëm, konnten hëllefen. Déi Strukture si finanzéierbar a flexibel“. A fettgedréckt schreift se: „Déi Motioun kënnt net vun eis, ass net vun eis gefrot, a gëtt och net vun eis ënnerstëtzt“. Voilà.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

An nach eng Kéier gesot, datt déi Motioun vum Här Bertinelli an Här Diderich erakomm ass. Wann ech d'Saach elo richteg verstanen hunn, gi mir se net zum Vott, mir zéie se zréck. A mir halen d'Diskussioun natierlech op. An ech mengen, datt jiddwerengem heibannen eis Déieren immens wichteg sinn.

Le conseil communal décide de ne pas soumettre la motion ayant comme objet la construction et la gérance d'une structure d'accueil pour animaux abandonnés dans la commune de Differdange suivante au vote:

Le conseil communal dans sa séance du 6 mars 2019 se ralliant à l'avis du Déiferdenger Déiereschutz retient que le problème des animaux abandonnés sur le territoire de la commune ne cesse de s'accroître.

Le conseil communal se rallie également à la demande des bénévoles de la protection des animaux pour la construction d'une structure d'accueil servant à une première intervention avant le transfert des animaux trouvés vers un asile adapté aux séjours plus longs.

Cette station serait à équiper d'une petite salle d'opération pour stérilisation et premiers soins.

Un comité se composant de représentants de la commune et de l'association de la protection des animaux, éventuel-

lement avec le soutien d'un vétérinaire, assurera la gestion de ladite station et en rendra annuellement compte au conseil communal.

Le conseil communal par intermédiaire du collège échevinal de la Ville de Differdange mettra tout en œuvre pour disposer de l'équipement demandé dans les meilleurs délais.

Da wiere mer bei de Froen. Et si schrëftlech Froen erakomm. Mir géifen déi dann och esou virhuelen. Den Här Diderich hat zwou Froen erageschéckt. Ech ginn Iech d'Wuert, Här Diderich. Ech géif virschloen, mir huelen déi vun der Schoul vir. An dann déi vum PAG als zweet. Dir hutt d'Wuert.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Elo huet de Computer mech ganz am Stach gelooss. Dat heescht, ech hunn d'Fro elo selwer net virleien, mä en gros ass d'Fro déi, wéi elo scho bei de Kommunikatiounen ugeschwat ginn ass.

Am Budget fir 2019 hu mer jo e Kredit gestëmmt, fir Container entweder ze bauen oder ze lounen – dat war deemools nach net kloer – fir Säll fir d'Nidderkuerer Schoul. Et ass esou, dass Nidderkuer zënter Jore relativ hannebäi a vir widder ass.

Fir d'Schoul gëtt et kee Musekssall méi. Do si véier Educateuren. An déi véier Educateuren hunn ee Sall, fir Lernklinik ze maachen. Et hu schonn Elteregepräicher missten an engem Snoezelraum stattfannen. D'Konferenze vum Schoulpersonal ginn ëmmer erëm benotzt, fir mat Schüler do ze sinn. Dat heescht, wann een do Kopie maache wëll, dat stéiert de Schüler oder d'Kanner déi do setzen.

An et ginn och Säll benotzt, déi am Fong net als Kllassesäll gemënt sinn. Dat huet d'Léierpersonal, sou wéi ech verstanen hunn, temporär esou matgemaach, well hinne gesot ginn ass, do géif eng längerfristeg Solutioun kommen. An deem Sënn hu se souzesoen op d'Zänn gebass an hunn dat eben ënnerstëtzt, dass et an déi Richtung geet. An temporär och fir Léisunge mat gesuergt an do ganz zesummegeschafft.

TOM ULVELING (CSV) revient sur les paroles de M^{me} Wolter. Elle dit que l'association dispose de structures dans le Kondel et à Niederkorn accueillant les animaux depuis 15 ans. Ces structures sont flexibles. M^{me} Wolter insiste sur le fait que la motion ne provient pas de l'Association pour la protection des animaux et que celle-ci ne la soutient pas.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

répète que la motion a été introduite par M. Bertinelli et M. Diderich. Il croit avoir compris qu'elle sera retirée. Il conclut en soulignant l'importance des animaux pour tous les conseillers communaux.

Il passe aux questions écrites. M. Diderich en a introduit deux. Il propose de commencer par celle sur l'école.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) constate que son ordinateur ne fonctionne plus. Il ne dispose donc pas de la version écrite de sa question. Mais elle porte sur les conteneurs pour l'école de Niederkorn prévus dans le budget 2019.

Gary Diderich rappelle que cette école est pleine à craquer. Elle ne dispose pas d'une salle de musique. La salle de conférence sert de salle de classe...

Le personnel enseignant a accepté cette situation parce qu'il pensait qu'elle était temporaire. Gary Diderich ne sait pas si le conseil communal est au courant de ce qui se passe à Niederkorn. Mais bientôt, les classes compteront 19 élèves. Gary Diderich pense notamment aux classes du cycle 2.2, et ce, dès la prochaine rentrée scolaire. Les classes du précoce pourraient même accueillir 21 ou 22 enfants. Bref, la commune doit trouver une solution.

Comment le collègue échevinal compte-t-il maîtriser cette situation à temps pour la rentrée? Car il y a toujours plus d'arrivées que de départs. Niederkorn est en train de croître. Quand l'école du Mathendahl sera finie, elle risquera de ne pas suffire.

Gary Diderich rappelle que 80 élèves entrent dans le précoce et 60 quittent l'école après la sixième. Chaque année, il y a donc plus d'enfants. Que compte faire le collègue échevinal? Les enfants de Niederkorn disposent-ils de bonnes conditions d'apprentissage? La loi sur l'enseignement prévoit le décloisonnement, l'enseignement à deux...

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

constate que M. Diderich a avancé les chiffres de 18 ou 19 enfants. Il a l'impression de revivre la situation de la motion tout à l'heure. Certaines classes à Niederkorn comptent 11 ou 12 élèves. Aucune n'en a plus de 15.

Le bourgmestre demande à M. Diderich de faire attention à ce qu'il dit.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) mentionne la rentrée.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

répond qu'il est facile de citer des chiffres, mais qu'il faut aussi tenir compte de la réalité.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)

remercie M. Diderich pour ses questions. Elle salue le fait qu'il s'intéresse autant aux écoles.

Elle signale cependant que le nombre de classes n'augmentera pas à la prochaine rentrée.

Elo ass et awer esou – ech war d'Saach och kucken –, ech weess net, ob jiddereen d'Situatioun esou kennt an deene verschiddene Gebaier zu Nidderkuer. Mä do sinn, in der Tat, Situatiounen, wou et scho relativ enk ass. Wou een op Klasseneffektiver vun deelweis 19 Kanner wäert kommen, wann do näischt geschitt.

Virun allem, wa mer déi Säll, déi am Fong disponibel sinn, an déi den Normen entsprechen an als Klassenäll geduecht sinn, net eranhuelen. Da si mer an engem Cycle 2.2, zum Beispill, no Schätzungen, op 19 Kanner am September.

Mir wëssen awer och, dass am Laf vum Schouljoer alt Kanner bäikommen. Dat ass net onbedéngt previsibel. Am Precocé géife mer zum Deel op 21 bis 22 Kanner kommen. Mir wëssen awer och, dass net jiddereen an de Precocé geet. Dat heescht, et sinn der normalerweis manner. Mä wéinst der Eventualitéit, misst een am Fong duerfir sueren, dass dat ofgeséichert ass.

Meng Fro ass, wat momentan virgesinn ass, fir fir d'Rentrée déi dote Situatioun an de Grëff ze kréien. Et muss ee wëssen, dass ëmmer méi nei Schüler kommen, wéi der fortginn. Nidderkuer ass um Wuessen. Net nëmmen de Mattendall, mä natierlech virun allem de Mattendall. An et riskéiert och souguer schonn ze kleng ze sinn, wann de Mattendall bis fäerdeg ass. Dass et och mam Mattendall zum Deel net méi duer geet.

Dohier eben d'Fro, wat de Schafferot kuerzfristeg an awer och laangfristeg do wëlles huet. Fir ee Chiffer ze nennen: An engem Precocé fänken 80 Schüler un. An engem sechste Schouljoer hale 60 Schüler op. Dat heescht, all Joers schwätze mer vu méi Schüler, déi iwwert déi verschidden Zyklen ginn.

D'Fro: Wat ass do virgesinn? A suerge mer dofir, dass d'Kanner och zu Nidderkuer ënner gudder Konditioun schaffe kënnen. Nom aktueller Schoulgesez, wat virgesäit, dass Decloisonnement stattfënnt, dass Enseignement à deux ka stattfannen, dass Lernkliniken kënnen stattfannen. An et ginn ëmmer méi ISBen agesat. Och déi brauche Pla-

zen, wou se mat de Schüler higinn, wou se mat de Schüler kënnen schaffen.

Do stellt sech eben d'Fro, wéi mer déi Ëmstänn schafen, dass net iwwer dräi, véier, fënnef Joer, deemno wéi, e Kand déi ganzen Zäit duerch d'Schoul zu Nidderkuer geet, wou infrastrukturell Enkpäss entstinn. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Diderich. Dir hutt Chifferen hei genannt – ech komme mer erëm bal vir wéi bei der Motioun – vun 18, 19 Kanner. Ech kann Iech soen, datt am Moment Klassen zu Nidderkuer sinn, mat eelef, zwielef Kanner. A keng iwwer 15. Just wa mer iwwer Chifferen schwätzen, passt, w.e.gl. op, wat Der sot.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

No der Rentrée ...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo, och no der Rentrée. Passt, w.e.gl. op, wat Der sot. Ech mengen, et ass schnell e Chiffer gesot. Mä kuckt awer, wéi d'Realitéit ass.

Madamm Pregno, w.e.gl.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Buergermeeschter. Merci, Här Diderich fir déi vill Froen an déi Gedanken, déi Der Iech maacht. Et ass ëmmer begréissenswäert, wann nach aner Leit sech ëm d'Schoulsituatioun an der Gemeng këmmern.

Dir hutt d'Situatioun weider illustréiert. Wann ech elo do drop aginn, respektiv drop äntwerten, wat Der am Virfeld gefrot hutt, kann ech elo soen, dass am September, also d'nächst Rentrée, un der Klassenunzuel näischt muss geännert ginn. Inklusiv de Rallongementer, déi een elo gréisstendeels scho ka virgesinn. Soudass fir nächste September näischt muss geännert ginn.

Wann Der à long terme schwätzt, geet effektiv d'Klassenzuel zu Nidderkuer erop. À long terme denken ech awer, dass de Mattendall fäerdeg ass. Soudass mer do e Stéck kënnen opgräifen. De Problem stellt sech fir eis éischter à moyen terme, wann de Mattendall net fäerdeg wär.

An do gesinn ech zäitlech en anert Schema wéi Dir. Wou mer fir d'nächst oder d'iwwernächst Rentrée eis definitiv iergendeppes müssen afale loossen, fir do kënnen opzefänken. Well do wäerte wahrscheinlech zwou Klasse bäikommen.

Do hunn ech scho mam Här Ulveling dru geduecht, fir verschidde Saachen, déi existent sinn, do kënnen opzefänken. Awer dat ass elo nach net konkret. Vu dass mer eis déi nächst sechs Méint Zäit gelooss hunn, fir dat weider auszeschaffen mat de Leit, souwuel hei um drëtten Stack, wéi och mat de Leit um Terrain.

Är zweet Fro war, ob d'Spillschoulsklassen a Säll sinn, déi net fir si ugeduecht wäeren. Esou Säll gëtt et aktuell net. Ech weess och net richteg, wat Der domadder gemengt hutt.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

D'Annex.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Wéi eng Annexe? Am Jongegebai?

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Am Jongegebai, jo.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Do war d'lescht Joer eng Mauer ofgerappt ginn. D'Gesetz schreift net vir, wéi e Spillschoulssall muss ausgesinn. Et schreift just eng Gréisst vir. A wa mer d'Gréisst erfëllen, si mer, a priori, gutt. D'Gesetz schreift och net vir, a wéi enger Aart a Weis d'Toilette müssen héich oder niddreg sinn. D'Gesetz schreift vir „adaptées“. Dat heescht, do si mer nom Règlement gutt. Et ass eng „Hauteur adaptée aux enfants“.

Vu datt mer do gutt sinn, fällt Är drëtt Fro ewech. Do frot Der eis Projeten, déi mer géife virgesinn, fir deene Besoinen entgéintzewierken.

Är véiert Fro zu der Klassemoyenne fir 2019/2020, awéiwäit déi géif änneren. Wa mer bei der Klassenzuel bleiwen, wéi se elo ass, si mer effektiv, wéi den Här Buergermeeschter seet, bei enger Moyenne vu 14 bis 15 Schüler pro Klass. Wat mengen ech landeswäit awer e relativ gutt Verhältnis ass. Mir hätten do e Pic mat 17 Schüler am Cycle 2.4.

Wat fir definitiv Solutiounen gesi mer vir? Do si mer am Gaang, drun ze schaffen. Respektiv, wat de Käschtepunkt ugeet, si mer am Gaang, eis Gedanken ze maachen. Well mer an eng provisoresch Struktur net enorm vill Suen investéiere wëllen. Well dat provisoresch ass a mer dat herno mam Mattendall respektiv mat enger Renovatioun an engem Ausbau vun der Meecherchersschoul wëllen opfänken.

Dowéinst hu mer e bësse Marche arrièr gemaach, wat déi Containeren oder déi provisoresch Struktur an der rue Pierre Gansen ugeet. Wéi mer bis gesinn haten, wéi ee Käschtepunkt dat géif mat sech bréngen, fir eng Solutioun, déi am Endeffekt dräi, véier Joer en place wär, hu mer fonnt, dass dat e bëssen demesuréiert wär. Well de Problem dës Joer elo net esou akut ass, wéi mer am Ufank geduecht haten.

Déi prefabrizéiert Pavillonnen, déi kéinten och nach muer bestallt ginn, wann et wierklech misst sinn, dass se am September do sténgen. Mä vu dass mer keng Necessitéit vun deem gesinn, hu mer Marche arrièr gemaach.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Här Ulveling, w.e.gl.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Den Här Ulveling wëll completéieren.

À long terme, en revanche, il faudra plus de classes. Mais à ce moment-là, l'école du Mathendahl sera finie. Le problème se situe donc plutôt à moyen terme. Dans deux ans, il faudra probablement prévoir deux classes supplémentaires. Laura Pregno en a discuté avec M. Ulveling. Il existe déjà les structures nécessaires. Le collège échevinal se laisse six mois pour en discuter avec le service scolaire et le personnel enseignant.

M. Diderich a aussi demandé si le préscolaire se trouvait dans des salles qui ne sont pas adaptées. Laura Pregno ne comprend pas ce à quoi il fait allusion.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) parle de l'annexe.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) demande s'il s'agit de l'annexe à l'école des Garçons.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) répond que oui.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) explique que la loi ne fixe que la surface d'une salle de préscolaire. Pour le reste, les salles doivent être « adaptées ».

Comme l'a dit le bourgmestre, les effectifs des classes pour 2019-2020 se situent à 14 ou 15 élèves. C'est une bonne moyenne. Le pic est de 17 enfants dans le cycle 2.2. Pour ce qui est des solutions envisagées, le collège échevinal doit tenir compte des coûts d'une structure provisoire. Laura Pregno rappelle qu'une école est en train d'être construite au Mathendahl et que l'école des Filles est en train d'être agrandie. C'est pourquoi le collège échevinal a fait machine arrière concernant les conteneurs dans la rue Pierre-Gansen. Compte tenu du prix demandé, il s'agissait d'une solution démesurée. De toute façon, les préfabriqués pourraient être commandés en septembre le cas échéant.

Questions

TOM ULVELING (CSV) décrit la situation comme plus dramatique qu'elle ne l'est réellement. Comme le dit M^{me} Pregno, il faut voir le prix d'une solution par rapport à ses avantages. De toute façon, il n'y a pas d'urgence pour la prochaine année, mais peut-être pour l'année suivante.

Par ailleurs, le collège échevinal a déjà annoncé que l'école des Filles allait être renouvelée et agrandie. M. Diderich ferait bien d'écouter de temps en temps. Si c'est nécessaire, le collège échevinal louera des conteneurs pour 2020-2021 et les utilisera ensuite lors de l'agrandissement de l'école des Filles. Cette solution serait moins onéreuse.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) constate que le collège semble d'ores et déjà savoir qu'il aura besoin de conteneurs. Car il ne pourra pas rénover l'école des Filles sans savoir où déplacer les enfants.

(Interruption)

Gary Diderich rappelle que l'école du Mathendahl ne sera pas terminée à temps pour la rentrée.

(Interruption de M. Ulveling)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) répète que pour le collège échevinal le nombre d'enfants par classe devrait rester à 15 ou 16. Il essaiera de trouver la meilleure solution avec le personnel enseignant.

Mais si une structure d'une durée de vie de deux ou trois ans coûte quatre-millions d'euros, il faut pouvoir se demander si elle est adaptée et épargner l'un ou l'autre million si c'est possible — sans que cela se fasse au détriment des enfants.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) rétorque que la situation est déjà au détriment des enfants parce qu'il n'y a pas de salles.

(Interruption)

Gary Diderich parle de la situation existante.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) réplique que c'est faux.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) insiste sur le fait que la moyenne est basse parce que les salles de classe ne sont pas adaptées. Il fait allusion à deux salles dans l'école des Filles.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech wéilt eng kleng Präzisioun ginn. Den Här Diderich stellt dat alles esou dramatesch duer, mä esou ass et net. Et ass wéi d'Madamm Pregno seet. Ech mengen, et muss een ëmmer kucken, wat et kascht a wat et bréngt. A wou mer de Präis bis haten a mer reanalyseiert haten, hu mer jo, wéi ech Iech virdru gesot hunn, festgestallt, dass mer fir d'nächst Schouljoer net direkt eng Urgence hätten. Mä eventuell dat Schouljoer drop.

An do si mer op eng Iddi komm. Dat hat ech och schonn hei ugekënnegt, Här Diderich. Mä da musst Der och heiansdo mol zur Kenntnis huelen, wat een hei seet. Mer hate jo schonn ugekënnegt, dass mer déi Meedercherschoul wéilten esou schnell wéi méiglech renovéieren. Plus e Flillek bäibauen.

An do hu mer geduecht, vu dass mer eventuell en Enkpass am Schouljoer 2020/2021 kréichen, et kéint een eventuell, wann et néideg wär, scho Containeren lounen. An déi Containeren dann anschließend notze fir déi Meedercherschoul, wa mer dee Bäibau maachen. Soudass een dann trotzdem awer eppes gemaach hätt an net d'Containeren déi eng Säit an déi aner Säit léint. An déi wäeren da méi no bei der Schoul. Soudass mer mengen, dass mer domat eng besser, oder eng méi bëlleg, Solution fonnt hunn. Ouni engem eppes ewechzehuelen, wat en elo hat.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Dir hutt nach eng zweet Fro, Här Diderich. Ausser Dir hätt nach Nofroen.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

D'Nofro wär gewiescht, wann Der souwisou dovun ausgitt, dass ee fréier oder spéider Container bräicht. Well wann een eng Meedercherschoul wëll renovéieren, da muss ee jo déi Kanner iergendwou ënnerbréngen, wann ech mech net ieren.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

De Mattendall ass fäerdeg dann.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

De Mattendall ass net an der Rentrée 2020/2021 fäerdeg.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Awer 2021/2022, 2022/2023.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Okay, ech ...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Diderich, ech soen Iech, datt mer d'Zuel vun de Kanner versichen, bei 15, 16 ze halen. Datt mer net wäerten do driwwer goen. A mir versichen, mam Léierpersonal zesummen déi schéinsten a beschte Léisungen ze fannen. Gleeft eis, d'Kanner an d'Léierpersonal sinn eis net egal.

Mä wann een hei vun enger Struktur vu véier Milliounen Euro schwätzt, fir eventuell just zwee, dräi Joer, da muss een awer nach kënnen eng Kéier a sech goen an nach eng Kéier kucken, wat jiddweree vläicht dozou kéint bäidroen, datt herno jiddwereen awer eppes dovunner huet: d'Allgemengheet, d'Kanner, d'Léierpersonal.

Mir schwätzen hei vun enger provisorescher Struktur vu véier Milliounen Euro. A wann een do vläicht déi eng oder déi aner Millioun spuere kann, ouni op d'Käschte vun de Kanner a vum Léierpersonal, da soll een dat maachen. Dat ass meng Meenung.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Mir sinn elo schonn op d'Käschte vun de Kanner. Well elo schonn net genuch Säll do sinn. Situation existante.

Questions

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat ass net wouer.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

D'Moyennë sinn esou, well mer Säll huelen, déi net wierklech adaptéiert sinn als Säll.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Diderich, mir hunn zwee Säll ...

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ma dach, do si Säll an der Meederchersschoul, zwee Säll, ...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo, net méi.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

... wat Zëmmere waren, wou Leit gewunnt hunn. A wou elo emol keng Plaz ass, fir deng Saachen all ze stockéieren, fir dass de mol lëfte kanns. An déi och hellhöreg sinn. Dat heescht, wann do uewendriwwer iergendeppes ofleeft, héiers de ënnendrënner alles. Do brauch just uewendriwwer een am Gaang sinn ze botzen, do kriss du all Klenggeheet dovunner mat.

Also ech mengen, Dir sidd Iech net ganz bewosst, wat d'Situatioun ass. An ech mengen, déi Leit, déi do um Terrain schaffen, sinn net méi averstanen. Dass se do all invitéiert ginn, wou se e Projet virgestallt kréien, wou se Konzepter ausschaffen, wou se jorelaang am Fong schonn alles matgemaach hunn, fir dass et an déi Richtung geet. An iergendwann fält dat alles flaach. Se kréie keng Erklärungen dofir. A se hunn och d'Moyenen, d'Ressourcë net méi, fir esou weiderzeschaffen.

A wann een déi Etüd kuckt, déi mer jo haten, ass Nidderkuer dee Secteur, wou sech am meeschte wäert entwéckelen a wou am meeschte wäert bäikommen.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Firwat baue mer dann d'Mattendall-Schoul, mengt Der, Här Diderich?

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Jo, ech weess, firwat mer d'Mattendall-Schoul bauen. Mä do sinn 2.000 Mena-gen ...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Diderich, w.e.gl. gleeft vläicht net jiddwerengem, deen Iech Saachen zielt. Gleeft eis heiansdo och eppes. A wann Der déi zwou Saachen dann zesumme mëscht, da mierkt Der vläicht, datt mer net esou falsch leien.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech hoffen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech gleewen drun, datt mer ganz richtig leien. An ech mengen, datt d'Zukunft eis wäert recht ginn.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Da wäerte mer dat ganz no observéieren.

Zu menger zweeter Fro, déi hat ech schonn 2017 gestallt. 2016 war gesot ginn, dass d'SUP do wär. 2016 sinn och Presentatiounen hei gewiescht zum PAG. Do hate mer awer just fir d'x-te Kéier de legislative Kader virgestallt kritt vum PAG. Mä mir hate weider näischt iwwert de PAG gesot kritt.

Ech wollt meng Fro nach eng Kéier stellen, virun allem déi zweet Fro zur SUP, also der Strategischer Umweltpfung, well ech denken, dass ech en Urecht hunn, als Conseiller. Sou wéi am Fong all Bierger en Urecht huet, fir Informatiounen am Beräich vun der Ëmwelt ze kréien. An ech och net verstinn, firwat mir als Conseilleren, wat de PAG ugeet, op esou engem Onkenntnisstand gehale gi während Joren.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
confirme qu'il n'y en a que deux.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *signale qu'il s'agissait de chambres où habitaient des gens. Il n'y a même pas assez de place pour stocker les affaires. En plus, elles ne sont pas insonorisées et on entend tout ce qui se passe au-dessus.*

Visiblement, le collège échevinal ne se rend pas compte de la situation. Le personnel enseignant n'est pas d'accord pour assister à la présentation de projets et élaborer des concepts pour constater finalement de tout tombe à l'eau sans explications. Il n'a plus les ressources pour continuer à travailler de la sorte. Il ne faut pas oublier que Niederkorn est le secteur qui va se développer le plus.

TOM ULVELING (CSV) *demande à M. Diderich pourquoi il pense que le collège échevinal construit l'école du Mathendahl.*

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *répond qu'il sait pourquoi. Il est question de 2000 ménages.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *conseille à M. Diderich de ne pas croire tout ce qu'on lui raconte et de faire confiance au collège échevinal de temps en temps. Il verrait que celui-ci n'a pas toujours tort.*

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *l'espère.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *est convaincu qu'il a raison. L'avenir le prouvera.*

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *surveillera de près l'évolution.*

Il passe à sa deuxième question. En 2016, le collège échevinal a dit que l'étude environnementale stratégique était prête. La même année, une présentation du PAG a eu lieu, mais il n'y a été question que du cadre législatif.

En tant que conseiller communal, Gary Diderich estime avoir le droit d'être informé sur l'étude environnementale stratégique. Il ne comprend pas pourquoi le conseil communal ne sait rien du PAG. À Esch, le conseil communal a reçu un stick avec le PAG avant les grandes va-

cances et avant que la procédure ne soit lancée.

Si le collège échevinal de Differdange attend que la procédure soit lancée, il n'a qu'à voir ce qui se passe à Sanem. Les tribunaux vont trancher

Differdange doit suivre la même voie qu'Esch. Un maximum de discussions doivent être menées avant la procédure. Gary Diderich suppose qu'après toutes ces années, une partie des informations sont disponibles. Le collège échevinal devrait mettre l'étude environnementale stratégique à disposition des conseillers communaux.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *rap-pelle que la procédure n'a pas été lancée contrairement à ce que M. Diderich laisse entendre.*

(Interruption de M. Diderich)

Georges Liesch ne se souvient pas que le collège échevinal ait dit que l'étude était terminée. Le bureau réalisant la SUP avait pris énormément de retard. Georges Liesch suppose que le collège échevinal en avait informé le conseil communal. La SUP devrait être finie fin avril. Le collège échevinal a déjà vérifié la partie écrite et la partie graphique. Désormais, le service technique devra l'analyser par parcelle pour voir si les visions du collège échevinal sont réalisables ou s'il existe des conflits. S'il y en a, ils devront être corrigés.

Lorsque la SUP sera terminée, le bureau réalisant le PAG aura besoin de deux ou trois semaines pour s'assurer qu'il n'y a pas de conflit entre les deux dossiers. S'il y en a, le collège échevinal devra procéder à des adaptations. Bref, le PAG devrait pouvoir être présenté fin mai.

Parallèlement, une campagne d'information citoyenne sera lancée. Même si M. Diderich n'y croit pas, la commune a déjà rassemblé les idées des citoyens concernant le potentiel de développement de Differdange et son patrimoine. Des visites guidées ont été organisées, des micros-trottoirs réalisés et un site internet créé.

Le PAG n'est rien d'autre que la façon dont une commune est organisée. Georges Liesch ne pense pas qu'il vaille la peine de présenter un

Wann een aner Gemenge kuckt, zum Beispill Esch – dat ass zwar och ee vun deene seelene Beispiller –, do huet dee ganze Gemengerot virum Summer e Stick kritt, wou dee ganze PAG drop war. Ier en an der Prozedur war. A konnt dann och dozou bäidroen, dass um PAG geschafft gëtt.

Wann déi ganz Saach eréischt leeft, wann de PAG an der Prozedur ass, da brauche mer just eis Nopeschgemeng Suessem ze kucken, wéi dat dann herno wäert oflafen. A wéi herno d'Gerichter müssen tranchéieren, wien do wat d'ärf matstëmmen. A wéi déi verschidde Feeler, déi och dra waren – wann een do Asproch hält iwwer e schrëftleche Wee, dass een da souguer vum demokratesche Vott, zum Deel, ausgeschloss gëtt.

Ech denken, dass mer als Déifferdeng en anere Wee goe sollen. Ebe wéi Esch. Dass mer sollen éischter e Maximum vun Diskussiounen doriwwer féieren, ier mer an der Prozedur sinn. Ech denken, dass, no all deene Joren, e gewëssenen Undeel un Informatiounen wäerten do sinn. Op d'mannst zu der Strategischer Umweltprüfung. An ech wollt froen, dass mer déi als Gemengerot géifen elo zur Verfügung gestallt kréien. Ech soen Iech Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ass nach een, deen eppes wëll soen? Här Liesch, w.e.gl.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Ech probéieren drop ze äntwerten. E puer Richtegstellungen. Als éischt: Mir sinn net an der Prozedur. Dat heescht, et ass net esou, wéi Dir et elo wëllt duerchschéngen loossen, dass de PAG schonn an der Prozedur wär. Do si mer nach net.

Ech ka mech och net dorun erënneren – ech weess net, ob ech dat scho war oder ob den Här Muller dunn nach en charge war –, dass mir gesot hunn, d'SUP wär fäerdeg. Den Här Muller weess dat esou gutt wéi ech, dass mer net frou doriwwer waren, déi Zäit, wéi mer vum Büro, deen zoustänneg ass fir d'SUP, gesot kritt hunn, dass se enorme Retard hätten. Duerch Personal, wat aus hirem

Büro fortgaangen ass, wat um Dossier geschafft huet. An dass mer do Retard kritt hunn. Dat, mengen ech, hu mer och esou hei kommunizéiert gehat. Souwäit ech mech erënneren, jiddefalls, hu mer dat ni aneschtlers gesot.

D'SUP ass sou gutt wéi fäerdeg. Enn Abrëll ass den Datum, dee mer verbindlech ofgemaach hu mam Büro, deen op der SUP schafft. Si ass Enn Abrëll heibannen. Mir lafen am Moment parallel un deem Dossier, fir e fäerdeg ze maachen. Fir en iwwerhaupt emol de Leit am Detail kënnen ze ginn.

D'Partie graphique, d'Partie écrite steet. Si ass x-mol duerch de Schäfferot gaangen, wou mer Reuniounen hate mat dësem an och dem viregte Schäfferot. Elo ass eise Bauterservice drun, déi ganz Saach parzellegenau ze analyséieren. Well dat ass jo eng Aarbecht, déi mir als Politiker net kënnen maachen.

Wou parzellegenau gekuckt gëtt, ob an deene Saachen, déi mir ausgeschafft hunn als Schäfferot, an an eise Visiounen, déi mer hate fir Déifferdeng, Konflikter dra sinn. An där sinn der sécher dran. Wou mer Saachen decidéiert hunn, wou de Bauterservice seet, do hu mer schonn e Problem. An da musse mer déi natierlech korrigéieren. Dat leeft parallel. Och dat wäert bis Enn Abrëll fäerdeg sinn.

Wann d'SUP bis heibannen ass, brauch de Büro, deen um PAG schafft, och nach eng Kéier zwou, dräi Wochen, fir ze kucken, jee nodeem wéi d'SUP ausfällt, ob et e Konfliktpotential gëtt tëscht der SUP an eben dem PAG, dee jo eigentlech scho sou gutt wéi fäerdeg ass.

Falls do Konfliktpotential bestéing, wat duerchaus kéint sinn, mussen erëm eng Kéier am Schäfferot Kurskorrektur geholl ginn, wat mer dann upassen. Soudass mer mengen, dass mer Enn Mee dee ganze PAG souwäit fäerdeg hunn, dass mer e presentéiere kënnen. Den Timing ass nach ëmmer deeselwechten. Mir wëllen de PAG am Gemengerot vum Juni presentéieren.

Parallel dozou wäert natierlech och eng Campagne lafen, fir d'Bierger mat an d'Boot ze huelen. Kloer wëlle mer dat.

An ech wëll nach eng Kéier drun erënnere – ech weess, dass Dir, Här Diderich, dat jo net gleeft, mä mir hunn am Virfeld vum PAG scho ganz viles gemaach gehat. Wou mer d'Leit gefrot hunn, wéi se d'Visioun vun der Stad Déifferdeng gesinn, wéi eng Iddie se hunn, wou se Entwécklungspotenzial gesinn, wou se eng Gestaltung gesinn, wou se Patrimoinë gesinn, wou mer soen, déi musse mer onbedéngt halen.

Do waren Touren duerch Déifferdeng, mir hu Micro-Trottoirë gemaach, mir haten den Internetsite. Mir haten eng ganz Partie Saachen, wou d'Bierger sech konnte bedeelegen un der Gestaltung. An dat ass jo näischt anescht. De PAG ass d'Gestaltung vun enger Gemeng. Ech mengen net, dass mer vill gewannen, wa mer de Bierger einfach de PAG, wat jo en immens technesch Dokument ass, presentéieren. Do kënnen nëmmen 3% vun eise Bierger iwwerhaapt eppes domadder ufänken.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

De Gemengerot.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Natierlech, de Gemengerot ass eng aner Saach. Dofir sinn ech nach ëmmer der Iwwerzeugung, dass mer déi Presentatioun, déi mer de Bierger wäerte bidden, pro Quartier wäerte maachen an net global iwwert d'ganz Gemeng. Well ech mengen awer, dass d'Bierger sech dofir méi interesséieren. Den Nidderkuerer interesséiert sech vläicht méi dofir, wat zu Nidderkuer geschitt. An deen Uewerkuerer méi dofir, wat zu Uewerkuer geschitt. Dass mer dat esou wäerte maachen.

An dass mer dat och net maachen no enger Trottoirespolitik, wou mer soen, dës Parzell gëtt elo esou oder esou. Mä dass mer d'Philosophie nach eng Kéier weisen. Dat ass e Prozess, dee mer kënnen maachen, ouni parzellegenau musse ze sinn.

Well dat ass jo de Risiko beim PAG. Wa mer de PAG parzellegenau elo géifen erausginn, oder ze fréi, kéinten déi Informatiounen, déi awer zimlech confidentiel sinn, an Hänn kommen, wou

Leit domadder Abus maache kéinten. Dat wëlle mer op alle Fall vermeiden.

Mir hu gesetzlech keng aner Méiglechkeet, wéi deen Zäitpunkt, wou mer déi parzellegenau Dokumenter erausginn, bis zum Zäitpunkt, wou mer et hei am Gemengerot stëmmen, relativ kuerz mussen halen. Well mer soss riskéieren, dass mer an där Zäit, wou mer d'Dokumenter erausginn, bis et am Gemengerot gestëmmt ass, op eemol Projeten hei um Dësch leien hätten, wou mer da misse soen, elo musse mer déi hei awer akzeptéieren, obwuel mer dat guer net wollten. Duerfir mengen ech, ass do awer vun eis alleguer heibannen e bëssen Uechtsamkeet gefrot, fir dat do ze maachen.

Déi Presentatiounen, déi mer scho gemaach hunn, do si mer eis eens. Déi éischt Presentatioun war gutt fir ze weisen, wéi ass d'Prozedur vun engem PAG, wéi geet dat. Déi zweet, déi mer gemaach hunn – do ware mir eis och deemools am Schafferot eens –, war bal datselwecht. An déi huet eis alleguer net esou zefriddestallt.

Mä déi huet eis awer zumindest d'Erkenntnis ginn, dass mer esou eng Presentatioun, déi esou technesch am Vokabulär war, a wéi se ofgelaf ass, eigentlech de Bierger net kënnen zoumudden. Dass mer do eppes ganz anescht mussen maachen. Dass mer ganz anescht mat de Bierger mussen schaffen wéi mat Iech hei am Gemengerot.

Ech mengen, Iech kann een technesch Dossier ginn. Dir hutt d'Wëssen, wéi een esou eppes ka liesen. Mä ech mengen, d'Bierger dobausse kënnen domadder näischt ufänken.

Also den Timing ass nach ëmmer deen, dass mer am Juni am Gemengerot de PAG an d'Prozedur ginn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Den Här Diderich, ganz gären.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech soen Iech Merci, dass Der op déi Fro geäntwert hutt, déi ech net gestallt

document aussi technique que le PAG à la population, car seuls 3 % le comprendraient.

(Interruption)

Georges Liesch admet que la situation est différente pour le conseil communal. Mais pour ce qui est de la population, la présentation devrait se faire quartier par quartier. Car un habitant de Niederkorn s'intéressera plus à ce qui se passe dans sa localité et un habitant d'Oberkorn à ce qui se passe dans la sienne.

Georges Liesch ne pense pas non plus qu'il faille présenter le document trottoir par trottoir, mais expliquer sa philosophie.

Par ailleurs, si le collège échevinal sort le PAG trop tôt avec des informations confidentielles par parcelle, certains pourraient commettre des abus. Le laps de temps entre la mise à disposition des documents et le vote devra être relativement court. Autrement, la commune pourrait se retrouver obligée d'approuver des projets dont elle ne veut pas.

Pour ce qui est des présentations qui ont déjà eu lieu, la première a servi à expliquer la procédure. Malheureusement, la deuxième était très similaire à la première. Elle aura au moins eu le mérite de montrer qu'un vocabulaire aussi technique ne pourra pas être utilisé lors de la présentation aux citoyens. La commune devra trouver une autre solution. Les conseillers communaux disposent des connaissances nécessaires à la compréhension de dossiers techniques, mais pas les habitants.

En tout cas, le calendrier est respecté. La procédure devrait être lancée en juin.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) remercie M. Liesch d'avoir répondu à une question intéressante qu'il n'a pas posée.

Il n'a pas demandé où en était le PAG, mais quand le conseil communal recevrait des informations. Il rappelle que les conseillers communaux ont prêté serment. Il ne s'agit donc pas de tout rendre public. Mais si les conseillers communaux ne reçoivent le dossier que cinq jours avant la séance, ils n'auront pas le temps de l'analyser même s'ils ne font rien d'autre à côté.

Gary Diderich estime que même dix jours ne suffiraient pas. Avant les grandes vacances, le conseil communal devra prendre une décision quant à l'avenir de la commune sur la base d'un dossier vieux de plusieurs décennies.

(Interruption)

Gary Diderich sait bien que la coalition actuelle n'y peut rien. Mais ce dossier est essentiel. Le rôle des conseillers communaux est d'être informés pour pouvoir prendre des décisions en connaissance de cause. Les discussions peuvent avoir lieu lors de réunions à huis clos avant que la procédure ne soit lancée.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

voit les choses de la même façon et M. Liesch probablement aussi.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *trouve évident que le dossier ne pourra pas être remis aux conseillers communaux cinq jours avant le vote. Il rappelle cependant que les conseillers communaux représentent un parti et qu'ils discutent en général des projets avec leurs bases. Mais dans ce cas-ci, ce n'est pas possible, car les autres membres des partis ne sont pas assermentés. Des conflits risquent alors de survenir. Les conseillers communaux ne pourront pas discuter du PAG avec des gens non assermentés. Car ils ne peuvent pas savoir ce qui va arriver.*

hunn, déi mech awer och interesséiert: Wou si mer dru mam PAG? Hei war d'Fro: Wéini kréie mir als Gemengerot, als Gemengeréit, Informatiounen iwwert dee PAG, wou mer dru sinn?

Dass mir uechtsam mat den Informatiounen ëmgoe sollen, sinn ech mir spëtstens bewosst, zënter ech en Eed hei ofgeluecht hunn. Ech hunn net dovunner geschwat, dass mer d'Saach einfach esou public solle maachen, ouni iergendwéi ze iwwerleeën, wie wéi eng Informatioun kritt.

Ech schwätzen dovunner, dass mir als Gemengerot am beschten net eréischt fënnf Deeg virun der Sëtzung am Juni den Dossier kréien. Well dat wäert e risegen Dossier sinn, dee keen normale Mënsch a fënnf Deeg verschaffe kann, wann e vläicht nach iergendeppes niewebäi mécht. A souguer, wann en näischt niewebäi mécht, wäert et schwéier ginn, dat a fënnf Deeg ze verschaffen. An ech mengen och, dass zéng Deeg net duerginn.

Ech mengen, mir als Gemengeréit musen dann am Juni oder am Juli, wann et vläicht en Ënnerscheid gëtt tëschent Presentatioun a Vott, mä virum Summer e Vott huelen iwwert d'Zukunft vun eiser Gemeng. Op engem Dossier dee joerzëngtelaang elo ënnerwee ass.

(Interruption)

De PAG ass joerzëngtelaang ënnerwee.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ënnerwee, jo.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Et ass net, dass dat un Ärer Koalitioun läit. Mer wësse jo, wat alles um gesetlechen Niveau läit an esou weider. Mä et ass wierklech en Dossier, den awer maassgebend ass. An ech mengen, dass dat eise Rôle ass als Gemengeconseilleren, do esou gutt wéi méiglech informéiert ze sinn. Vertraulech mat deenen Informatiounen ëmzgoen an awer kënnen informéiert herno och eng Decisioun kënnen ze huelen. An och vläicht nach kënnen Diskussiounen ze féieren. Wou ech mengen, dass déi Dis-

kussioun besser lafen, wa mer informéiert sinn. Wa mer vläicht och net-public Reuniounen hunn tëschent eis a kënnen einfach iwwert déi Saach schwätzen, ier mer an eng ëffentlech Diskussioun an an eng Prozedur kommen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Diderich, ech gesinn dat genau d'selwecht. An ech wäert drop bestoen. An ech mengen, datt den Här Liesch dat och esou gesäit, datt dat esou wäert gemaach ginn.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Jo, ech gesinn dat och esou. Et ass evident, dass dat hei net fënnf Deeg virun engem Gemengerot Iech kann zoukomme gelooss ginn. Dat ass fir mech kloer. Mir mussen awer e Wee fannen.

All Partei heibannen huet jo deeseweichte Problem: Dir sidd alleguerte gewielte Mandatairë vun enger Partei. An Dir schwätzt mat Ärer Basis normalerweis iwwer Projeten, déi am Gemengerot sinn. An dësem Fall kënnt Der dat net maachen. Well Dir sidd alleguerten heibanne vereedegt. Mä Är Leit an Äre Parteien net. An ech weess net, wéi Dir et da ronn bréngt.

Dat heescht, jiddwereen heibanne kann natierlech den Dossier kréien. Dir sidd vereedegt Conseilleren. Da wësse mer, déi Leit hei hunn den Dossier kritt. Mä da wësse mer och, wann et dann iergendwou awer zu engem Incident kënnt, dee mer alleguer net wëllen, dass och nëmme dës Leit da kënne verantwortlech sinn.

Soubal een awer dann higeet zu senger eegener Partei – ech schwätzen elo fir meng Partei, mä ech sinn iwwerzeegt, dass dat bei Iech genau d'selwecht ass –, dass déi soen, mir wëllen natierlech och mat diskutieren a mat wëssen. Dass een dann an engem Konflikt ass, wou ee seet, dat kann ech net maachen.

Ech kann an engem Grupp vu menger Partei, vu Leit, déi net vereedegt sinn, déi parzelle genau Pabeiere weder erausginn nach weisen nach diskutieren.

Well kee ka garantéiere fir dat, wat duerno geschitt.

Dat heescht, mir mussen eis hei alleguerten eens sinn, dass mer et mat engem Dokument ze dinne hunn, wat wichteg ass, an – do ginn ech Iech recht – eng Liewensdauer huet vu fënnef Joer. Well all fënnef Joer muss de PAG jo zumindest geupdate ginn. Dat heescht, Kurskorrektur sinn natierlech och ëmmer méiglech. An op där anerer Säit musse mer awer och wëssen, dass mer, bei deem éischte PAG zumindest, mussen oppassen, mat wem mer iwwert dat Dokument schwätzen.

Dir hutt ganz recht. Also ech mengen schonn, dass mer hei informell Gemengeër brauchen, fir dat do ze diskutéieren. Ob dat elo 14 Deeg virdrun ass oder dräi Woche virdrun. Soubal d'SUP do ass an all déi Kurskorrekturen, déi ech elo virdru genannt hunn, prett sinn, ass d'Dokument jo fäerdeg. Dann ass just nach um Schafferot ze decidéieren: Wéini maache mer et elo? An do musse mer e Wee fannen, wou mer eis heibanen eens ginn, wéi mer domadder verfueren.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Den Här Tempels hat och Froen.

GUY TEMPELS (CSV):

Déi betreffen de CGDIS. Et ass mer schonn e puermol vu Kollegen, déi bei de Pétenger Pompjeeën aktiv sinn, bericht ginn, dass si des Ëftere geruff gi sinn op Interventiounen, well d'Permanence säitens eisem CGDIS net konnt gewährleisten ginn. Hu mer do personell Problemer?

An zweetens hu mer deen nämmelechte Problem mat de Permanenzen och bei den Ambulanzen. Ech mengen, mir hu keng Urgence méi hei zu Déifferdeng. Dat heescht, d'Leit mussen op Esch. Da wär et schonn net schlecht, wann d'Ambulanzen esou schnell wéi méiglech op der Plaz kéinte sinn. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Ech kann Iech do keng Äntwert ginn, well mer mam CGDIS am Fong geholl näischt méi direkt ze dinne hunn als Gemeng. Ech froen dat awer no.

Fir net falsch verstanen ze ginn: D'Urgence sinn am Dag nach op am Spidol.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Bis néng Auer.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Vun owes bis moies fréi si keng Urgenzen. Do huet den Här Ulveling Iech scho gesot, datt mer e Méindeg eng Versammlung mam Direkter vum Spidol hunn. Mir froen dat no a soen Iech dann déi nächste Kéier Bescheid.

Loosse mer den Här Meisch nach, datt jiddwereen dru kënnt.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Ech wollt eng aner Fro stellen, näischt iwwert de CGDIS.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ah, okay. Dann den Här Diderich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech wollt emol nofroen. Iwwert de CGDIS war eng Kéier eng Presentatioun hei gemaach ginn, wéi déi Reorganisatioun soll ausgesinn. Souwäit ech elo verstanen hunn, ass et net méi bei deem Stand der Dinge, wéi mer et am Gemengerot presentéiert kritt hunn. Ech denken, dass et wichteg wär, dass mir als Gemengerot doriwwer informéiert ginn.

Dir hutt grad gesot, mir hätten als Gemeng näischt domadder ze dinne. Et sinn awer op d'mannst zwee Leit, déi bei der Gemeng agestellt sinn, déi fir de

Le document en question est important. Il aura une durée de vie de cinq ans, délai après lequel il devra être mis à jour. Pour le premier PAG en tout cas, il est nécessaire de faire attention à qui on en parle.

M. Diderich a raison: des réunions informelles sont nécessaires deux ou trois semaines avant. Lorsque l'étude environnementale stratégique sera finie et que les corrections auront été réalisées, le document sera prêt. Ensuite, le collège échevinal devra décider comment procéder.

GUY TEMPELS (CSV) a une question concernant le CGDIS. Des collègues de Pétange lui ont dit qu'ils ont dû intervenir à plusieurs reprises parce que le CGDIS n'assurerait pas toujours une permanence. Le même problème existe aussi pour les ambulances. Guy Tempels rappelle qu'il n'y a plus de service d'urgences à Differdange et que les gens doivent se rendre à Esch. Il faudrait donc que les ambulances arrivent rapidement.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) ne peut pas répondre à ces questions parce que la commune n'a plus rien à voir avec le CGDIS. Cependant, il s'informera. Il rappelle que le service d'urgences fonctionne en journée.

TOM ULVELING (CSV) précise qu'il fonctionne jusqu'à 21 h.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) ajoute qu'il n'y a pas de service d'urgences du soir au matin. M. Ulveling a expliqué qu'une réunion aurait lieu lundi avec le directeur de l'hôpital. Il cède la parole à M. Meisch.

FRANÇOIS MEISCH (DP) signale qu'il a une tout autre question.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) se souvient d'une présentation sur la réorganisation du CGDIS. Mais l'organisation a évolué entretemps. Le conseil communal devrait en être informé. M. Traversini a dit que la commune n'avait rien à voir avec le CGDIS. La commune emploie pourtant deux personnes travaillant au CG-

DIS. À l'époque, l'organigramme avait été présenté, ce qui est une bonne chose.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

ne voit pas d'inconvénient à demander à la direction de venir à Differdange.

Il est vrai que le Sud a deux représentants au sein du conseil d'administration du CGDIS.

Trois employés de la commune étaient pompiers. La commune leur versera leur salaire. Deux sont revenus à la commune parce que le CGDIS ne les a pas repris. En revanche, le responsable du CGDIS Sanem-Differdange est encore là, mais il n'a pas été recruté par le CGDIS, car il a trois ans pour y penser. Mais même s'il reste attaché à la commune, celle-ci n'a rien à lui dire.

L'assemblée générale du CGDIS aura lieu en mai à l'Aalt Stadhaus. Roberto Traversini leur demandera de venir présenter le fonctionnement du CGDIS.

FRANÇOIS MEISCH (DP) a deux questions: une longue et une courte. Il va commencer par la plus longue.

Dans le cadre du développement du Science Center et de son installation dans la centrale à gaz, une nouvelle initiative est en train de voir le jour. François Meisch l'a lu dans la presse il y a quelques jours.

Le nouveau programme « Découverte des professions et métiers » s'adresse aux jeunes de 13 à 18 ans et leur propose de découvrir des métiers de l'artisanat.

Une réorientation des adultes en partenariat avec l'ADEM est aussi envisagée.

Le Science Center aura donc besoin de plus d'argent, mais aussi de locaux supplémentaires. C'est pourquoi les responsables du Science Center ont demandé une entrevue avec le collège échevinal en septembre 2018 concernant le terrain en friche à côté de l'école professionnelle. Le COSP pourrait constituer une alternative, car il n'y a pas beaucoup d'activités.

Le volet économique a été réglé rapidement. Le Fonds social européen, la Chambre des métiers, le ministère de l'Éducation nationale

CGDIS schaffen, déi net an de CGDIS iwwergaange sinn. Ass dat esou?

A kënnt Der eis eng Kéier de Stand der Dinge virstellen, sou wéi dat deemools geschitt ass. Ech hat dat jiddefalls begreist, dass d'Leit heihinner komm sinn. Dass mer mat hinnen direkt schwätze konnten. An dass mer e bëssen den Organigramm gesot kritt hunn. Awer dee schéngt net méi deen ze sinn, wéi dat deemools virgestallt gi war.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech hunn absolutt kee Problem, d'Direktioun nach eng Kéier ze froen, heihinner ze kommen. No enger Sitzung oder eng Kéier owes. Datt se erklären, wie wat ze soen huet.

Richteg, mir hunn eppes iwwert de CGDIS ze soen, well mer am Süden zwee Vertrieeder am Verwaltungsrot vum CGDIS hunn. Soss huet de Buergermeeschter mat verschiddenen d'Verantwortung. Mä ech kann eisem Zenterchef, wéi dat genannt gëtt, näischt méi soen.

Mir haten dräi Leit vun eis bei de Pompjeeë schaffen. Dat heescht, déi fir d'Pompjeeë geschafft hunn, wou mir d'Pai bezuelt hunn. Zwee dovunner kommen zrëck bei d'Gemeng. Déi wëllen net vum CGDIS iwwerholl ginn.

An de Responsable vum ganze CGDIS Suessem/Déifferdeng, dee bleift do. Dee gëtt awer net vum CGDIS agestellt, dee bleift bei der Gemeng, well en dräi Joer Zäit huet, fir sech et ze iwwerleeën. An hie sot: „Ech maachen dat gär. An zwee Joer ginn ech souwisou an d'Pensioun. A bis dohinner bleiwen ech awer nach bei der Gemeng attachéiert.“ Mä och wa mir e bezuelen, hunn ech em awer näischt ze soen.

Ech froe si dann. Datt mer hinnen nach eng Kéier virschloen, dat ganz Fonctiounement vum CGDIS virstellen ze kommen. D'Generalversammlung ass am Mee. Dat wier vläicht och eng flott Geleeënheet. An déi ass och hei am Ale Stadhaus. Ech mengen, et ass freides owes den 10. Mee. Op alle Fall froe mir dat.

Här Meisch, w.e.gl.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Madamm, Dir Hären aus dem Schäfferrot, ech hunn am Fong zwou Froen. Eng méi laang an eng méi kuerz. Ech fänke mat där laanger un.

Am Kader vum Ausbau vum den Aktivitéit vum Luxembourg Science Center an och am Hibleck op d'Phas zwee, also der Installatioun vum Luxembourg Science Center an der monumentaler Gaszentral, gëtt säit 2018 un enger zousätzlecher Initiativ geschafft. Dat, fir deen elo scho lues a lues opzebauen, am Virfeld.

Lo konnte mer virun e puer Deeg an der Press liesen, an ech hu mech dann diesbezüglich och schlaue gemaach: Den neie Programm „Découverte des professions et métiers“ riicht sech u jonk Studenten tëscht 13 an 18 Joer aus de verschiddene Lycéeën. Fir virun esou enger schwéierer beruflecher Entscheidung verschidden Handwierker ze testen, souzesoen.

An enger nächster Etapp wär zesumme mat der ADEM eng Réorientation professionnelle fir Erwuessener ugeduecht. Bis d'Phas zwee hoffentlech an e puer Joer prett ass, géif dat en zousätzleche finanziellen, wéi awer och raimleche Besoin vu quasi 700 Quadratmeter, respektiv plus-minus zwielef Säll bedeiten.

Dofir hunn déi Verantwortlech vum Science Center am September 2018 zäitgläich Entrevuen ugefrot beim Fonds Social Européen, wéinst dem Finanzement. A beim Déifferdenger Schäfferrot wéinst engem Terrain, dee brooch läit, direkt nieft der aktueller Léierbud.

Eng Alternativ kéint awer och sinn, fir den COSP, de Centre d'Orientation Socio-Professionnelle, deen am Moment net wierklech vill Aktivitéit huet, eng nei Plaz ze sichen. An déi Plaz an der fréierer Léierbud dann dem Science Center fir deen neie Programm zur Verfügung ze stellen.

De finanzielle Volet konnt schnell gekläert ginn. Sou si mëttlerweil 1,2 Milliounen Euro assuréiert fir d'Frais opérationnelles vum deem neie Programm. Dat iwwer zwee Joer. Dee gréissten Deel kënnt vum Fonds Social

Européen. De Rescht vun der Chambre des Métiers, vum Ministère de l'Éducation nationale a vum SCRIPT, de Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation pédagogiques et technologiques.

Eng grouss Lëtzebuerger Fondatioun géif d'Käschte vun de Spezialequipementer laangfristeg droen. Eng Entrevue mam Déifferdenger Schäfferot hunn déi Responsabel vum Science Center säit September d'lescht Joer nach ëmmer net accordéiert kritt. No schrëftlecher Nofro am Januar koum e Refus, verfaasst an zwou Zeilen, ënnerschriwwen vum Buergermeeschter, dass den Terrain nieft der Léierbud net zur Verfügung gestallt géif ginn.

War dee ganze Schäfferot vun deem Refus am Bild? Ass de Schäfferot sech bewosst, dass et, a mengen Aen, irresponsabel ass, fir d'Leit vum Science Center säit September d'lescht Joer op eng Entrevue waarden ze loossen. An een esou och riskéiert, eng absolutt eemoleg Chance fir eis Stad op d'Spill ze setzen, wann een engem ëmmer erëm Steng an de Wee gehäit? Firwat ass et ee Refus? Temporär Léisunge gëtt et. Déi Parzell aus der Étude urbanistique fir d'Entrée en ville erausloosse fir eng Zäitche, a fir e puer Joer zur Verfügung ze stellen. Oder eng nei Léisung fir de COSP, wou ech virdru genannt hunn, fannen.

Ech rappelléieren, dass elo schonn ëm déi 50.000 Visiteuren d'Joer an de Science Center kommen. Bal 1.000 Schoullklassen aus dem ganze Land sinn op Déifferdeng komm. A wann dann den Dram vun engem Science Center an der Gaszentral, mat allem ronderëm, sollt Realitéit ginn, da wäerten déi Zuele reegelrecht explozéieren, mat alle positiven Niewewierkunge fir eis Stad.

Ech hoffen, dass dee Refus nach eng Kéier iwwerduecht gëtt, am Interêt vun der Saach. An dass den Dialog tëscht deenen zwou Parteien erëm zustane kënnt. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Ech wëll just soen, datt déi Fro esou schonn am leschte Gemengerot

gestallt ginn ass. Dir kënnt Iech natierlech ofwiesselen, all Gemengerot déi Fro nach eng Kéier ze stellen. Ech ginn awer do dem Här Liesch d'Wuert.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Et sinn e puer Saachen, déi mech elo e bësse verwonneren. Ech fänke mol vir un. Déi Entrevue, déi gefrot ginn ass, hu mer net refuséiert. Mir hunn drop verwisen, dass de Staatsminister selwer gesot huet, dass hei e Groupement d'Intérêt économique geschaaft gëtt, ënner senger Tutelle. Ënnert sengem Funktiounär, deen dat soll aberuffen.

Do soll also eng Reunioun aberuff ginn, déi sech ronderëm de Science Center, Musée dréit. Mat um Dësch setzt de Ministère, do setzt dann endlech och d'Gemeng. An de Proprietär, deen där e net vergiessen, do setzt och ArcelorMittal. A mir hunn dem Responsabele vum Science Center genau dat do matgedeelt, dass mir dorobber waarden, well mir do net fiederféierend sinn, fir deen Datum vun där Reunioun festzeleeën. Deen Datum ass bekannt. Deen ass elo dës Mount. A mir wäerte selbstverständlech do präsent sinn, op där Reunioun, fir konstruktiv matzeschaffen.

Nach eng Kéier: Dës Schäfferot an de leschte Schäfferot hunn x-mol hei gesot, dass mer zu 100% hannert deem Projet vum Science Center stinn. Ënnert der Bedéngung, dass dat transparent ofleef a jiddweree weess, wat deen anere mécht. An dat, mengen ech, ass mat deem Groupement d'Intérêt économique, deen elo geschaaft gëtt, emol en éischte Schratt an déi Richtung.

Mir hunn eis just hei, mat Succès hofentlech, gewiert géint eng Aart a Weis vun engem Mann, deen hei probéiert ëmmer ee géint deen aneren auszuspielen. An dee probéiert dat jo immens laang. A wann Der hei vu Steng schwätzt, da kann ech just soen, dass déi Steng net vun eis gehäit ginn, mä vun enger anerer Persoun. A mir wieren eis hei.

Mir hunn dat Spill, mengen ech, gutt duerchkuckt. Iech huet en nach am Moment dann am Boot. E probéiert jiddefalls. Duerfir Är Fro jo och, ob de Schäfferot vun där Decisioun wousst.

et le SCRIPT financeront 1,2 million d'euros. Une fondation luxembourgeoise se chargera du financement de l'équipement spécial.

En revanche, le collège échevinal n'a toujours pas accordé d'entrevue aux responsables du Science Center. Ceux-ci ont reçu un refus de deux lignes signé par le bourgmestre en janvier stipulant que le terrain à côté de l'école professionnelle n'était pas disponible. Le reste du collège échevinal était-il au courant? François Meisch trouve ce comportement irresponsable, car le Science Center représente une chance unique pour Differdange. Le terrain en question pourrait être mis à disposition pour deux ans. Ou alors, il y a le COSP.

François Meisch rappelle que 50 000 personnes visitent le Science Center chaque année. Ce chiffre va exploser quand le Science Center deviendra une réalité dans la centrale à gaz. Le conseiller communal espère que le collège échevinal reviendra sur sa décision.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

rappelle que la même question a déjà été posée la dernière fois. Mais il ne voit pas d'inconvénient à ce que les conseillers communaux s'alternent.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)

est surpris parce que le collège échevinal n'a pas refusé l'entrevue. Mais le Premier ministre a annoncé la création d'un groupement d'intérêt économique. Une réunion aura lieu. La commune et ArcelorMittal y participeront. C'est ce que le collège échevinal a communiqué au responsable du Science Center. Le collège échevinal participera à la réunion et se montrera constructif. Le collège échevinal a déjà dit qu'il soutenait le Science Center à 100 %, mais à condition que le fonctionnement soit transparent. Le groupement d'intérêt économique constitue un pas dans la bonne direction.

Le collège échevinal n'a fait que se défendre contre un homme qui essaie de dresser les acteurs les uns contre les autres. C'est lui qui met des bâtons dans les roues du projet. François Meisch semble être plutôt de son côté. C'est la raison pour la-

quelle il demande si tout le collège échevinal était au courant. La réponse est oui. Le collège échevinal exige 100 % de transparence.

Georges Liesch est aussi étonné du fait que M. Meisch mentionne le COSP, car il en a discuté avec le responsable du Science Center. Mais il n'est pas au courant du fait que le COSP limiterait ses activités. D'après ce qu'il sait, le COSP manque plutôt de place. Ce que dit M. Meisch est donc envisageable. Si le COSP ne peut plus fonctionner parce que les locaux sont devenus trop petits, le site deviendrait disponible. Les activités du COSP sont d'ailleurs comparables à celles dont parle M. Meisch.

Georges Liesch n'en a pas encore discuté avec le ministre, mais ses informations sont à l'opposé de ce que dit M. Meisch. Ce qui est sûr, c'est que si le COSP souhaite rester à Differdange, le collège échevinal entend l'y garder, car ses activités sont extrêmement importantes. Il ne tentera pas de dresser les parties les unes contre les autres, car les deux activités sont importantes.

Georges Liesch ne remet donc pas en question l'importance des nouvelles activités du Science Center. C'est une bonne chose et c'est pourquoi le Science Center a touché des subventions.

Georges Liesch a aussi proposé d'autres sites à Niederkorn au responsable du Science Center. Celui-ci a répondu que ces sites n'étaient pas compatibles avec le fonctionnement du Science Center. Car des synergies existent entre les différentes activités. Par ailleurs, il s'agit de faire du Science Center un incontournable de Differdange.

Pour ce qui est du terrain jouxtant l'école professionnelle, Georges Liesch rappelle que l'entrée en ville est comparable à la vitrine d'une boutique. C'est la première chose que l'on voit. Pour le collège échevinal, cette entrée se compose de trois terrains. Les deux tours qui vont être construites sont imposantes. Un lycée a été construit. En ce qui concerne le dernier site, un concours urbanistique a été lancé et pour le collège échevinal, il n'est pas question d'aménager un bâtiment supplémentaire à cet endroit.

Jo, dat wousst de Schäfferot. An de Bréif ass och esou verfaasst ginn. An dee gëtt sech jo net domadder. Mä mir ginn eis och net. Mir hunn dat Spill do duerchkuckt. An ech mengen, mir féieren eis Linn weider. Mir hätten hei gär 100% Transparenz, ier mir en Euro vun effentleche Steiergelder an e Projet ginn, vun deem mer iwwerzeegt sinn. Mir hätte gären Transparenz, dass mer och Ried an Äntwert kënnen stoen, wat mat deenen Euroe geschitt.

An ee Punkt, wou Der sot, wonnert mech awer och. Well genau déi Pist vum COSP hat ech mam Responsabele beschwat. Well ech hat dee jo awer schonn e puermol um Telefon. Dofir wonnert mech Är Ausso. Ech weess net, wou Dir dorunner kommt. Déi Ausso hunn ech net kritt, dass am COSP keng Aktivitéiten, oder net méi vill, géife lafen.

Ech hu gesot, dass ech mech géif engagéieren, fir beim zoustännege Minister nozefroen, wat dem Minister seng Vue vum COSP wär. Ob e gedenkt, de COSP op där Plaz ze loossen. Well meng Informatiounen si genau anerer. Meng Informatiounen sinn déi, dass de COSP eigentlech och aus allen Néit platzt. Dass déi och e Besoin u Plaz hätten. An dat wär genau eng aner Vue.

An da wär awer dat méiglech, wat Dir elo wëllt soen. Nämlech wann de COSP géif soen, mir kënnen op där Plaz do net méi funktionéieren, well mer vill méi Plaz brauchen a mir géifen eventuell op eng aner Plaz goen, fir dem COSP seng Aktivitéit. Wat jo genau datselwecht quasi ass, wat Dir hei proposéiert. Da wär jo eng Surface eventuell fräi. Et ass net grad datselwecht. Ech ginn Iech recht. Mä et geet awer e bëssen an déi Richtung. Dat heescht, meng Informatioun vum der Aktivitéit vum COSP geet genau an eng aner Richtung.

Ech hunn dat awer nach net gemaach. Ech hunn nach net beim Minister nogefrot, wat seng Vuë sinn. Dann hätt ee jo déi Diskussioun kéinte féieren, mat deene Surfacë vum COSP. Mä fir eis ass et awer och kloer, dass wann de COSP hei zu Déifferdeng bleiwe wëll, dass mir deen net wëilten erausgeheien. Well déi Aktivitéit ass extrem wichteg. Mir wäerten net eng géint déi aner hei ausspil-

len, well eis déi eng an déi aner wichteg ass.

Och dee Projet, dee mer virgestallt kritt hunn, vun där Aktivitéit, déi do stattfanne soll, stelle mir iwwerhaupt net a Fro. Dat ass eng luewenswäert Geschicht. Duerfir hunn déi Leit jo och Subside kritt. Dat heescht, et ass eng Saach déi wierklech gutt ass.

Ech hunn deem Mann, deem Responsabelen awer och nach en anere Site proposéiert zu Nidderkuer. Wou dat eventuell méiglech wär. Do huet e mer erklärt, dass dat awer mam Funktionement vum Science Center an där heiten Aktivitéit net geet. Dat hunn ech och agesinn.

Et muss ee jo soen, déi zwee Projete lafen net parallel, mä déi gräifen aneneen, aus logistesche Grënn. An et geet jo hei och drëm, fir dee Projet vum Science Center wierklech ze betonéieren. Fir dass do en Incontournabel e bëssen entsteet. An en huet mer dunn erklärt, dass dat net funktionéiert. Dat hunn ech och agesinn. Dat heescht, wann dee Site net direkt a Proximitéit wär vum aktuelle Science Center, da wär et schwierereg, dat heiten ëmzesetzen. En ass also net lassgëlëist vum Science Center ze gesinn, e funktionéiert nëmmen mateneen. Et ass e Binom.

Dann nach zu där Plaz. Firwat mer déi Plaz net hierginn. Well mer hei – an dat konnt Der jo am Budget och gesinn – gesot hunn, mir hunn dräi Plazen an der Entrée en ville. An d'Entrée en ville ass – dat ass emol eis Vue – eppes wéi eng Fënster vun engem Buttek. Dat heescht, wann een an Déifferdeng erakënnt, ass dat d'Vitrinn. Et ass dat, wat een als éischt mierkt, wann een an Déifferdeng erakënnt.

An eis Vue ass, dass mer am Moment dräi Plazen an der Entrée en ville hunn, wou mer eng Gestaltung kënnen maachen, nieft deene Gebailechkeeten, déi awer imposant wäerte sinn. Ech erënnere den Tour, deen am Bau aus, den Tour vum der Firma BPI, deen elo am Fréijoer d'nächst Joer wahrscheinlech wäert ugoen. Do geschitt jo nach immens vill. De Lycée ass gebaut ginn. Dat heescht, mir schafen hei imposant Gebaier.

An et waren dräi Plazen, wou mer en Urbanisteconcours gemaach hunn, wou mer gesot haten, mir hätte gär fir déi dräi Plazen e Projet. Dat hu mer schonn ausgeschriwwé gehat. Déi hu mer lancéiert, ier dass deen heite komm ass. A mir hu genau dat do geäntwert. Mir hu gesot, mir hunn am Moment aner Vuen, wat mat där Plaz kéint geschéien, wéi do nach en zousätzlecht Gebai dropzesetzen. Dat ass dat, wat mer eben net wollten, wann een an Déifferdeng erakënnt, dass een eigentlech nëmmen nach méi Bëtong a Gebai er gesäit. Mä dass mer nach Plaze behalen, déi mer urbanisteschesch anescht erschte gestalte kënnen.

Dat ass d'Äntwert, déi mer ginn hunn. Et geet also hei iwwerhaupt net drëm, Steng iergendwou ze geheien. Nach eng Kéier: Déi Steng komme vun enger ganz anerer Säit op eis geflunn. Mir ënnerstëtzen déi Projeten do mat deene Moyenen, déi mer hunn.

Mä op där anerer Säit hunn ech d'Impressioun, dass do ee sëtzt, deen eng Kéier gesot huet „never take a no for an answer“. An dat wierklech als Liewenscredo hält a seet, wann ech eng Kéier e Refus kréien, dat ass kee Problem. Well wann ech deen zu där enger Dier erausgeheien, dann ass e schonn déi aner Säit erëm dobannen, ech hunn d'Dier emol nach net zou.

An déi Politik, och fir d'Leit géinteneen auszespillen, fannen ech absolutt net ënnerstëtzenswäert. An dat wäert ech och net maachen.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Dat heescht, mir kënnen festhalen, dass Der weiderhi refuséiert, déi Responsabel vum Luxembourg Science Center am Schäfferot ze empfänken?

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Déi Responsabel, wëll ech just soen, sinn: ArcelorMittal, de Staat als gréissten ...

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Ech schwätze vun deene Responsabele vum Luxembourg Science Center. Déi

froe säit September schrëftlech eng Entrevue am Schäfferot zu Déifferdeng a se kréien keng.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Fir iwwert de Science Center ze schwätzen.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Ech géif op de Knéien dohinner rutschen, wa se mech géife froen ...

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Jo.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

... fir e Projet fir Déifferdeng.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Mir net.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Dat hutt Der elo bestätegt. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech wëll Iech just soen, Här Meisch, wa mer Iech ëmmer géifen nolauschten, da wier de Science Center guer net méi méiglech. Well da géife mer d'Chiershal do opriichten. Dat heescht mat eiser Wäitsicht ... Dir kënnt roueg esou drakucken. Dir wollt am Fong geholl déi nei Chiershal do opriichten, wou mer wahrscheinlech mam Science Center an d'Stadentwécklung ...

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Nee.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dach, Här Meisch.

L'entrée en ville ne doit pas être entièrement bétonnée.

C'est cette réponse que le collège échevinal a donnée au responsable du Science Center. Il ne s'agit pas de mettre des bâtons dans les roues de qui que ce soit. Malheureusement, la personne dont il est question semble avoir de l'expression «Never take no for an answer» son slogan. Il n'accepte pas les refus. Et si on le sort d'un côté, il rentre de l'autre avant qu'on ait eu le temps de refermer la porte. Georges Liesch trouve que cette politique visant à dresser les uns contre les autres ne mérite pas d'être soutenue.

FRANÇOIS MEISCH (DP) *croit comprendre que le collège échevinal refuse de recevoir les responsables du Science Center.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *rappelle que les responsables sont ArcelorMittal, l'État...*

FRANÇOIS MEISCH (DP) *fait référence aux responsables du Science Center. En septembre, ils ont demandé une entrevue au collège échevinal de Differdange. François Meisch ferait n'importe quoi pour disposer d'un projet comme celui-ci à Differdange.*

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *répond que ce n'est pas le cas du collège échevinal.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *ajoute que si le collège échevinal avait écouté M. Meisch, il n'y aurait pas de Science Center puisque les démocrates voulaient construire le hall de la Chiers à cet endroit.*

FRANÇOIS MEISCH (DP) *proteste.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *insiste.*

Questions

FRANÇOIS MEISCH (DP) *mentionne le programme électoral du DP.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *réplique que M. Liesch a fourni toutes les réponses.*

FRANÇOIS MEISCH (DP) *passé à sa deuxième question. Après le restaurant sur la place du Marché, le magasin pour enfants a fermé ses portes dans la Grand-rue. Est-ce dû au fait que le parking Reggio n'est plus accessible au public? Le parking de la Grand-rue ne sera opérationnel que dans quelques années. Se peut-il que le nouveau concept de stationnement ne fonctionne pas?*

Qu'en est-il du concept pour les locaux vides à Differdange? La commune rachète ces locaux et les loue, mais ils ferment aussitôt. François Meisch n'a pas l'impression qu'il y ait une idée à long terme.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *rencontrera la locataire du magasin vendredi. Il pourra donc répondre à M. Meisch la prochaine fois.*

Pour ce qui est du concept, il a déjà répété plusieurs fois que le collègue échevinal y travaillait. Une proposition sera faite avant les grandes vacances.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *rappelle que M. Traversini avait promis la dernière fois de parler du restaurant de la place du Marché.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *demande à M. Diderich s'il fait référence à l'Autre part.*

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *parle de l'ancien Ikkuvium.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *répond que la commune continue de toucher les loyers. Le locataire réfléchit à la question de savoir s'il doit rouvrir ou chercher un repreneur.*

(Interruption)

Roberto Traversini répond que c'est en relation avec la société. Il parlera de l'autre local dans la séance non publique.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Um Parking.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo, ech weess, Dir sot dat elo erëm net. Ech weess ganz genau ...

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Et steet an eisem Wahlprogramm, schwaarz op wäiss.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Op alle Fall, mengen ech, den Här Liesch huet Iech d'Äntwerten all ginn. Dir hat nach eng zweet Fro, Här Meisch.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Jo. Déi ass awer kuerz dës Kéier. Nieft engem grouse Restaurant op der Maartplaz ass elo nach e gréissert Kannergeschäft an der Grousstrooss, an engem Lokal vun der Gemeng am Déifferdenger Zentrum zougaangen. Leider. Stoung dat am Zesummenhang domat, datt de Parking Reggio elo zougaangen ass, also net méi verfügbar ass fir de grand Public? Respektiv, dass de Parking an der Grousstrooss, dee soll kommen, fréistens an e puer Joer operationell ass? Oder dass dat neit Parkplazekonzept vläicht net gräift? Wat waren do d'Ursaachen? Ass do eppes gewuer ze ginn?

An an deemselwechte Kontext: Wou si mer dru mat engem Konzept, wat mat den eidele Lokaler an Déifferdeng geschéie soll? Et gi permanent eidel Lokaler opkaf, wat mer begrëssen. Da gëtt weiderverlount a kuerz duerno erëm zougemaach. Dat gesäit net no enger laangfristeger Iddi an deem Beräich aus. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Mir gesinn d'Locatairin vun deem Lokal e Freideg am Schäfferot. Dat

heescht, den nächste Gemengerot kann ech Iech méi genau drop äntwerten, firwat déi Decisioun gefall ass, dat Geschäft do zouzemaachen.

Dat anert, mengen ech, hunn ech scho während dräi, véier Gemengerotssitzunge gesot, datt mer dru schaffen. An Dir wäert virun der grousser Vakanz eng Propos gemaach kréien.

Här Diderich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

D'leschte Kéier hat ech eng Fro gestallt, wat de Restaurant op der Maartplaz ugeet. Wou Der och gesot hutt, de Locataire gesi mer e Freideg. An Dir géift eis am nächste Gemengerot méi soen. Kënnt Der dat vläicht elo maachen?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Schwätzt Dir vum fréieren Autre Part?

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Nee, vum fréieren Ikkuvium.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Mir kréie bis elo nach ëmmer eise Loyer. Mir hunn de Locataire gesinn. An deem ass am Gaang ze kucken, ob en iwwerhaupt nach soll opmaachen oder ob en e Repreneur fënnt, fir erëm opzemaachen.

(Interruption)

Jo. Mat eis ...

(Interruption)

Jo, wann en d'Sociétéit géif – et ass eppes mat Sociétéit. Iwwer dat anert Lokal wäert ech an der netëffentlecher Sitzung mat Iech driwwer schwätzen.

Här Altmeisch, w.e.gl.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. Am Punkt sechs vum Ordre du jour behandle mer de Kaf a Verkaf am Numm vun der Gemeng. Mir kënn do eis Sitzung vum 12. September 2018 an Erënnung. An där Sitzung hate mer iwwer e Compromis d'achat ofgestëmmt tëschent der Gemeng an der Société SCI Des Carrières betreffend en Terrain vu 65 Hektar a Frankräich, zu Zounen, zum Präis vun 1.318.000 Euro. Ech wollt froen, wou dëse Compromis, no bal sechs Méint, drun ass. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dir kritt ganz gär eng Äntwert. Ech laachen, well et elo bis op Paräis gaangen ass. D'Fransouse fäerten, datt mer d'Bastille stierme wëilten, awer op eng aner Manéier. Si hätte besser, op d'Chinesen opzepassen. Här Liesch, kënnst Dir eis dozou e puer Erklärungen ginn?

(Interruption)

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Effektiv, ech hätt net geduecht, dass dat esou komplizéiert wär. Ech hat virun der Fuesvakanz e Rendez-vous mam Ambassadeur de France, dee sech déi Saach ukucke kann. Dat huet elo wierklech grouss Kreesser gezunn. Den Ambassadeur war gefrot ginn, fir en Avis ofzeginn zu deem heite Projet. Dass zwou Lëtzebuerger Gemengen en Terrain a Frankräich kafe wëilten. Mir hunn em de Projet erkläert. E war bei eis komm an och an d'Gemengen Herserange, Saulnes an Hussigny, mat hinne zesummen, mat de Buergermeeschteren. De Mann war super begeeschtert. E sot, mir géifen hei Europa am Kleng liewen an dat wär absolutt begreissenswäert. An e géif och e ganz positiven Avis iwwer dee Projet schreiwen. Dat ass dann elo emol geschitt.

An der Tëschenzäit huet sech awer och de Responsabele vun der Agglomération de Grande Région vu Longwy gemellt. Deen och dorop opmierksam ginn ass. Deen dunn och komm ass. Deem mer dann och nach eng Kéier alles erkläert hunn. An deem ass och immens begeeschtert. An en huet gefrot,

ob en an déi ASBL TNT en Delegéierte schécke kéint, als Observateur. Fir ze gesinn, wat reell an deem Projet géif geschéien, wat een dorausser wëll léieren. A Konklusiounen zéien, vläicht fir aner transfrontalier Projeten, well en déi Iddi och absolutt begreissenswäert fënnt.

Doropshin hunn ech eiser Ministesch e Mail gemaach, fir dat do emol ze erklären an ze soen, et wär jo awer gutt, wa vu franséischer Säit en Observateur an där ASBL wär, ob eise Ministère sech dann och kéint virstellen, do een Observateur hinzeschécken. Dass mer dann e Pendant am Fong hätten zu där franséischer Säit. Dorop hunn ech elo nach keng Äntwert kritt.

Parallel dozou leeft, mat Notairen aus Frankräich, d'Finaliséierung vum Akt. Fir ze kucken, a wéi enger Form den Akt elo kann ënnerschriwwen ginn. Do sinn nach e puer Hürden ze huelen.

A Frankräich ass d'Prozedur e bëssen anescht erswéiert hei zu Lëtzebuerg. A Frankräich geet et e bëssen anescht. Ech fänken esou lues un, an déi Matière eranzekommen. Dee ganze Schutz vun de Bauerebetriber a Frankräich ass enorm staark. Vill, vill méi staark wéi hei zu Lëtzebuerg. Wat ech eigentlech an der Saach begreissen. Si schützen d'Bauern an d'Terrainen, déi d'Bauern hunn, enorm.

Do gëtt et eng Safer (Société d'aménagement foncier et d'établissement rural), déi huet e Virkafsrecht. Déi kann och do mat diskutéieren a mat decidéieren. A mat deene si mer an Diskussioun. Well si musse verstoen, a wëllen och verstoen, wat mir mat deem Terrain do wëllen hunn. Net, dass mir op eemol eng Concurrence déloyale maachen oder e Projet maachen, deen de Bauerebetriber schuede kéint. Dat si mer am Gaang ze erklären. Dat ass jo net de Fall. Dat ass guer net eis Volontéit, fir dat ze maachen. An dee Prozess si mer elo am Gaang, do si mer matzen dran.

Leider kann ech Iech net soen, wéini mer domat elo definitiv an de Gemengeterrot kommen. Ech kréien all Woch eng nei Noriicht, dass iergendeppes erëm geännert huet. Ech mengen, hei brauche mer elo einfach e bësse Geduld, bis mer duerch de Bësch sinn. Fir

GUY ALTMEISCH (LSAP) rappelle que le 12 septembre 2018, le conseil communal a approuvé un compromis d'achat avec la société SCI pour l'acquisition de 65 ha en France au prix de 10 318 000 €. Où en est-on six mois après ?

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

plaisante sur le fait que cette affaire est remontée jusqu'à Paris. Les Français semblent craindre que Differdange veuille prendre la Bastille. Ils feraient mieux de se méfier des Chinois.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)

ne pensait pas que ce projet allait être aussi compliqué. Avant les vacances de carnaval, il a rencontré l'ambassadeur de France. Celui-ci s'est rendu à Differdange, Herserange, Saulnes et Hussigny, et s'est déclaré enthousiaste de ce projet européen. Il a donc remis un avis positif.

Ensuite, c'est le responsable de l'agglomération de la grande région de Longwy qui est intervenu. Lui aussi est enthousiaste. Il a demandé de dépêcher un observateur auprès de l'ASBL TNT pour savoir ce qu'il en est concrètement. Le collègue échevinal a alors décidé de demander à la ministre de dépêcher un observateur à son tour. Mais Georges Liesch n'a pas encore reçu de réponse.

Parallèlement, l'acte est en train d'être finalisé avec des notaires en France. La procédure est un peu différente en France qu'au Luxembourg. Georges Liesch commence à s'y connaître. La protection des entreprises agricoles y est beaucoup plus développée, ce qui est une bonne chose.

Dans ce cas précis, une Safer dispose d'un droit de préemption et veut comprendre ce que Differdange veut faire du terrain en question. Elle souhaite s'assurer que les entreprises agricoles ne seront pas confrontées à de la concurrence déloyale.

Georges Liesch n'est pas encore en mesure de dire au conseil communal quand le projet sera finalisé. Les choses évoluent de semaine en semaine. L'échevin se dit amusé de voir le beau monde qui vient à Differdange dans le cadre de ce dossier.

Questions

Pour le collègue échevinal, la carrière et les forêts sont importantes.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

clôture la séance publique. Il rappelle que la prochaine séance aura lieu le 3 avril.

eis ass dat och Neiland. Esou oft hate mer dat do nach net. A mir léieren hei och all Woch e bësse bäi.

Mä et ass awer e spannenden Dossier, wann een op eemol mierkt, wien alles op Déifferdeng kënnt, fir sech dat unzekucken. Duerfir schmunzele mer schonn ëmmer, wann erëm eppes Neies kënnt zu deem Projet.

Mä et ass nach ëmmer en interessante Projet. Et geet jo drëm, dass mer haupsächlech déi Carrière ënne kréien an op der rietser Säit déi Bëscher. Dat ass emol dat, wat eis am meeschten inter-

esséiert. A wa mer uewen déi Lännereie géife kréien, wou ee guer net vu Frankräich drop kënnt, den Accès ass nëmme vu Lëtzebuerg méiglech, da mengen ech, kéinte mer do eppes maachen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Nach Froen? Da maache mer déi ëffentlech Sitzung zou. Ech soen Iech Merci, Madamm, datt Der esou laang hei bliwwe sidd. Déi nächst Sitzung ass den 3. Abrëll. Da kënnt Der Iech dat schonn opschreiwen.

DÉMARCHES ADMINISTRATIVES : CARTE D'IDENTITÉ BIOMÉTRIQUE

La détention d'une carte d'identité est obligatoire pour toute personne de nationalité luxembourgeoise âgée 15 ans au moins et ayant sa résidence habituelle dans une commune luxembourgeoise. Pour les Luxembourgeois de moins de 15 ans, la carte d'identité n'est pas obligatoire, mais elle est délivrée sur demande. En revanche, elle est obligatoire pour les mineurs si vous quittez le Luxembourg.

La demande doit être impérativement effectuée par l'intéressé lui-même. Pour les mineurs, la présence d'un des parents ayant le droit de garde ou du tuteur légal est obligatoire. La photo sera prise directement à la commune au moyen de l'équipement y installé conforme aux normes de l'OACI.

Le délai normal de délivrance des cartes d'identité est en principe de dix jours ouvrables à partir du jour de la demande. La date exacte vous sera communiquée lors de la demande. Tout citoyen majeur pourra disposer sur sa carte d'identité de deux certificats lui permettant :

- de signer électroniquement ses documents et transactions en ligne, avec une valeur légale équivalente à une signature manuscrite ;
- de se connecter de manière sécurisée à de multiples applications électroniques et privées en ligne.

L'activation des certificats est optionnelle et la décision y relative est prise au moment de la demande.

Le montant à régler à l'avance pour la délivrance d'une carte d'identité est de

- 14 € pour une carte d'identité valide 10 ans (titulaire de plus de 15 ans) ;
- 10 € pour une carte d'identité valide 5 ans (titulaire entre 4 et 15 ans) ;
- 5 € pour une carte d'identité valide 2 ans (titulaire de moins de 4 ans) ;
- 45 € pour une procédure accélérée ;

et est à verser sur le compte-chèques postal luxembourgeois du Centre des technologies de l'information de l'État suivant :

- Numéro de compte : IBAN LU44 1111 7028 7715 0000 ;
- Nom du bénéficiaire : TS-CE CTIE Cartes d'identité B. P. 1111 L-1011 Luxembourg ;
- Code BIC : CCPLLULL ;
- Communication : nom(s) et prénom(s) des personnes concernées.

Au moment de la demande sont à produire :

- la carte d'identité périmée ou une déclaration de perte/vol établie par la police ;
- la preuve de paiement de la taxe indiquée ci-dessus (copie de virement).

Les cartes d'identité actuelles resteront valables jusqu'à leur date d'expiration et ne seront renouvelées qu'aux conditions suivantes :

1. À l'expiration de la période de validité stipulée sur la carte (moins de trois mois) ;
2. En cas de déménagement (également à l'intérieur de la commune) ;
3. Lorsque la photographie du titulaire ne correspond plus à sa physionomie actuelle ;
4. Lorsque la carte a été perdue, volée ou détériorée ;
5. En cas de changement de nom(s) ou de prénom(s) et en cas d'ajout ou de retrait du nom du conjoint vivant ou décédé ;
6. En cas de changement du numéro d'identification.

DÉMARCHES ADMINISTRATIVES : INSCRIPTIONS ET DÉMÉNAGEMENTS

Changement d'adresse

Le changement d'adresse doit se faire dans les huit jours de l'arrivée sur le territoire de Differdange. Les documents à présenter sont :

- une pièce d'identité valable ;
- l'attestation d'enregistrement, l'attestation de séjour permanent ou la carte de séjour ;
- les actes de naissance des enfants (ou le livret de famille) ;
- le livret de famille ou l'acte de mariage ;
- la preuve écrite d'un logement (contrat de bail/autorisation d'habitation).

Après la déclaration d'arrivée, veuillez vous présenter auprès du service clients pour faire la demande pour les poubelles ainsi que pour l'obtention d'une carte de recyclage.

Les détenteurs de chien doivent obligatoirement déclarer leur chien auprès du service clients. Un certificat d'une compagnie d'assurance attestant la couverture des garanties de la responsabilité civile ainsi que le certificat d'un vétérinaire agréé sont nécessaires pour la déclaration. Pour la déclaration des chiens susceptibles d'être dangereux et reconnus comme tels par la loi (loi et règlements du 1.6.2008), une procédure spéciale règle la déclaration en deux phases.

Changement d'adresse sur le territoire de Differdange

Tout changement de résidence à l'intérieur de la commune de Differdange est à déclarer impérativement au service Biergeramt sur présentation d'une carte d'identité valable, le cas échéant de l'attestation d'enregistrement ou de la carte de séjour de membre de la famille d'un citoyen de l'Union européenne, et d'une preuve écrite de logement (contrat de bail/autorisation d'hébergement).

À noter que pour un déménagement à l'étranger, la déclaration de départ dans notre commune reste obligatoire.



L'ESSENTIEL DURIRE

DIFFERDANCE
COMEDY FESTIVAL

AALT STADHAUS
4-10 NOVEMBRE 2019

. GUILLERMO GUIZ .
. ELODIE POUX .
. DEDO .

. FARAH . FREDDY TOUGAUX .
. FLORENCE MENDEZ . AHIR SHAH .
. FUNKY FAB . MANON LEPOMME .
. HARRIET KEMSLEY . DENIS RICHIR .
. DEEPU DILEEPAN . LAURENCE DOMENGE .
ET BEAUCOUP D'AUTRES

INFOS, TICKETS & ABONNEMENTS
WWW.LESENTIELDURIRE.COM

ORGANISATION

CENTRE CULTUREL RÉGIONAL
AALT STADHAUS
Differdange

 Ville de
Differdange

SPONSOR PRINCIPAL


L'
essentiel

Fräien Entrée



VIROWEND
NATIONAL
FEIERDAG

၁၈၈၆ ခုနှစ် ဇွန်လကပင် နေပြည်တော်သို့

20H20 **STROOSSENARTISTEN**
20H10 **CHOCO Y SU SEXTETO**
21H15 **SOUL FAMILY**
20H30 **DJ PACKO GUALANDRIS**

expenses

19H30 **TE DEUM** (JULIEN KOURILSKY)
19H45 **RASSEMBLEMENT CORTÈGE**
(BARON AGOASQUÉ / JULIEN NOTI-KRUMER)
19H30 **START VUM CORTÈGE**

www.dfi.nl

20H00 **RIED VUM BUERGERMEESCHTER**
20H15 **VOCALS ON TOUR**
23H00 **LES GAVROCHES**

Moartplaz a
FoussgängerzoneVila de
Differdange